



# GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL DU 28.02.2020





# SOMMAIRE

<b>RAPPORT SOMMAIRE EN FRANÇAIS</b>	<b>03</b>
<b>1. APPROBATION DU TABLEAU DE PRÉSENCE</b>	<b>04</b>
<b>2. MISE EN PROCÉDURE D'ADOPTION DU PROJET D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG)</b> de la Ville de Dudelange suivant dispositions de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, dossier comprenant:	<b>06</b>
<ul style="list-style-type: none"><li>• la fiche de présentation</li><li>• l'étude préparatoire</li><li>• la partie écrite du Projet d'Aménagement Général</li><li>• la partie graphique du Projet d'Aménagement Général</li><li>• le rapport sur les incidences environnementales élaboré conformément à la loi modifiée du 22 mai 2008 relative à l'évaluation des incidences de certains plans et programmes sur l'environnement</li><li>• et uniquement pour information, la décision de notre collège des bourgmestre et échevins portant mise en procédure d'adoption du Projet d'Aménagement Particulier « quartier existant » (PAP QE)</li></ul>	
<b>3. MODIFICATION PONCTUELLE DU PAG « RUE MARCEL SCHMIT »</b>	<b>47</b>



# RAPPORT SOMMAIRE

## SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU 28.02.2020

**Présents :** Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Henri Glesener ; Madame Romaine Goergen ; Monsieur Vic Haas (seulement pour le point numéro 1 de l'ordre du jour) ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Monsieur Claude Martini ; Madame Emilia Oliveira ; Messieurs Jos Thill et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.

**Absente :** Madame Sylvie Andrich-Duval, conseillère, excusée.

Début de la séance à 8.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

En début de séance, Monsieur le bourgmestre procède à l'assermentation du nouveau conseiller communal Monsieur Jos Thill pour le parti « Déi Lénk », appelé à siéger au conseil communal en remplacement de Monsieur Yves Jadin, démissionnaire. La parole est de suite donnée à Monsieur Thill qui tient son discours inaugural. Suit la liquidation de l'ordre du jour.

### 1. TABLEAU DE PRÉSENCE

Le nouveau tableau de préséance du conseil communal, dressé comme suite à l'entrée en fonctions de Monsieur Thill, est approuvé à l'unanimité.

### 2. AMÉNAGEMENT COMMUNAL – REFORTE DU PLAN D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL (PAG) – MISE EN PROCÉDURE

Le conseil communal marque avec 16 voix et une abstention, son accord, sur la base de l'article 10 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain, à la mise en procédure du projet de refonte du Plan d'Aménagement Général (PAG) de la Ville de Dudelange, présenté par le collège des bourgmestre et échevins et élaboré par le bureau d'études « Zeyen & Baumann » de Luxembourg-Bereldange et sur l'évaluation stratégique environnementale comprenant le rapport des incidences environnementales « Umweltbericht - SUP Phase 2 », élaboré par le bureau d'études « Oeko-Bureau » de Rumelange.

### 3. AMÉNAGEMENT COMMUNAL

Unanimentement, le conseil communal décide d'arrêter la procédure de modification ponctuelle du Plan d'Aménagement Général (PAG) concernant un reclassement de fonds sis « rue Marcel Schmit » puisque ce projet de modification ponctuelle n'est pas conforme au projet de refonte du Projet d'Aménagement Général (PAG) dans le sens où la « zone d'habitation de faible densité » prévue dans la partie graphique de la modification ponctuelle ne figure plus dans le projet de refonte du Plan Aménagement Général (PAG).

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.





## GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 28.02.2020

### DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, léiwe Jos, nodeems mer jo am viregte Gemengerot eng nei Gemengeconseillère wëllkomm geheescht hunn, ass et lo haut un eis, fir Dech wëllkomm ze heeschen. Léiwe Jos, ab haut wou's De vereedelegt gëss, bass de Member vum Diddelenger Gemengerot. Ech mengen dass dat heiten eng Instanz ass, déi Dir net inconnu ass, well s De jo schonn d'Méiglechkeet has, Dech an d'Aarbechte vum Gemengerot anzebréngen déi lescht Legislaturperiod. An ech mengen och, dass De ganz genau weess, wéi mir alleguerten hei iwwert d'Bänken hei ticken a mir och wëssen, wéi's Du ticks. Op alle Fall ass dat heiten e flotte Moment, well's Du Dech haut an den Déngscht setz vun der Diddelenger Gemeng an och dozou kanns mat bäidroen, dass déi Stad sech weiderentwéckelt. An haut ass jo keen onwichtige Moment, wou et ëm d'Zukunft an d'Entwécklung vun der Stad Diddeleng geet. Du bass jo scho laang derbäi, an d'Leit hei banne wëssen alleguerten dass Du Deng Propositionen ëmmer ganz sachlech preparéiert hues, ouni polemisch virzegoen. Dat ass eppes wat ëmmer méi Seelenheetswäert an der Politik kritt, dofir ëmmer méi appreciabel, dass Du dese Wee aschléiss. Dass et wichteg, ass, wann eppes gutt ass, dass Du et sees, a wann eppes net gutt ass, dann och, mee op eng ganz propper a sachlech Aart a Weis.

Fir dat awer och kënne weiderzeféieren, hei an deser Instanz am Numm vun der Gemeng Diddeleng an am Numm vun den Diddelenger Bierger, musst Du Däin Eed ofleeschten, andeem Däi Virgänger seng Demission ragereecht huet, an Du bass natierlech och vum Interieur ugeschriwwen goufs, ob's Du bereet wäers, dee Posten als Gemengeconseiller hei unzuhuelen. Dat hues Du och dankend gemeet, dofir stees De haut hei. Dofir géif ech Dir dann den Eed virlesen, an ech géif Dech bieten, déi riets Hand ze hiewen an ze soen: „Je le jure“. An den Eed ass: „Je jure fidélité au Grand-Duc, d'observer la Constitution et les lois du pays, et de remplir avec zèle, exactitude, intégrité et impartialité les fonctions qui me sont confiées“.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Je le jure.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Häerzlech wëllkomm.

## I. APPROBATION VUM TABLEAU DE PRÉSENCE

### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Leif Kolleeginnen a Kolleegen, aus dem Gemengerot, nodeems mir lo d'Veereedegung virgeholl hu vum Jos Thill, géif ech lech proposéieren, dass mer op den Ordre du Jour vum Gemengerot iwwerginn, wou d'Sylvie Andrich-Duval sech krankheetshalber entschëllegt huet. A wou et jo awer och op där anerer Säit jo ëmmer eng Traditioun ass, wann e Gemengeconseiller nei vereedelegt gëtt, dass mir him d'Wuert ginn, fir dass hie ka säin „Maiden Speech“, obwuel dat beim Jos Thill, schonn eriwwer ass, well hien hat jo schonn eng Kéier d'Méiglechkeet, säi „Maiden Speech“ ze ginn, mee awer nach eng Kéier e puer Wiederer un des Assistance ze riichten. Jos, ech ginn Dir ganz gären d'Wuert.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci Här Buegermeeschter. Also „Maiden“ ass et jo net méi ganz, well ech jo schonn eng Kéier hei war, et ass net méi sou jungfräulech. Här Buegermeeschter, dir Dammen an Häre vum Schäfferot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn awer frou an e puer Wiederer kënnen duerzeleeë wat meng Haaptuleiessen an der Aarbecht hei am Gemengerot sinn. Als éischt ass mer ganz wichteg de gesellschaftlechen Zesammenhalt. Eng Gesellschaft fonctionéiert nëmme gutt, wann och déi, déi manner gutt dru sinn, eng Chance hunn, sech ze integréieren. An do si mer leider an enger Situatioun, souwuel weltwäit, wéi hei zu Lëtzebuerg, wou d'Inegalitéiten téschent Räich an Aarm zouhuelen. D'Gemenge spille do eng ganz wichteg Roll, well se verschidde vun deenen Ongläichheeten kënnen opfänken. An deem Sënn sinn ech och frou iwwert all déi Saachen, déi d'Gemeng Diddeleng scho mécht.

A souwäit, wéi ech dat kann, wäert ech och bäidroen, weider an deem Sënn ze schaffen. Eppes wat déi Inegalitéiten hei am Land méi grouss mécht, dat ass d'Wunnensproblematik. An e bësse wat domat zesummegeet: den Urbanismus an d'Mobilitéit. Op déi Themaer komme mer nach ze schwätzen, dofir erwänen ech dee Punkt just hei an ech gi bis herno driwwer ewech. En drétt Uleies, dat ass säit ech fir d'éischt an dem Gemengerot war, 2016 an 2017, leider méi komplizéiert a méi schwierig ginn. Ech si scho laang Member vum Lëtzebuerger Aktiounskomitee géint d'Atomenergie. An d'Evolution vum der Nuklearzentral zu Cattenom, Kettenhewen op Lëtzebuergesch, déi mécht mer keng Freed. Antéschent hunn déi franséisch Instanzen decidéiert, datt déi Atomzentral géif dréine bis 2035. Dat si 50 Joer am ganzen. D'franséisch Regierung huet zwar decidéiert, nach ënnert dem François Hollande, datt den Undeel vun Energie dee se aus dem Nucleaire kréie,



gëif progressiv vun 72 % op 50 % erfogesat ginn. Mee bei deenen 8 Sitte vun Nuklearenergie, déi se nennen, wou dat da soll geschéien, ass Cattenom net erwäant. An ausserdeem huet d'Regierung decidéiert, datt op Sitten, wou 4 Bléck, 4 Reaktore stinn, der jeeweils nëmme 2 géifen ofgeschalt ginn. Also sou, wéi et elo ausgesäit, wäerte vun den Reaktore vu Kettenhewen, der 2 weider fonctionéieren, och nach no 50 Joer. An ech fannen dat ass wierklech eng direkt Gefor. Natierlech fir eist ganz Land, mee haaptsächlech fir Diddeleng, well sou wäit si mir net vu Kettenhewen ewech. Här Buergermeeschter, Dir sidd Member vum CLI, vun der Commission Locale d'Information sur le site de Cattenom als Vertrieeder vum Syvicol. An ech géif et eigentlech eng gutt Iddi fannen, wann och de Gemengerot kéint vun Zäit zu Zäit informéiert ginn, wat an dem CLI do iwwert d'Zukunft vun den Atomzentralen erzielt gëtt.

E weidere Punkt an deem Kontext ass, datt ech mer Méi ginn, net nëmme géint eppes ze sinn, mee och bei Alternative matzeschaffen. Do gefält mer d'energetesch Konzept vum neie Quartier NeiSchmelz ganz gutt. An d'Diddelenger Gemeng huet och e Solarkadaster erstelle gelooss. Wann ech mer zu deem Punkt kéint e Virschlag erlaben, dann dee Solarkadaster um Site vun der Gemeng méi visibel ze maachen. Well wann een net weess, datt en existéiert, ass et relativ schwéier, en ze fannen. An natierlech weider Engagement vun der Gemeng, wat Solarenergieprojeten an aner alternativ Energieprojeten ubelaangt. An da vläicht e véierten a leschte Punkt. Lëtzebuerg huet opgehale – wann et dat jee war – eng Insel ze sinn. Also dat wat bei eis geschitt, hänkt ëmmer méi vun der Groussregioun of. Och dat wat mir decidéieren, dat wierkt op d'Groussregioun. Mer musse vill méi, fannen ech, iwwert d'Grenzen ewech denken. An ech géif et an deem Kontext eigentlech och eng gutt Iddi fannen, wa mer op enger informeller Basis, also dëse Gemengerot, wat weess ech, eis all zwee Joer mat de Gemengeréit vun de franséschen Nopeschgemengen treffe fir en Iddien-austausch ze hunn.

Ech kommen zum Schluss. Ech sinn, wann ech dat sou ka soen, e Parteipolitiker, mee nëmme an engem gewësse Sënn. Also ech hu schonn, wéi déi Lénk, kloer Iddien, ech stinn och zu deenen Iddien. Ech probéieren déi och sachlech virzedroen. Ech si kee Parteipolitiker am Sënn datt et mer wichteg wär, wou dee lénke Fändel drop pecht. Also et ass mir eigentlech egal, wat fir e Fändel op engem Projet hänkt, wann de Projet just an déi richteg Richtung geet. An an deem Sënn mengen ech, hunn ech an der Vergaangenheet konstruktiv hei matgeschafft. An ech wëll och an Zukunft an deem Sënn hei konstruktiv weider matschaffen. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Thill fir Är Wierder, Är Prioritéiten. A mir freeën eis hei op eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat lech am Interêt vun den Diddelenger Bierger an och am Interêt vun der Diddelenger Gemeng. An ech mengen, déi Saachen, déi ech lo gesot hunn, ech wëll déi net kommentéieren. Et wäert déi eng oder aner Geleeënheet ginn, och drop deementspriedend zrëckzekommen. Ech wëilt hei vun der Geleeënheet nach profitéieren, vu dass jo deen nächste Gemengerot de 27. Mäerz ass, a bis dohinner keen ass, wëilt ech dann de Gemengerot informéieren, d'Press huet et jo och scho bruecht, dass ab de 16. Mäerz de Gemengesyndikat bei alleguerten deene gewielte Vertrieeder, sief et Schäfferéit oder Gemengeréit, jo eng Ëmfro wëll maachen, wat seng Orientéierung, respektiv seng Prioritéiten ugeet.

Et wäerten alleguerten d'Gemenge vum Syvicol ugeschriwwen ginn. Mir wäerten dat natierlech och ab de 16. Mäerz un den Diddelenger Gemengerot weiderleeden. An einfach vun dëser Plaz aus e waarmen Appell un alleguerten hei déi gewielte Gemengeconseillèren a Gemengeconseillèren, einfach bei dëser Ëmfro matzemaachen. Well net méi spéit da wéi zwee Méint duerno, de 16. Mee, wann dann d'Journée des Elus ass zu Mamer, da wäerte mer natierlech och d'Resultat presentéiert kréien. Et ass wichteg ass, dass mir do Réckmeldunge kréien, fir dass och de Syvicol, deen am Interêt vun de Gemengen handelt och dann entspriedend sengen Aufgabe weider ka gerecht ginn, respektiv och déi Erwaardungen, déi déi Gemengegewielten un de Syvicol hunn, dass mir och déi da kënnen am Interêt vun de Gemengen ëmsetzen. Dofir e waarmen Appell un lech, fir do matzemaachen.

Dëst gesot, et ass awer och eng Traditioun, wann en nei Gewieltenen hei opgeholl gëtt, dass den Tableau de Préséance rëm eng Kéier e bësse wiesselt. Do gesäit een dann och, wéi d'Anciennetéite sinn. Ass de Gemengerot mat deem Tableau de Préséance, sou wéi en en hei virleien huet, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci.



## **2. MISE EN PROCÉDURE D'ADOPTION VUM ALLGEMEINE BEBAUUNGSPLANG (PROJET D'AMÉNAGEMENT GÉNÉRAL - PAG) VUN DER STAD DIDDELENG NO DE BESTËMMUNGE VUM GEÄNNERTE GESETZ VUM 19. JULI 2004 IWWERT DEN AMENAGEMENT VUN DE GEMENGEN AN D'STADENTWÉCKLUNG**

### **DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):**

Da géife mer op de Plat de Résistance vun haut eriwergoen. Dat ass d'Mise en procédure vun eisem neie PAG, wou mer haut wäerten d'Presentatioun maachen, respektiv dann och den éischte Vott. Dat heescht deementspreechend d'Saisine. Et ass also e ganz wichtige Moment fir dese Gemengerot, e ganz wichtige Moment fir d'Stad Diddeleng. Well mer iwwert de PAG d'Weihe setze vun der zukünftiger Entwécklung vun der Stad Diddeleng. Ënnert wéi enger Form wëll sech déi véiertgréisst Stad hei am Land weiderentwéckelen? Dat si wichtig Instrumenter déi mir hei hunn. Dat ass och weeweisend, wéi mir eis op verschidde Niveaue wëlle weiderentwéckelen an och weider plangen. Et wees een awer och – an Dir hat sécherlech Geleeënheet an deene leschten Deeg, ze gesinn, wéi villschichteg an och wéi komplex de Plan d'Aménagement Général ass. Do si ganz vill Parameteren, ganz vill Elementer, ganz vill Consideratiounen, déi een a Betruecht muss zéien, wann een un der zukünftiger Planung vun eiser oder vu senger Stad, sou wéi een et wëll formuléieren, wëll plangen. An dofir hu mir och net vun ongeféier, fir där Aufgab gerecht ze ginn, a fir och dee Projet vum PAG, deen Dir hei virleien hutt, ass en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff ginn, deen eng ganz wichtig an och intensiv Viraarbecht geleeicht huet. En Aarbechtsgrupp, dee sech ganz oft a laang getraff huet. Et ware vill Stonnen, wou mer zesummesouzen a wou am Fong all Partei, déi hei am Gemengerot ass, dra vertrueden ass. An ech wëll och vun deser Plaz aus Merci soen deene Verrieder, déi am Aarbechtsgrupp waren an och fir déi uschléissend Diskussioun, déi lo hei stattfënnt, fir déi ganz konstruktiv, parteiwwergräifend Aarbecht, déi hei geleeicht gouf. Et war gutt esou zesummenzeschaffen. Et war flott esou zesummenzeschaffe mat deem Austausch, dee mer am Aarbechtsgrupp haten. An dee Merci riicht sech nieft de Memberen vum Aarbechtsgrupp awer och un eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter aus dem Service Technique wéi awer och un de Planungsbüro Zeyen + Baumann, wéi

awer och un ÖKO-Ber Viraarbecht. Ech wëllt awer och vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Rei Intervenanten déi am Laf vum Mueren hei wäerten an Erscheinung trieden ze begréissen. Engersäits D'Chantal Zeyen vun eisem Planungsbüro Zeyen + Baumann, de Romain Molitor vu Komobile, eis Mataarbechterin Eva Gottschalk, Cathy Mambourg an den Tom Bernard aus eisem Service Technique an och den Här Hans-Walter Wonn, deen och nach wäert am Laf vum Mueren antriede vun ÖKO-Büro.

Ech wollt och nach präzisieren, ab haut, wou mir jo d'Saisine huelen, den éischte Vott bis zum Vott définitif vum PAG plusminus 12 Méint wäerten am Gaang sinn am Kader vun där ganzer Prozedur. Also de PAG wäert eis nach dat ganz Joer 2020 beschäftegen, dat also hei schon de Message, wéi et wäert weidergoen. Den aktuelle PAG, deen nach en Vigueur ass bis an e puer Stonnen, wann deen neien dann en Vigueur ass. Deen ass vun 2002. De 4. Februar 2002 gouf deen definitive Vott geholl, a gouf vum Interieur den 2. September 2003 approvviert. Et ass jo sou, dass dat ënnert der Prämiss vun enger Mouture vum 1937er Gesetz deementspreechend och war. An e wäert och während der ganzer Prozedur nach en Vigueur sinn. Och wa mer deen neie PAG an d'Prozedur schécken, wou dann och déi méi restriktiv Dispositiounen spillen. De PAG dee mir haut stëmmen, um Niveau vun der Orientéierung, deen orientéiert sech um Gesetz vun 2004, vum Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain. Ech mengen dat ass dat, wat hei maassgebend ass, respektiv awer och d'Gesetz vun 2018 ronderëm déi strategesch Ëmweltpräiwung. Déi zukünftige Ausrichtung vun eisem PAG fousst natierlech engersäits och op deenen Entwécklungen, déi mir als Stad Diddeleng déi lescht Jore matgemaach hunn. Dofir hu mir och hei déi Etude préparatoire, déi feste Bestandteil ass, an och déi aktuell Situatioun beliicht. Awer och d'Entwécklungskonzepter, an d'Schémas directeurs.

An an deem Kontext, als véiertgréisst Stad, ass et net onwichtig, dass mer och déi regional an national Kontexter a Betruecht zéien. Well mer och am Kader vum Aménagement du Territoire eng CDA-Gemeng, e Centre de Développement et d'Attraction, sinn. An och déi Evolutiounen um regionalen an nationalen Niveau, déi Parameteren sinn och a Betruecht ze zéien am Kader vun deser Entwécklung vun der Stad Diddeleng, sou wéi och natierlech d'Plans sectoriels. Et ass net nëmmen, an dat ass virdru schon ernimmt ginn, dass mir iwwert den Tellerrand erauskucken och vun der Stad Diddeleng. Do wou mer haut stinn, dat beaflosst natierlech och, wou mer hiwëllen, a wou mer en Ausbléck maachen op „Dudelange en chiffres“, wou mer haut stinn. Op Januar 2020 hat d'Stad Diddeleng 21.275 Awunner. A wann een



e bëssen, d'Demographie, d'Populationsstruktur kuckt, do gesäit een dass d'Moyenne d'âge 41 Joer ass, wat eng zimmlech jonk Populatioun ass. Wann ee kuckt, bei der Lëtzebuergescher Populatioun ass se bei 42, bei Net-Lëtzebuenger ass se bei 39,5 wann een e bëssen opronnt. 60% Lëtzebuenger, 40% Net-Lëtzebuenger, dat spigelt dat erëm. A mir hunn ëm déi 8513 Menagen. Dat gëtt e klenge Feeling, wéi mir demographesch opgestallt sinn. Och wa mer mierken, dass mir dass an deene leschte Jore ganz vill jonk Familljen de Wee op Diddeleng fonnt hunn. Wat awer och dës Stad ausmécht, dat ass, dass mer am Fong als Stad Diddeleng 10 verschidde Quartieren hunn, déi hir eegen Identitéit hunn. Eng staark Identitéit hunn. Sief dat Bireng, Butschebuerg, déi méi e rurale Charakter hunn. Sief dat Quartier Italien, Schmelz, Brill, déi duerch d'Industrialiséierung entstanden ass, oder e Quartier Ribeschpont, dee méi residentielle Charakter huet, also am Fong déi verschidde Configuratiounen, déi fënnt een an eiser Stad Diddeleng erëm, an déi maachen och eis Stad Diddeleng aus. A wann een och kuckt, vun der Bevölkerungsstruktur an och vun der Densitéit, ass natierlech den Zentrum vun der Stad Diddeleng mat ronn 20% Awunner, déi mir hei hunn, dee Quartier, deen am dichtste bewunnt ass, deen och ee Fënneftel vun der Diddelenger Populatioun ausmécht. Ma wat awer och Diddeleng ausmécht. Dat ass och d'Spiegelbild national.

Lëtzebuerg ass e Land vun den Proprietären, do si mir e bëssen anescht opgestallt wéi eis Nopeschlänner oder eng Rei aner europäesch Länner. Dat spigelt sech och op Diddeleng erëm, wa gutt 73% vun den Awunner Proprietär si vun hirem Logement, also gutt  $\frac{3}{4}$ . An do ass natierlech och net onwichtig, dass an der nächster Zukunft NeiSchmelz och d'Méiglechkeet bitt, fir och aner Projeten. Dass mer och méi an de Locatif ginn, fir dass mir och deenen Leit, déi sech net hir eege véier Wänn leeschte kënnen, dass mir deenen och d'Méiglechkeet ginn, fir hei zu Diddeleng wunnen ze kënnen. Wat awer och eng Stärkt ass vun dëser Stad, ass dass d'Durée moyenne vun deene Leit déi hei wunnen, am Joer 2019 geschat gouf bei 26,2 Joer. A 47% vun der Diddelenger Bevölkerung wunne méi wéi 20 Joer hei zu Diddeleng. Dat weist, dass natierlech bei den Diddelenger Awunner eng staark Verbonnenheet mat der Stad Diddeleng ass. Et huet awer och mat Wuelfillfaktor ze di vun der Stad Diddeleng, mat der Liewensqualität. Dës Stabilitéit weist dass och ganz wéineg Rotatioun ass an der Stad selwer téschent Awunner. An dat kann een e bëssen undocken un engem e bësse lokalpatriotesche Slogan: „Eemol Diddelenger, ëmmer Diddelenger.“ Mee dat weist awer hei ganz kloer, dass déi staark Verbonnenheet do ass. An dat ass och e staarke Volet vun der Stad Diddeleng an deen eis och ënnerscheet par Rapport zu anere Stied. Nieft deem dote Fait ass et awer och net onwichtig dass mer e Pôle d'Emploi sinn an och e

Pôle d'Emploi bleiwen. Ab deene Chifferen, déi eis och PRO-SUD konnt liwwere schaffen hei zu Diddeleng ronn 11.300 Leit, also aktiv Aktiver, déi hei um Territoire vun der Stad Diddeleng sinn. Dovu si 16% vun deenen Aktiven och Residenten. Et gesäit een, dass mir engersäits e Reservoir si fir Aarbechtsplazen an dass awer och Diddelenger Residenten hei wunnen, och wann iwwer 8.800 Residenten och hei zu Diddeleng schaffen an och doriwwer eraus schaffen. Mee natierlech, de Pôle Emploi selwer, dat muss een awer och preziséieren, gëtt vun 53% vu Frontaliere besat. Och dat ass e Spiegelbild vun enger nationaler Realitéit, déi mir hei zu Diddeleng ganz kloer rëmfannen. A wann een elo och e bësse kuckt, wéi sech d'Stad Diddeleng déi leschte Joren entwéckelt huet... Mir si jo eng ganz dynamesch Stad. Da weist et awer aus, dass mir an deene leschten 10 Joer ronn 1,2% gewuess sinn an der Moyenne. Et gouf natierlech Picken, do war et méi oder manner. An der Moyenne sinn dat reng 240 Awunner. A wann een dat kuckt, analyséiert, dat sinn engersäits Gebuerten, d'Stierflechkeetsrat, dat sinn déi Leit, déi heihinner wunne kommen, dat si Leit, déi och vun Diddeleng fortginn... Da leie mer bei 240 Awunner netto an der Moyenne. Och wann et Picke gouf 2017 bei 400, respektiv och 2018 wat meeschtens dann ugedockt ass u Projete wéi „Am Duerf“ respektiv „Lenkeschléi“. Mee mir haten, oder mir hunn de politesche Choix gemeet, an dee wäerte mir och an deenen nächste Jore weider sou ugoen, dass mer wëllen kontrolléiert, moderat wuessen. Dass mer do d'Zigelen an der Hand wëllen halen als Stad Diddeleng, och wa mer natierlech e Potenzial hunn ze wuessen – an ech wäert herno drop agoen – da wëlle mir dat awer a Phase maachen an och kontrolléiert. Wéi gesot, 1,2 % gewuess an deene leschten 10 Joer. Do si mir natierlech ënnert der Moyenne déi de Pacte Logement virgesinn hat vu 15% op 10 Joer. Mee ech mengen dat ass en assuméierte politesche Choix, dee mir hei als Stad droen. Well ee jo och ëmmer weess, wann een engersäits wüsst, mussen natierlech och déi néideg Infrastrukture parallel matzéien.

Ëffentlech Infrastrukture vun ëffentleche Gebailechkeeten an deementspreechend och d'Stroossennetz. Dat heescht awer och, dass iwwert déi lescht Joren iwwert 1200 nei Logementer hei zu Diddeleng entstanen sinn, wou och konnten nei Leit sech hei zu Diddeleng usidelen. Wat een awer net ausser Aen dierf loossen an där doten Entwécklung, déi mir an deene leschte Jore matgemeet hunn an och an deem Potenzial, dee mir hu fir déi nächst Joren, ass – an och dat ass e bëssen e Spiegelbild um kommunale Plang wéi och um nationale Plang – an der Agglomeratioun: wéi sinn do Proprietéitsverhältnesser, wéi gesäit et mam Foncier aus? An och dat spigelt e bëssen déi national Komponenten erëm, wann ee gesäit, dass privat Proprietären 62% an der Agglomeratioun ausmaachen. Wann de Staat 28% vun den Terrainen





huet an d'Gemeng 10% vun den Terrainen huet. Wann ee weess dass national gesinn, déi ëffentlech Acteuren 10% vun den Terrainen hunn. Da gesäit een natierlech dass do wichteg Enjeue sinn am Kader vun der Weiderentwécklung. An do ass natierlech och en Challenge um Niveau vum Logement, respektiv och vun Aarbechtsplazen, fir och do weider Reserves foncières unzeleeën. Oder awer d'Situatioun ze notze fir e Projet NeiSchmelz, wou mer 20% vun den Terrainen hunn, nieft dem Fonds de Logement 80%, fir och do déi Projete weider unzekuerbelen. A Prozedur si ronn 1.200 Logementer. An natierlech, wat och e Partikularismus ass, dass ronn 50% vun de Logementer Maisons unifamiliales sinn. Dëst e bëssen e kuerzen Ausbléck, ob de Bestand, op déi aktuell Situatioun. A wéi ass elo d'Ausriichtung, déi mir hei wëllen an Ugrëff huelen? Mat NeiSchmelz inclus sinn de Moment no PAp ronn 1.200 Logementer a Planung. An d'Entwécklungspotenzial, dat mir als Stad Diddeleng hunn, dat en theoreteschen Entwécklungspotenzial ass, ouni elo en Datum hei dropzesetzen, ouni en Zil hei dropzesetzen, well dësen Entwécklungspotenzial zwar besteet, mee och an engem Phasage sech mécht. Toutes zones confondues, maachen dat 31.500 Awunner aus, also e Plus vu liicht iwwer 10.000 Awunner, wou dës Stad nach ka verdroen. Mee wéi gesot, do setze mer keen Datum drop. Et ass einfach „toutes zones confondues“, wou e Potenzial besteet wou dës Stad sech ka weiderentwéckelen. Wa mir natierlech déi Entwécklung do oudenke mat deem dote Potenzial.

Et ass engersäits natierlech wichteg, weider d'Identitéit an d'Liewensqualitéit vun der Stad Diddeleng am Fokus ze halen a weider eise regionale Rôle als CDA-Gemeng am Fokus ze halen am Kader vum Aménagement du Territoire. Dat heescht, an där doten Weiderentwécklung ass nieft Urbanismus awer och d'Mobilitéit parallel ze kucken. Déi därefer mir hei ganz kloer net ausser Betruecht loosse, notamment och déi ganz Entwécklung ronderëm den ëffentlechen Transport. Et ass kloer, wa mir eis Stad wëlle weider dynamiséieren, sou wéi et de Fall am Ament ass, eisen Zentrum an eis Quartieren, da brauche mer eng weider Mixitéit vun de Fonctiounen. Dass een hei ka liewen, dass een hei ka schaffen, dass een hei seng Fräizäitgestaltung ka maachen. Dass een awer och hei zu Diddeleng ka consomméieren. Et ass awer och wichteg, fir sech weider ze entwéckelen, dass mir och Services de proximité behalen, och an eise Quartieren. E politesche Choix, deen awer och hei geholl gëtt, ass dass mer de Bauperimeter net wëllen opmaachen, à une exception près. Wéi gesot, am Bauperimeter selwer hu mer 110 Hektar fir ze entwéckelen. Mir wëllen also éischter a Richtung vun enger Innenverdichtung goen. A wa mer iwwert de PAG hei de Bauperimeter opmaachen, dann ass et geziilt op engem Punkt fir en ëffentleche Projet, dass dee ronderëm d'Fleegestatioun, déi jo och regionalen an nationale Charakter huet, an déi jo och am PAG als „Zone spéciale“ ausgewisen ass. Et ass op deem Punkt, wou mer et opmaachen. Fir de Rescht ass d'Prioritéit op der Innenverdichtung, well mer do och ganz kloer Potenzial hunn. Also éischter eng Verdichtung an der besteeënder Agglomeratioun rabréngen. Wa mer déi Verdichtung maachen, dann am Kader vun engem Phasage, well och déi néideg Infrastrukture musse matzéie fir weider kon-

trolléiert kënnen ze wuessen. Wa mer natierlech och weider Pôle d'Emploi wëlle bleiwen, da fokusséiert sech dat am Norde vun der Stad mat Helper an och Koibestrachen, dat ass Pôle d'Emploi. Ech hunn virdu vun der Densifikatioun geschwat. An de besteeënde Quartieren eng liicht Densifikatioun, do wou et och méiglech ass. Dat steiere mer deementspreechend och ganz kloer. Awer och méi eng staark Densifikatioun an de Penetrantë vun der Stad Diddeleng, sief dat an enger Lëtzebuerg-erstrooss, an enger Keelerstrooss, an enger Zouffterstrooss... A l'exception vun de Maisons unifamiliales déi „en bande“ sinn. Dat wëlle mer deementspreechend och net maachen. Sou wéi mer och ganz kloer iwwert dës PAG an enger ganzer Rei Quartieren de Message an och de Punkt wëlle setzen dass Maisons unifamiliales net méi kënnen ofgerappt ginn an duerch Appartementer kënnen ersat ginn. Do ganz kloer eng HAB1-Zon setzen fir och do ganz kloer Messagen ze gi vis-à-vis vun Acteuren, déi éischter gewënnbréngend Enjeue virun Aen hunn. Wat eis och wichteg ass, an ech mengen och dat ass e fléissenden Iwwergang par Rapport zu deem Prozess, dee mer 2015, respektiv 2016 ugaange sinn am Kader vun der Biergerbedeelegung ronderëm de PAG, wou eng ganz Rei Workshope waren. Dass mer och an eise Quartiere weider gewësse kleng Plazen halen, wou d'Leit sech kënnen treffen an abréngen, och eng Animatioun kënnen hunn. Och dat wëlle mer weider oprechterhalen. Wéi dass mer och gäre wëllen déi Grénggürtelen halen an der Stad Diddeleng, respektiv ronderëm d'Stad Diddeleng, sief dat Ribbeschpout oder Koibestrachen, déi Coulées Vertes, och dat waren Elementer, déi am Kader vun der Biergerbedeelegung gesot goufen, an déi och hei Nidderschrëft fannen.

De Message iwwert dës PAG, dass déi Prozesser an déi Aarbechtsgruppen an déi Workshopen an déi Iwwerleeungen an Expertisen net fir näischt waren, dass mir déi och hei ganz kloer afléisse gelooss hunn, wéi och d'Aspekter ronderëm d'Mobilitéit douce, déi hei deementspreechend wichteg sinn. Also, wéi gesot, d'Identitéit vun der Stad Diddeleng, déi mir wëllen oprechterhalen. Déi méi rural Aspekter, déi mir ronderëm Butschebuerg a Bireng fannen, déi oprechterhalen. Wa mer nei Quartiere plangen, do méi dense kënnen plangen. An awer och déi Typologie vun de Maisons unifamiliales wëllen hei och, wéi gesot, bewahren. Wat eis natierlech och wichteg ass, dat ass dee ganze Volet ronderëm de Milieu naturel. Mir hunn déi Chance, dass mer Natura 2000-Zonen hunn, ronderëm Haard a Ginzebiere, respektiv déi Loftschneisen. Och dat sinn Elementer, déi mer an dëser Stad brauchen, an déi och zu der Liewensqualitéit bäidroen. Ech hu virdu ganz kloer iwwert d'Biergerbedeelegung geschwat. Do war och e Volet vun den Maisons unifamiliales, dass mer déi sollen oprechterhalen. Ech mengen och dat sinn Elementer, déi agefloss sinn. Déi Coulées vertes, déi Zones tampon, och dat Aspekter, fir dat ervirzehiewen, déi Mixitéit, déi Identitéit vun de Quartieren, d'Mobilitéit douce, kuerz Weeër... Alles dat sinn Elementer, déi am Kader vun der Biergerbedeelegung gesot goufen, an déi och hei hir Nidderschrëft an eisem PAG hei ganz kloer fannen. Ech hu virdu gesot, Urbanismus a Mobilitéit si wichteg Aspekter. An do ass den Challenge um Niveau vun der Mobilitéit nieft dem Ausbau vum ëffentlechen Trans-





port och den Ausbau vun de Vélosweeër, dat en parallèle par Rapport zur aktueller Gesetzgebung. Awer och déi Efforte weiderdreiwen, déi mer ugefaangen hunn, och am Stadkär ronderëm de Shared Space. An och natierlech weider Moosnamen, déi verkéiersberouegend sinn. Ech mengen dass méi wéi jee am Kader vun der Entwécklung vun der Stad Diddeleng an deem Potenzial, wou mer hunn, dass Urbanismus a Mobilitéit ganz enk matenee verknäppt sinn an och ganz enk mussen gekuckt ginn am Kader vun der Planung, sou wéi och den Ausbau vum Parking résidentiel. Also eng ganz Rei Elementer, déi hei an deem PAG Nidderschrëft fannen. Déi eis och deementsprechend beschäftegen. An natierlech sinn dat eng ganz Rei Enjeuen, déi eis alleguerten hei betreffen an déi et dann och gëllt am Kader vun deem PAG ëmzesetzen. Voilà, dës waren eng ganz Rei e bësse méi iwwergeuerdent Consideratiounen, déi ech hei nach wollt soen am Kader vun der Saisine vum PAG an där mer eis haut hei befannen.

A fir elo e bësse méi an den Detail eranzegoen, vun der aktueller Situatioun, respektiv awer och Perspektiven, déi dese PAG bitt par Rapport zum nach aktueller PAG, déi reng Modifikatiounen, déi stattfonnt hunn, do ginn ech d'Wuert direkt weider un d'Chantal Zeyen, dat eis do duerchféiert a respektiv herno och un de Romain Molitor an och un den Hans-Walter Wonn. Merci. Ech ginn dem Chantal Zeyen d'Wuert.

**CHANTAL ZEYEN (BUREAU D'ETUDES ZEYEN+BAUMANN):** Merci. Dat war jo schonn eng ganz zesammenhängend Iwwersiicht. An d'gesäit ee schonn d'Komplexitéit, där mir hei ausgesat sinn am PAG. Mee vläicht dann nach eng Kéier den Detail och wéi mer haut wäerte virgoen. Mir hunn am Ufank d'Etude préparatoire, d'Konzepter, vun der städtebaulecher Entwécklung, vum Gréngkonzept, a vun der Mobilitéit. Dertëschent, well mir jo och gesinn, wat hei d'Potenzialer sinn, hu mer dann den Här Wonn mat strategescher Ëmweltpräiwung, déi jo déi Fläche genau analyséiert hunn. An duerno komme mer dann op den eigentleche PAG zrëck, op seng Partie graphique an och seng Texter. An och do agestreet ëmmer d'Beispiller vun deenen neie Quartieren, déi mer dann en situation gesinn. An zum Schluss dann, deen Deel, wou et jo haut net sou drëm geet, de PAP Quartier existant, dee jo vum Schäfferot direkt op de Wee geschéckt gëtt, deen awer mengen ech e ganz groussen Deel ass vun deem PAG an am Fong net ka lassgeléist ginn, dofir gëtt deen dann och hei nach eng Kéier kuerz gewisen. D'Base légale, si ass scho gesot ginn. Si ass 2004 an d'Welt gesat ginn. Et war am Ufank net evident fir domat ze schaffen, an Dir gesitt, dass et och hei dacks au Point gesat gouf: 2011, 2017 ware ganz wichteg Reformen, soss hätt dat net sou fonctionéiert, wéi et haut ass. Mee ech mengen, wat awer nach eng Kéier wichteg ass am Gesetz, dass d'Gesetz seet vun dem PAG, vun der Planung op der Gemeng, datt se orientéiert gëtt vun deenen nationale Gesichtsunkten an do notament, wat da méi prezis gëtt, de Plans sectorielles. D'Objektiv ass och ganz kloer, dass et am Interêt général geet, dass et drëm geet, eng harmonesch Entwécklung ze hunn, an och den Développement durable do mat spillen ze looseren. Dass mer mussen haut rationell mam Buedem

ëmgoen, dass mer also mussen verdichten, awer harmonesch, dass et an dee Kontext passt, dass et en Développement harmonieux ass am Kontext vun deene Strukturen hei. Vun deenen urbanen an deene ländlechen. D'Energie ass schonn ugeschwat ginn de Moien. Och déi soll hei matspillen.

Natierlech bei neie Quartieren, dass mer eng Mixitéit hunn, eng Densifikatioun. Dass mer de Patrimoine culturel, ee ganz wichtige Volet, wat jo och d'Identitéit ass vun Diddeleng, mat sengen eenzele Quartieren. An awer och d'Protektioun vum Environnement, vun der Landschaft, alles ganz wichteg Elementer. Et geet drëm, fir dat ofzeweien an do dann déi Entwécklung am PAG festzeschreiwen, de Kader ze setzen, d'Festschreiwung ze maachen, fir déi zukünfteg Entwécklung. An där Zäit sinn dann natierlech och nach eng Rei, an haaptsächlech zwou, europäesch Direktiven ëmgesat ginn. Dat ass déi europäesch Direktiv, déi et verpflichtend gemaach huet, bei all Plang a Programm eng strategesch Ëmweltpräiwung ze maachen. Wat natierlech kloer ass, e PAG ass dat. Huet also och misse gemaach ginn. D'Waaserdirektiv ass ëmgesat ginn 2008 a Lëtzebuurger Gesetz. Dat huet och scho ganz daitlech Auswierkungen, well mer do iwwer Reewaasserachseretentive mussen nodenken. D'Naturschutzgesetz ass ugepasst ginn, de Pacte Logement war Thema, an d'Landesplanung huet och seng Gesetzgebung aktualiséiert. Doropshi sinn dann natierlech och nach eng Rei Etüden dobäikomm Et ass systematesch en Kartographie gemaach gi vun de Biotopen engersäits am Bauseberäich vum Ministère de l'Environnement. Innerhalb ass dat vun eis gemaach ginn. Et ass herno komplettéiert gi vum SUBS-Büro. Wat och e ganz wichtegt Element ass. Wann ee jo Saache wëll schützen muss een och wëssen, wou een et huet an et och kenntlech maachen, wat dann do dran ass. An dat selwecht gëllt och, do ass e Relevé gemaach gi vum kommunale Schutz nieft deem nationale Schutz. An dat ass och Bestanddeel hei vum PAG, dee kommunale Schutz. Bon, wat sinn elo déi nei Elementer? Et ass schonn e bësse ugeschwat ginn. Ganz wichteg ass fir ze kucken, wou komme mer hir, wat sinn déi Potenzialitéiten, déi nach do sinn? Et ass also ganz wichteg gewiecht, d'Analys vum heitege PAG ze maachen, awer och vun den Plans de Développement urbainen, déi d'Gemeng Diddeleng virreiderméisses schonn iwwert déi lescht vill Jore gemaach huet. Eppes wat haut Bestanddeel ass vum PAG. Do hat d'Gemeng Diddeleng dat scho virdru gemaach, grad wéi e Landschaftskonzept. An dass eben dann an deene Kaderen dann nei Quartiere kommen, nei Quartieren, déi net deenen enke Bestëmmungen ënnerleien, déi eben da méi Koeffiziente sinn an och iwwer Schémas directeurs guidéiert ginn. An d'Introductioun vun där Etüd vun der strategescher Ëmweltpräiwung, déi de PAG vu vir bis hanne ganz intensiv begleet huet. Si muss och derbäi sinn, mee si ass u sech keng eegen Etüd an deem Sënn, datt se elo en eegene Rechtscharakter huet, mee si gëtt iwwert de PAG mat ëmgesat.

Wat sinn elo déi Haaptinstrumenter, déi duerch dat neit Gesetz kommen? Dat ass, dass mer eng Kéier de Kader setze vum PAG, deen eigentlech seet, wou ka gebaut ginn a wou net iwwert de gesamten Territoire vun der Gemeng. An dass do innerhalb ënnerscheet gëtt



tëschent existente Quartieren, also do wou Dir lo wunnt, do wou also alles steet, wou natierlech och kann eng Baulück kommen, wou och gréisser Terrainen nach kënnen ënnerdeelt ginn. Awer dann och haaptsächlech déi besteeënd Haiser an eben déi Deeler, déi nei Quartiere sinn, wéi z.B. NeiSchmelz oder an der méi laanger Zukunft Ribbeschpont fir nëmmen déi elo ze nennen. Da sinn awer och, fir déi Saachen ze guidéieren, fir eeben déi Nohaltegkeet do mat eranzekréien, déi duerch Wuesstem, duerch Kräizung vu Gréngstrukturen eis méi vun den Ursaachen an och eis Elementer vun der SUMP déi do rakomm sinn, sinn hei mat dodranner. Dir gesitt hei den Deel wat haut PAG an deem Deel ass, wéi dat sech haut ëmsetzt. Dat ass net weesentlech vum Inhalt aneschtens, mee et ass haut dach scho vill méi prezis ginn. D'Gesetz gesäit fir, dass mer am Fong dräi Voleten hunn am PAG. Dir hutt haut ee Plang, een Text, an Zukunft wäert der der dräi hunn. Dir kënnt iech se och erëm zesammenhänken, dann ass et een Text. Mee et sinn och dräi Prozeduren. Déi éischt Prozedur ass den eigentleche PAG, deen also de Kader setzt, deen iwwert de gesamten Territoire eng Kéier kuckt, wou ka gebaut ginn, wou net. Wou ka Wunne sinn, wou Aktivitéitsberäicher, baséiert op enger Etude préparatoire. Deen zweete Volet, PAP Quartier existant. Deen drëttes Volet, dat ass e Règlement communal, dat heescht dat gëtt am Laf vun der Zäit, wou lo déi Prozedur hei leeft, vum Schäfferot ausgeschafft. De Gemengerot hält dat un a schéckt et dem Interieur zu Kenntnis. Do sinn eigentlech dann déi Saache vun der Soliditéit, Salubritéit a Securititéit dran, déi dann awer och hei musse gekuckt ginn, éier een dann herno eng Baugeneemegung ka ginn. Ech hat et scho gesot, d'Etude préparatoire ass d'Basis fir de PAG, ass d'Basis och herno fir de Quartier existant gewässeremoossen, mee ass och d'Basis fir déi nei Quartieren. Herno wäert et da sou sinn, dass een déi dräi Voleten huet, engersäits de PAG, de PAP Quartier existant, de Règlement sur les Bâtisses. Dozou ass ze soen, dass den Interieur am Gaang ass, e Règlement-type auszeschaffen, do kann ee sech dann drun orientéieren. Deen ass am Moment am Gaang, ugepasst ze ginn. Dat ass dann eng gutt Basis.

An dat anert ass dann dat, wat lo hei geschitt ass. Dat heescht, de PAG, dee seet, wou ka gebaut ginn, wou herno Zone sinn, déi Zones vertes sinn, wat da jo och dem Gesetz vum Environnement ënnerläit, dee seet, wat a wéi dense do ka gebaut ginn, wou sinn nei Quartieren, a wou si Quartiers existants. Dat sinn och déi ganz grouss Ännerungen. Et ass och déi Ännerung, dass een dann deen Ament an deenen neie Quartiere vläicht méi eng Flexibilitéit huet wéi dat, wat haut lo war. Haut war dat sou, dass een sech drun orientéiert huet, et konnt een awer Ausname froen. D'Etude préparatoire an hire wichtege Elementer... Do ass eent vun deenen ganz wichtege Elementer, nodeem mer all déi Joren dodru geschafft hunn, dat war eeben déi Bedelegung, déi mer do haten. Ech wäert hei just déi Haaptpunkte soen, well dat eeben och déi wichtegst waren. Dass ëmmer erëm gesot gouf: Eis ass et ganz wichteg, dass d'Identitéit vun Diddeleng bleift. Dass déi Charakteristik, de Patrimoine bâti soll gehale ginn, dass et awer och soll Quartiere ginn, wou et kann eng Densifikatioun ginn, mee dass dat awer net pêle-mêle an deene besteeënde Quartieren

ass. An et ass jo kloer, dass dat dann iwwer de PAG kënnt, mee awer och herno iwwer de Quartier existant, dee jo da méi am Detail déi eenzel Bestëmmungen dodranner huet. Dass et awer och wichteg ass, nei Quartieren ze hunn, déi eeben dann an der Zukunft wäerten déi Besoinen ofdecken, déi dann do sinn. An dass och do am Virfeld genau gekuckt gëtt, wéi kann ech do mat der Mobilitéit ëmgoen, wéi ass do den Energieverbrauch? Dass dat eeben eng komplex Planung ass an dass dat aneneegräift an dass dat dann herno och fonctionéiert.

Dann ass och geschwat gi vu bezuelbarem Wunnensbau, deen och a bestëmmte Quartieren erëmfonnt gëtt, zum Beispill dee Quartier, deen och an enger Zon ausgewisen ass nieft dem Stade Aloyse Meyer. Oder op den Tennisterrainen, wou herno ganz kloer ausgewisen ass, dass dat e Besoin ass, wou herno soziale Wunnensbau oder bezuelbare Wunnensbau do ka sinn. Da war och do e wichtege Volet, niewent där Gréngstruktur, déi ëmmer erëm genannt gouf uewen am Norde vun Diddeleng. Dass een do sollt eng Trame verte oder eng Coulée verte halen tëschent deene Gebidder engersäits beim Gehaansbiereg, déi aner Säit also ëmmer südlech vun der Collectrice, datt dat soll kommen. An dass och do eng Duerchmëschung ass, dass mer och där Korridoren hunn innerhalb vun der Struktur, wéi eeben déi Queeschverbindung duerch Ribbeschpont. An dass déi jo engersäits dat hunn, en Austausch fir e Mariage écologique fir Aarteschutz, mee awer och ganz wichteg fir eng Lofterneierung, e Loftkorridor an awer och fir d'Erhuelung. Ech mengen et ass do wou een herno vun engem Quartier an deen anere kann zu Fouss goen, mam Vélo fueren... An dat wat mir jo och do drënner verstu mat de kuerze Weeër, dass dat eeben op deenen Territoiren do méiglech ass. Natierlech ass et och wichteg, an deem Kontext och ëmmer erëm den Transport ze kucken, wou mir herno och nach eng Kéier drop wäerten agoen. Bon, wat sinn elo déi Elementer gewiescht? Dat ass eng Kéier de Contexte national, d'Demographie, deen ekonomesche Volet, wéi ass d'Situatioun vum Foncier asw.? Do wäert ech nach eng Kéier kuerz dorobber agoen, wat do wichteg ass. Mee mir hu scho gesot, den Aménagement communal ass op kommunaler Eebene, mee e gëtt awer ganz staark guidéiert oder och reglementéiert um nationalen Niveau. Am Moment schaffe mer jo un engem neie Programme directeur, deen an deenen nächste Méint a Jore wäert finaliséiert ginn. Et sinn d'Plans sectorielle um Wee, déi jo an hirer Ausformung scho vum Ministerrot arrétéiert sinn.

E Plan d'Occupatioun du Sol, dat ass hei zu Diddeleng net de Fall. Um Aménagement du Territoire hu mir also déi grouss Strukturen, wou Diddeleng festgehalten ass, dass et eng zentral CDA ass, also och dee Rôle ze spillen huet, dass et och drëm geet, de Minett ëmzestrukturéieren, wat jo och eng grouss Chance ass, fir eebe kënnen déi Friche nei ze beliewen. An dat ass jo och gewässeremoossen eng optimal Form vun enger nohalterger Entwécklung, och am Sënn vun der Landesplanung, dass een net muss nei Terrainen entwéckelen, mee dass dat kann innerhalb vu besteeënde Strukturen sinn, fir do eng nei Notzung ze fannen. Dann den IVL, en ass nach ëmmer do, en huet och nach ëmmer seng Bedeitung. An ech fannen och nach ëmmer dass déi Aussoen, déi



en hat, dass déi Dezentraliséierung, déi do ugeschwat gouf... Dass eeben och eng Dezentraliséierung koom, wou niewent enger Uni um Belval och hei e Labo op Diddeleng koom an deenen Diskussiounen. Mee wou et awer och drëm geet, eng Densifikatioun ze hunn, dertëschent awer Gréngraim ze halen an awer och da mat enger neier Urbanitéit do ze schwätzen. An do ass och scho vu Gréngzäsure geschwat ginn. Et ass net, dass et sech an engem Siidlungsband soll verméschen, an do nach eng Kéier de regionalen Zentrum, deen do vermierkt ass. Méi konkret ass et da sou, dass mer lo d'Plans sectorielle hunn, déi de 5. Juli am Conseil de Gouvernement festgehale goufen a wou de Moment um Finissage vun den Règlements grand-ducaux geschafft gëtt, fir dat dann definitiv en valeur ze setzen. Dee setzt sech zesummen aus dem Plan sectoriel P, wou déi grouss Ensembelen am südlechen Deel vun der Gemeng sinn, d'Haard, déi aner Säit Roudenberg, Ginzeberg. Dann déi Coupure verte, déi och drëm geet, tëschent Keel dohinner, ronderëm de Gehaansberg, dass do eeben net méi virgesinn ass, dass dat net ka sinn, dass dat vun der Landesplanung festgehale ass, dass do net soll zesummegeuuss sinn. Dat waren awer hei um Niveau vun der Gemeng am Fong keng Contraintë, well dat och hei an deem Sënn net sou virgesinn ass. A well dat och aus der Siicht vun der Gemeng sou ze halen ass. Da war och de Plan sectoriel vum Transport do mat dran, wou hei den Ausbau ass vun der Autobunn. Wann een elo gesäit, wat an der Ännerung do war, an do si jo och eng Rei Saachen ugeholl ginn, déi och hei ugeschwat goufen. Dann ass dee Park & Ride, ënnen, deen direkt den Accès gehat hätt vun der Autobunn, deen ass do net zréckbehale ginn. An deem Kader ass dann och de Plan sectoriel Logement, deen och eng Kéier d'NeiSchmelz als Ganzt definéiert hat. Do ass och nach eng Kéier gesot gi fir dat ze preziséieren an deem 2. Ulaf. Et ass eeben do, wou de CNA ass an och d'Schoul gehéiert jo zu deem Quartier. Et ass wou de Laminoir ass, do wou awer net haauptsächlech Wunnen ass, dass dat awer an deem Kontext erausgeholl gouf. An deem Volet vun den Industriezonen, sinn am Fong déi al Zonen, déi hei schonn an de 70er Joren definéiert goufen, hei nach eng Kéier preziséiert ginn. Et sinn 2 nationaler derbäi, hei Koibestrachen westlech vum Labo, déi aner dann, wéi hei Riedchen asw.. Déi si confirméiert ginn. An et muss een och soen, dass eng gewësse Chance domadder verbonnen ass, well dee Moment, wann déi Plans sectorielle do sinn, da wäerten déi relativ onprezis Texter, déi an de 70er Joren do gemaach goufen, da wäerten déi net méi do sinn, an da si just nach déi Texter do, déi dann am Plan sectoriel definéiert ginn. Déi och de Kader setzen, an déi dann iwwert äre PAG och preziséiert ginn.

D'Demographie, et ass schonn e bësselche gesot ginn. An deene leschten 10 Jore war eng Entwécklung vun 12%. Wann een dat vergläicht mat der Region Süden, do waren et 19%. Am ganze Land 24%, do waren also och Projeten, wou da méi Potenzial war. Dann ass et esou, wann ee kuckt, duerch wat ass dee Wuesstem do kumm? Da gesi mir dass dat ganz kloer an dem Bilan ass vun dem Rapport vun deene Leit, déi bäikommen minus déi, déi fortgaange sinn. Dass et och en natierlechen Iwwerschoss gëtt, bei deenen sougenannten natierlech-

en. D.h. Naissancë par Rapport zu den Decèsen, mee den Hauptchangement kënnt duerch d'Ausweisung eebe vu Lotissementer, vu Bauméglechkeeten. Wouduerch ass dat kumm? Eeben duerch déi PAPen, déi an deene leschte Joren entwéckelt goufen, och an der Entwécklungsphas nach sinn, wéi Lenkeschlei, Am Duerf ass gemaach. Dat sinn also déi, déi an der Vergaangenheet waren. An der Zukunft dann eeben och mat NeiSchmelz, Bëlleg ass nach an der Prozedur. Dat sinn also déi Potenzialer, déi do kommen an déi da wäerten déi Entwécklung vun deenen nächste Jore mat ausmaachen. Et ass scho gesot ginn, dass méi wéi 47% vun de Leit 20 Joer hei wunnen. Dat ass eppes, wat relativ beandrockend ass, wat een och net ëmmer huet. Well dacks och vill méi Wiessel ass an Uertschaften. Wat sécherlech och eng Qualitéit ausmécht fir d'Uertschaft selwer, an awer och dass et eng Qualitéit duerstellt, fir dass d'Leit de Choix maache fir hei ze wunnen. Wat awer och nach wäert ass dass mer feststellen, dass déi 1- an 2-Persounen-Haushalter iwwert Hallschent sinn. Dat ass sécherlech gepräagt duerch Structure wéi CIPA. Mee et ass awer och esou, dass mer dat an anere Gesellschaftsformen hunn. Sou dass mir dorausser schléissen, dass mer do och méi eng Mixitéit vu Wunnforme solle proposéieren. Dass dat eeben och dat ass, wat e Besoin ass: eng Mixitéit an der Typologie déi och soll sinn. Hei war schonn ugeschwat ginn, dass et an deene leschte 5 Joer 1,25% ass. De Pacte Logement war do dee graffe Wäert. Dat ass alt sou eppes, wat do an där Richtung ass. E Pacte Logement, dee jo lo an där Form lo ausleeft, deen eng nei Form kritt an da wäert och op de Wee gesat ginn. Situation économique, dat gëtt natierlech haauptsächlech gepräagt duerch deen ieweschten Deel, wou déi national Zone sinn, wou de Labo ass, wou och nach Koibestrachen-Potenzial ass, och hei mat Helper, mee et ass awer och markant, dass eng gewëss Mixitéit ass innerhalb vun de ganze Quartieren, dass och am Zentrum dat duerstellt, eng Mixitéit, déi och aus öffentlechen Aarbechtsplaze besteet niewent deenen am Commerce, am Service an déi eben déi klassesch am industriellen an artisanale Beräich. Da sinn hei Wäerter, déi och iwwert de ganze Süden zesummegehalt goufen, wou mer gesinn, dass Diddeleng eng 11000 Aarbechtsplazen duerstellt. Dass eeben do iwwert Hallschent Grenzgänger sinn, déi mir och hei nach eng Kéier am Detail gesinn. Déi zu 41% aus dem Frankräich kommen, aus Däitschland an aus der Belsch. An hei gesi mer dass der e ganze groussen Deel aus dem Minett kommen an awer och e Wiessel ass mat der Stad Lëtzebuerg, bis op Miersch erof. An dass eeben do 15% vun deenen Diddelenger och selwer hei eng Aarbecht fannen. Dat ass natierlech och d'Basis, deen dagdeegleche Wiessel, deen ee jo natierlech och op de Stroossen erëm-fënnt. Mir hu leider keng méi eng rezent Wäerter vun den Navetteuren, déi aus Diddeleng fortginn, mee ech mengen et ass awer ëmmer nach interessant, dass der ganz vill hei bleiwen an dass et natierlech awer ëmmer en Deel ass an den Zentrum wéi d'Stad, wou eeben d'Ministèren haauptsächlech waren, quitt dass mer jo och eng gewëss Dezentraliséierung fannen, och Belval, wou jo dann och eng aner Mixitéit wäert an de Jore sinn. Mee leider sinn déi Chiffere als Solches lo net méi sou verfügbar.





Zum Foncier ass scho ganz vill gesot ginn. Mir gesinn och hei nach eng Kéier, deen Deel, wat de Staat ass, dass dat ganz vill och ausserhalb ass. Deen Deel vun der Gemeng ass dee gielen Deel, wat schonn zum Deel bannen ass, wat awer och wéi hei de Park ass, wat och Gréngstrukture sinn, wat natierlech och déi éffentlech Infrastrukture sinn, déi jo gebraucht ginn. An och hei nach eng Kéier déi Zuel, dass dat wat an der Agglomeratioun ass, dass dat bei 62% am Privaten ass. A wann een do seet, ech wëll bewusst wuessen, ech wëll Wunnraum proaktiv schafen, dann ass ee jo natierlech ganz séier un der Grenz, well dat privaten Domaine ass, wou ee jo da muss mat de Leit eens ginn. Wa si dat net wëllen, da wëlle si dat net, da muss ee kucken, wéi dat geet. Et ass eeben do, wou et interessant gëtt, wann een da grouss Projeten huet wéi NeiSchmelz, wou eeben dann eng Gemeng, Staat, Fonds de Logement doriwwer ka bestëmmen. Structures urbaines. Mir gesinn hei déi Form, déi sech sou entwéckelt huet, eeben och bedéngt aus där natierlecher Form, dass mer hei op d'Haard eropginn. Dës Sait Roudebiérg, Ginzebiérg, dofir dann deen enken Dall hei ënnen, wou d'Diddelenger Baach sech de Wee fonnt huet an och vun ënnen no uewen derduerch geet, a wou dann eeben déi Strukturen hei sech do entwéckelt hunn. Mir hunn do eng Kéier d'Analys gemaach, e bësse méi interpretéiert, wat an enger Ferraris-Zäit war, dee ganzen industrielle Site, den Zentrum, déi industriell Wunnenge mat Brill asw.. Mat deenen um Rand, déi méi rezent Gebidder, wat sech dann och erëmspigelt dass déi méi rezent Gebidder déi méi flächenintensiv waren. 70er, 80er Joren ass am Fong dat, wat jo haut net méi soll sinn.

Et soll duerchaus nach unifamilial sinn, mee et soll awer Maisons en bande sinn. Mir kënnen och eng Densifikatioun mat Unifamilial maachen, doduerch dass mer manner breet Parzellen hunn. D'Leit hunn jo nach ëmmer dat, wat och fir Diddeleng charakteristesesch ass, se hunn en Haus mat engem Virgäertchen, mat engem Gaart hannert dem Haus. Och dat, wat ganz wichteg ass an engem Text ze schützen. Och d'Virgäertcher, dass déi sollen e gewëssen Undeel u Begréngung hunn. Dass mer keng Bebauung an de Gäert wëllen, och keng Parkplazen. Dat ass och dat wat hei ass. Mee dass et drëm geet, déi Charakteristik vun deem Unifamilial, wat een och hei ganz kloer gesäit, dass dat och haut sou déi Struktur do ass. Dass dat och eng Qualitéit vun Diddeleng duerstellt. Och déi Blockrandbebauung. Dass mer eeben och haut 48% vun den Haiser am Unifamilial hunn, wat natierlech dann, wann ee vun de Gebaier kuckt, 72% ass, awer u sech nëmmen 48% vun de Logementer. Well natierlech an enger Residence méi Logementer sinn. Dat also kuerz zum Ausdrock. A wann ee lo kuckt, wéi dat an de leschte Jore gaangen ass, dass déi Entwécklung vun den Eefamilljenhaiser, oder vun de Wunnengen an den Eefamilljenhaiser an d'Luucht gaangen ass, mee dass awer och ganz vill ëm Méifamilljenhaiser gaangen. Et ass dat, wat virdrun ugeschwat gouf, dass et an Zukunft geet ze kucken, wat hu mer haut, wat sinn d'Charakteristike vun de Quartieren, a wéi wëlle mer dat an der Zukunft hunn, wou dat dann definéiert gëtt. Wat si lo haut d'Fonctions urbaines? Wou hu mer den Zentrum? Wou hu mer déi éffentlech Arichtungen? Wou sinn – duergestallt mat den Hachuren

– méi déi Wunnberäicher? Wou sinn déi Potenzialitéiten? A wou sinn déi grouss Projete wéi NeiSchmelz? Oder, wat och eng Prioritéit huet, oder dann eeben déi Strukture wéi Ribbeschpont, déi dann eng mëttel- a laangfristeg Entwécklung duerstellen. An ee ganz wichtege Volet: am PAG haut gouf et e „Quartier à préserver“, an do ass elo dee Schrëtt gemaach ginn, fir zesumme mat Sites et Monuments eng Kéier duerch Diddeleng ze goen, an och nach eng Kéier mam Aarbechtsgrupp zesummen ze kucken, wat sinn déi Haiser, déi ganz prezis de Charakter duerstellen? Fir engersäits, an deem Ensembl-Schutz, wat eeben och de Gedanke war vum Quartier à préserver, dass deen awer elo ëmgesat gëtt a vill méi prezis Bestëmmungen, dass do och prezis Haiser festgehale ginn, déi dann och dat ausmaachen. Mir hunn der do iwwer 822 ausgemaach. Dat sinn och insgesamt. Dovunner sinn der da 565 déi de Schutz hu vum kommunale Gebai. Dat sinn och Gebaier, déi och herno kënnen eng Subventioun kréie vu Sites et Monuments. Bis zu 25%, wa se och hei ausgewise sinn. Wat jo och interessant ass, wann een un deenen Haiser schafft. An dann déi aner, déi de Gabarit duerstellen oder d'Alignement. Wat eeben och den Ensembl ausmécht, wéi déi Haiser zouenee stinn. Dat ass also hei festgehale ginn. Dir gesitt och hei, dass an der Tëschenzäit...

Mir haten ëmmer déi Charakteristik: Wat sinn Objets dignes de protection? Och suguer um nationalen Niveau. An der Tëschenzäit sinn déi Haiser oder déi Gebaier an NeiSchmelz sinn op den Niveau national gehuewe ginn. Wann ech elo als Beispill Greisendall huelen, da sinn déi och als dat erkannt ginn. Si hunn och hei e kleng Stäerchen. Do leeft dann och déi Prozedur. Mee do hu se awer am Moment elo e kommunale Schutz. Dat sinn déi Elementer, déi dir ganz gutt kennt, déi och aus Diddeleng net ewechzedenke sinn, well se einfach, wéi ech ëmmer soen, d'Séil och duerstellen. Dat sinn eenzel Quartieren, dat sinn och gréisser Gebaier, dat sinn och d'Schoulen, déi dat ausmaachen. Dat sinn och déi ursprénglech Aarbechterhaiser, déi och duerch nei Elementer zougesat sinn. Dat kënnen awer och gewässermoossen déi homogen Strukture sinn, déi derbäisinn, déi vläicht als eenzelt Haus net esou déi Valeur hunn, mee awer doduerch dass se beienee kommen, wéi och e Wolkeschdall, dass et och drëm geet, fir déi an hirer Spezifizitéit ze halen. An dass do net ee kann dertëschent kommen a soen: Ech huelen dat elo ewech, ech setzen do eppes Anesches dran, eng Residence oder och eng ganz aner Struktur. Wann een natierlech Leit huet, da brauch een och den Equipement collectif. Et ass scho virdu gesot ginn. Ouni dat geet et net. Diddeleng muss och hei seng Roll erfëllen, dass et engersäits Infrastrukturen huet fir dee kommunale Beräich. Well et awer och vu regionaler Bedeitend ass, si jo och hei wéi de CNA an d'Lycéeën, déi och do mat dra sinn. A wann een dat kuckt, dann ass dat scho bedeitend, wat do awer fir Flächen zesummekommen. A wou een och an Zukunft, an de PAG huet dat och, wou och an Zukunft nach Reservefläche sinn, fir z.B. och kënnen Sportsinfrastrukture ze maachen. An deem Kontext sinn och ëmmer rëm déi Saache vun de Schoulen à jour gesat ginn, déi op deenen eenzele Quartiere baséieren. Well dat jo och eng Spezifizitéit vun Diddeleng ass, fir eng dezentral Struktur ze hunn, fir dezentral Quartieren ze hunn, fir



och dezentral Raim ze hunn, Begéinungsflächen, mee och d'Schoulen, déi jo och zum Liewen an den Uertschafte bäidroen. Do stellt ee fest, dass och iergend eng Kéier muss Klasse bäikommen, wa mer eng Kéier dat Potenzial wat elo am PAG dran ass, wat keen Datum huet, wou ee jo dann Zäit huet, fir dat unzepassen...

Mee et ass kloer, et ass op NeiSchmelz en neie Schoul-site virgesinn. Lenkeschléi, gëtt eng nei Schoul gebaut. Och um Ribbeschpont ass et kloer, dass do och eng nei Schoul muss kommen. Balzeng ass och ugeduecht, sou dass déi Planung hei kohärent a konsequent ëmmer parallel mat virgeet. A wat de PAG ass, sinn eeben déi Plaze mat virgesinn. An dat ass dat, wat à ce Stade wichtig ass, dass déi Plazen do sinn. D'Gestion de l'eau. Dat ass vläicht elo manner spannend hei. Et ass awer wichtig ze wëssen, dass an deem Kader och gekuckt gouf, an dat ass jo och parallel nach eng Kéier gekuckt gi mat all deene Potenzialen, dass d'Kläranlag Sputt huet. Dass dat passt, dass d'Waaserqualität gutt ass, dass och den Drock gutt ass, dass also déi hydraulesch Komponenten och mat all deene Flächen déi do sinn, tiptop sinn. An do ass et och esou, dass eeben déi Etüden vun der Gestion de l'eau och parallel gemaach ginn zum PAG, nach eng Kéier erneiert ginn. Hei ass elo d'Beispill vum Ribbeschpont. Et ass pro Quartier gekuckt ginn, wou kënnen déi Retentivitéit sinn, dass déi mat am Virfeld geplangt ginn, an dass een dann och herno uersichert d'Uertschaft sou Reseauen anzeechent, fir dass een dann herno an déi Baach kennt, wou een dann dat Waasser, dat lwwerflächewaasser, wat jo net soll an deen normale Mëschkanal soll rakommen, dass een dat separat kann ausféieren. Och dofir ass et wichtig, an dat ass am Fong och eng ganz grouss Spezifitéit an eng Ännerung vum PAG. En ass, wann een drop kuckt, komplex. Et ass enorm vill drop, an am Ufank ass een duerchaus erschloen. Dat ass ganz richtig. Mee wann ee sech d'Méi mécht, gesäit een awer, dass do wierklech eng komplett Informatioun ass fir deen, deen eppes wëll kafen oder fir deen, deen eppes wëll bauen. E weess, wou e muss drop oppassen, e weess sugger, wou kënnen archäologesch Saache sinn, an e weess och wou eeben déi Saache vun enger Gestion de l'eau do ass. A last but not least ass awer och déi Ëmwelt an dat Ëmfeld, wat do ass, eeben déi Natura-Gebidder, déi jo och op europäeschem Niveau festgehale goufen, déi dann eeben och hei, engersäits d'Haard, oder deen aneren Deel, Roudebiërg a Ginzebiërg hei festhalen. Déi eeben och den ënneschten Deel vun Diddeleng do englobéieren. Mee hei ass dann och déi Biotop-Kartéierung, déi och mam Bamkadaster bannena kompletéiert gouf, vun eise Büroen. An am Ausseberäich ass dat och vum Environnement komplementär. Och déi Elementer sinn um PAG mat dran, well eeben hei d'Naturschutzgesetz jo och mat eraspillt. Hei gëtt och eng Ëmsetzung vun der strategescher Ëmweltpräiwung gemaach, mee och d'Naturschutzgesetz spillt hei mat dran, an et weess een, wou muss ech herno och eventuell eng Geneemegung iwwert d'Naturschutzgesetz ufroen.

Den Développement vum Potenzial. Mir hunn do eng Kéier genau gekuckt, wou si Baulücken, wou hu mer herno Flächen, déi an engem neie Quartier sinn, déi iwwert e PAP ëmgesat ginn. A wou hu mer, hei gesäit ee schonn

e bëssen déi Phasagen, déi do dra si mat deem Différé. An awer och hu mer e bësse Potenzial och Wunnengen innerhalb vun den Aktivitéitsberäicher oder eventuell an enger ëffentlecher Struktur. Wann een dat hei nach eng Kéier am Detail kuckt, da gesäit een eeben och hei, wat an der Zukunft net soll geschéien, dass ee Quartier wéi den Aangeldall, dee scho ganz vill Joren entwéckelt ass, dass do ëmmer nach Baulücke sinn. Do muss een an Zukunft kucken, dass een dat probéiert iwwer Mechanismen ze halen, dass eeben do, wou schonn all déi Infrastrukture sinn, a wou eng Gemeng d'Infrastrukture jo och muss ënnerhalen, dass do och déi Terrain besser genotzt ginn. Mee de Fait ass, dass et sou ass. Hei hu mer natierlech och A Bëlleg-Saachen, déi an der Tëschenzäit en procédure sinn. D'selwecht wéi déi 4 PAPen am Süden hei, A Bëlleg, dat ass de Lieu-dit. Voilà, dat mécht dann dee ganze Potenzial aus, dee mer engersäits vun Densifikatiounen... Et dierf ee jo net vergiessen, dass do wou vläicht haut Nieuwegebaier sinn, wou ka gebaut ginn. Do wou vläicht awer och kann emol en Haus ofgerappt ginn, wou mer soen, do kann eng Residence hikommen. An eeben déi Baulücken, dat mécht dann dee Potenzial aus. Dann an deenen neie Quartieren, dat sinn déi Zifferen, déi genannt goufen. Zum Aménagement difféé ass dat. A wa mer dat alles mateneen zesummerechnen, hei an deem Tableau sinn ëmmer déi Zonen, déi eigentlech Wunnzone sinn an déi Zonen mixten. Dobäi kennt awer nach, toutes zones confondues, eeben, wéi ech et gesot hunn, a Strukture wéi Aktivitéitsberäicher kënnen och Wunnenge méiglech sinn. A wann een déi dann tatsächlech all zesammen huet, da kennt een op dee Chiffer vun 31000. Ech wëll awer och hei lo scho soen dass mer de ZAD wat jo awer bewusst och eng zukünfteg Entwécklung hunn, dass mer do och an de Koeffizienten, dass mer déi staark kleng gehalten hunn. Dass mer do als Beispill gesot hunn, eng Densité de Logement vu 15, woubäi mer an anere Quartieren der vläicht vu 40 hunn. Firwat hu mer déi zréckgehalen? Wann Dir lo 15, 20 Joer zréckdenkt, dann hätt dir iech jo vläicht net kënne virstellen, wéi haut NeiSchmelz ausgesäit. Dir kennt lech och vläicht haut net virstellen, wéi an 10, 15, 20 Joer eng Mobilitéit ausgesäit. An ech mengen et geet jo drëm, dass déi nei Quartiere kënnen nei Weeër goen. Si hunn eigentlech Koeffizienten, si kënnen nei Weeër goen. An dat jo och hire Fort, an de ZAD, dee beinhalt dass do nach eng Kéier eng Ëmklasséierung kennt. Dat heescht, wann do konkret Projete sinn, wann do nohalte Projete sinn, wann do Projete sinn, déi lech am Gemengerot sennvoll erschéngen, dann ass et dee Moment fir ze kucken, och well ee jo hei och privat Promoteuren a Propriétaires huet, do muss dat jo geschwat ginn. Do muss gekuckt, wéi ass do dee Phasage, vu wou bis wou kennt dat. An dann ass et an deem Fall fir da konkret déi Densitéiten do unzepassen. Wat also heescht, déi 31, do kann nach eppes derbäikommen an de Joren. Mee ech mengen, et ass jo dat, wat Dir an dem Phasage hutt, wat Dir am Grëff hutt.

Zu de Konzepter: Ech mengen d'Identitéit, et ass scho ganz am Ufank gesot ginn, mir hätte gären eng Mixitéit, mir hätte gäre Quartieren, déi eng Typologie hunn, eng Mixitéit hunn. Mir hätten awer och gäre Quartieren, déi op déi Typologie vun haut zréckgräifen. Mir hätte gären



dass mer eng duerchgehend Verbindung hunn, z.B. laanscht d'Diddelenger Baach. Dass mir do ee Réseau hunn, e Réseau d'ambiance, wéi mir dat nennen, dass een do ka mam Vélo fueren oder zu Fouss goen. An zwar quasi uewe Beetebuerg duerch d'Industriezon bis ennen dann an d'Frankräich. Dass dat eng Kéier dee Wee do ass, dass mer deen och no an no iwwer PAPe kënne komplementär hunn. An dass deen an och vun Ost-West duerch e Volet Ribbeschpont asw. do kënnt. Dann hu mer och am Norden déi Aktivitéitsberäicher. Wat jo sécherlech gutt ass. Mir hunn déi Elementer dran, fir flächespuerend dat ze maachen, fir e Phasage dranzemaachen. Fir déi Zentralitéit, déi am Zentrum ass, fir déi och rof op NeiSchmelz ze kréien, wou mer och rëm eng Mixitéit hunn. Wou mer Wunnen hunn. A wou mer och dat kréien, dass mer eng Mixitéit vun de kuerze Weeër hunn. Dass net jidderee muss, fir eppes ze maachen, sech muss wäit deplacéieren. Dat si jo all déi Elementer, déi an der Nohaltegeket sinn. Dann, do derniewent, ass et awer och wichteg, dass mer déi Noerhuelungsgebidder hunn. Déi Gebidder, wou ka Frëschloft entstoen, do wou Couloire sinn, déi och déi ekologesch Vernetzung kënne garantéieren. Dass mer déi an de grouse Linne mat hunn. Mir hu scho Quartiere wéi Lenkeschléi, nei Quartieren, mir hunn de Parc Le'h mir hunn de Parc Ribbeschpont, dee schonn als solches do mat dran ass, mir hunn de Parc Mayrisch, deen och do dee Mariage dann duerstellt. An da geet et drëm, déi nei Quartieren do ronderëm dodraner ze hängen. Da gesi mer hei d'Form, wéi se scho méi laang ass. A well mer jo ganz kloer soen, mir hunn eng Notzung vu Frichen, mir kënne also vu bannen no bausse goen. Mir kucken och, dass mer dat sou maachen. Dass mer fir d'éischt prioritär déi Gebidder huelen an dann eeben no an no hei eeben déi Gebidder hunn. Dat sinn der natierlech och nach innerhalb PAPen, sou dass mer kënne soen, dass mer déi Form do halen, an dass mer déi Gréngstruktur hei uewen, déi ëmmer erëm an der Participatioun gesot ass, an déi mer och scho méi laang an eisen Iddien dran hunn, dass mer déi hei riwwer kréien. Dass mer hei uewen déi Aktivitéitsberäicher hunn an uewen déi national Zonen, och déi heiten, Koibestrachen, déi jo komplementär an der Santé soll sinn. Dass dat do kënnt. An awer och de Greisendall, dass deen och eng Zort vun Aktivitéitsberäich, Services, Commerce do ka kréien. Dann nach eng Kéier den Equivalent.

Wou sinn déi nei Quartieren? Déi nei Quartieren, déi just déi Koeffizienten hunn, déi iwwer PAPen och nach eng Kéier am Phasage nei entwéckelt ginn, nom PAG. Wou de PAG de Kader setzt iwwert d'Koeffizienten, an och iwwert d'Schéma directeurs. Dat sinn déi, déi hei rout agefierft sinn, dat heescht all déi, déi dann dat net sinn, sinn de Quartier existant, déi besteeënd Strukturen. Déi sinn dann nach eng Kéier ennerdeelt. Mee wat dann elo de Phasage ausmécht, ech hat et elo scho gesot. Déi PAPen, déi kommen, déi jo och schonn a verschiddene Formen entwéckelt si wéi hei uewen de Quartier Bëlleg. Wéi hei Quartieren niewent dem Stade Aloyse Meyer, wou mer virdru geschwat hunn. Oder hei uewen zu Bireng, wou nei Quartiere sinn. All dat zesumme mécht dann déi Elementer aus. Wou een nach eng Kéier gesäit, wéi dat aneneegräift, wou mer also gesinn, wou sinn nei Quartieren, wou si grouss nei Quartieren. E Projet pilote, Projet

d'envergure, NeiSchmelz. Wou ass den Zentrum? Wou hu mer awer och dezentral Zentralitéiten. Wou Plaze solle kommen. Och an deene verschiddene Quartieren. Wou hu mer dee Réseau d'ambiance, wou ech dovu geschwat hunn, deen eng Kéier vun uewen no enne geet. Deen och innerhalb vun deenen eenzele PAPe sech erëmfënnt? Wou hu mer déi gréng Verbindung hei uewen? A wou hu mer och déi gréng Struktur duerch de Ribbeschpont? Hei gesi mer et nach eng Kéier besser. Dass mer eeben och wann hei déi nei Quartiere kommen, dass dat dann och konsequent mat dodraner ass. Och dee südlechen Deel. Dat gesi mer hei nach eng Kéier besser. Et ass eeben och de Réseau wéi de Shared Space an der Niddeschgaass, deem seng Suite dovunner heiower. D'Verbindung an den neie Quartier, NeiSchmelz. Och hei d'Plaz Fohrmann, wou dat dann déi Komplementaritéit huet an doranner gräift. D'Landschaftskonzept ass schonn e puer Mol ernimmt ginn. Dat ass natierlech dat, wat net bebaut gëtt, wou och natierlech dann hei Fläche festgehale goufen, déi eeben op europäeschem Plang Wëlldéierkorridoren duerstellen, wou och nach Verbindungsachsen iwwert eng Autobunn virgesi sinn. Wou awer och Fläche sinn, déi ganz grouss wäertvoll sinn, déi et gëllt, och ze schützen. Mee wou et awer och potenziell Fläche sinn, wou ee ka soen, wann ech eng Kéier muss Kompensatioune maachen, wou déi ugeduecht sinn, wou ech déi ka maache fir eeben da komplementär zu deenen interessante Gebidder, déi schonn do sinn, déi schrafféiert sinn, wou ech dat dann nach eng Kéier ka verbesseren. Voilà, dat wär et zu deem Volet, an ech géing da fléissend un de Romain Molitor ginn, fir da méi am Detail op d'Mobilitéit anzegoe vum PAG.

#### ROMAIN MOLITOR (KOMOBILE INGÉNIEURS CONSEILS)

Merci. Gi mer gläich weider an d'Mobilitéit. Ech hunn nach do déi Kaart vun der Ereechbarkeet mat rageholl am öffentlechen Transport. Wou een och scho gesäit, wéi schonn ugeschwat ginn ass, dass mer d'Mobilitéé douce an den öffentlechen Transport musse pushen. Hei och gesäit een op de Foussweeër, op Basis vun den Arrêten, wéi den Terrain erschloss ass. En ass ganz gutt erschloss, trotz der schwiereger Topographie, déi mer hunn. An dat ass no Faarwen opgedeelt. Et ass sou, dass iwwer 95% vun den Awunner innerhalb vun 300 Meter Fousswee, reale Fousswee, vun engem Arrêt fort sinn. Dat ass just op de Wipp vun de Quartieren, wou et dann e bësse méi schlecht ass wéi uewen um Kräizbierg oder op Butschebuerg hannenaus an en Deel vun der Rue de la Vallée a Rue Sainte Barbe, déi net sou gutt erschloss sinn haut. Hei nach eemol am Detail. Da gesäit een dat och: gréng ass enner honnert Meter, giel bis zweehonnert Meter, rout bis dräihonnert Meter an dann mauve, schwaarz ass da méi wäit. Do gesitt der och, dass dat op de reale Foussweeër baséiert. Nach eemol an de Süden. Do ass jo nach d'Situatioun, wéi se haut ass, do ass elo nach kee Bus erageluecht ginn an de Quartier NeiSchmelz. Do solle jo dann och Busse rakommen an d'Arrête verortet ginn, dann ass dat och ganz gutt erschloss an Zukunft. Gi mer weider an de Konzept. Do si jo véier Voleten, déi ee muss bearbechten.

Dat ass also den öffentlechen Transport, d'Mobilitéé douce, haut gëtt se och aktiv Mobilitéit genannt, also de Fouss-





gänger an de Vëlo, den Autoverkéier a wéi gi mer mat der Gestiou vum Parkraum ëm. Effentlechen Transport, dat ass also d'Netz fir d'Zukunft. Eemol als ganz Gebitt duergestallt och scho mat den neien Nimm vum neien RGTR-Reseau, deen elo d'nächst Joer soll kommen. Ech ginn net hei an den Detail. Mir bleiwe jo méi oder wéineger op deem Netz, wéi mer et haut hunn, mam Citybus, mat de Regionallinne vum TICE. Dobäi kënnt den Ex 207, de 507, deen op Wuelpereng verlängert gëtt, an doduerch och d'Chance gëtt, e bëssen duerch Diddeleng ze fueren, och Leit matzehuelen an do och eng besser Erschléssung ze maachen. Den Ex 305 wär dann de 631. Et gëtt leider e bësse méi komplizéiert. Se sinn all ëmgedeft um RGTR-Reseau. Dat wäerte mer schon nach hikeréien. Am Quartier NeiSchmelz, do gëtt et jo d'Iddi fir dann dee Citybus ran ze verlängeren. Souwuel den 8 wéi och den 9 do ranzefueren an zousätzlech e sougenannten BHNS fortzeféieren, eng regional Linn, déi da vum Quartier NeiSchmelz duerch den Zentrum op Esch an op Belval soll féieren. Vu que datt déi Linnféierung nach net ganz fixéiert ass, si se lo mol hei ugedeit. A se sinn och kloer duergestallt an dem Réseau routier vum dem Quartier NeiSchmelz, mee dat ass jo dann, wann et réaliséiert gëtt, wéi de BHNS da wierklech fiert, dat ass da réischt an 2-3 Joer wou dat da kënnt. Dann de 507 hu mer hei och just ugedeit datt en Zoufftgengerstrooss rofkënnt. Well do nach net kloer ass, vu Säite vum Ministère, wéi mer en duerch Diddeleng féieren. Mir géifen e gär méiglechst wäit och duerch den Zentrum féiere fir méiglechst vill Leit matzehuele wa mer vu Wuelpereng kommen. Déi uersprénglech Iddi vum Ministère war, d'Diddenewenerstrooss ze fueren, mee mir fannen dat dat besser wär, duerch d'Duerf ze fueren. Dat sinn déi Achse vun de Busser. Dann de Reseau Mobilité douce, dat ass Vëlo a Foussgänger zesummen.

Mir hunn hei eemol d'Gesamtgebitt. Mir hunn eng Struktur, eng Hierarchie gemeet vum Vëlosreseau, sou wéi mir dat och vun anere Reseae kennen. Haaptreseau, Erschléissungsreseau, an da fir spéider en Ausbaunetz. Dat ass jo och geduecht, fir dat mat unzehänken un déi Quartieren, déi nei Quartieren, déi da solle kommen. Fir datt een dat schon direkt mat verortet huet och an de Coulées vertes, och do d'Mobilité active matzehuelen. Hei eemol an den Norde gekuckt, do gesitt der dass déi verschidde Saachen nach zum Deel schematesch sinn. Et ass jo kloer, well dat ZAD-Zone sinn, mee aner Saachen, déi scho ganz kloer verortet sinn, wat och da schon an engem Phasage dran ass fir ze réaliséieren. Déi blo Pinktercher, dat sinn d'Statioune vum Vël'OK, dem System vum Vëlo deen hei am ganze Süden ass, vum Prosud, fir do d'Statioune, déi schon haut a Betrib sinn. An do ginn dann och, entspreichend vum Ausbau vum Vëlosreseau, au Besoin, Statioune dobäigeholl. Do hu mer schon eng dobäigeholl beim CNA. Hei de Süden nach eemol. Do sinn och schon déi Reseae rageluecht ginn, wou mer jo déi Zone résidentielle mat Tempo 20 an déi Zone de rencontre / Shared Space mat dran hunn an Tempo 30, wou de Vëlo an der Regel mat ka fuere well d'Differenz vun de Vitessen téschent deenen anere Utilisateure vun der Strooss geréng ass an doduerch ka matgefouert ginn. Mir hunn och am Vëlosreseau bewusst déi zwou Haaptstroossen ewechgelooss, wéi Zoufftgengerstrooss a Keelerstrooss,

well déi schmuell sinn a keng gëeegent Infrastruktur verdroen a gesot hunn, mir fuere parallel d'Stroossen erop, well dat eng méi securiséiert Vëlosféierung erlaabt, fir do kënnen d'Quartieren ze erschléissen. Dann ass natierlech och nach d'Fro, Enn Dezember ass jo och nach en neit Gesetz komm fir déi staatlech Vëlosreseauen, Pistes cyclables nationales. Do sinn awer 4 Pisten, déi fir eis wichteg sinn. Dat ass d'PC 6, déi féiert net direkt duerch d'Gemengegebitt, ass awer eng wichteg Verbindung, déi vun der Gare Beetebuerg op Esch geet, op där enger Säit, an op Remerschen, wou mer eis mussen unhänken. De PC 8, deen iwwert d'Gemeng hei fiert vun der Beetebuenger Gare iwwer Eurohub, iwwer Koibestraichen op Keel an op Péiteng féiert. Deen ass bei eis lo och schon dran als Reseau. Dann déi Connectioun, déi Antenne fir op déi Reseauen ze kommen, fir eranzekommen op Biereng vum Multimodal, fir dann och un de PCR runzehänken. An da laanscht Riedgen den 8C, deen och op Diddeleng féiert als staatleche Vëloswee. Sou datt mer eis kënnen unhänken, datt mer och kënnen op schnell Vëlosweeër komme fir an d'Stad kënnen ze fueren. Dat sinn Distanzen, déi mat moderne Vëloen haut machbar sinn engersäits, anersäits kënne mer jo do och nach op aner Gare weiderkommen an op Pôles d'échangé kommen.

Am Autoverkéier ass d'Situatioun jo déi, datt mer och hei d'Hierarchie gekuckt hunn. Dann awer och dat Ganzt mat Vitessen hannerluecht hunn. Hei ass elo de Reseau vum Stroossennetz, wéi en an Zukunft ass, mat den neie Saachen, eemol op Sand an eemol am Detail, wou dann och schon déi nei Reseauen dra sinn an deenen neie Quartiere wéi Bëlleg an NeiSchmelz, ass jo da gréisstendeels a Zone résidentielle veruerdnet, an den Erschléissungsreseau fir op d'Haaptstroossen ze komme wier am Tempo 30. Mir géifen och virschloen, datt mer déi Verkéiersberouegung hei am Süden, do gesitt dir dann och de Reseau vum NeiSchmelz an och d'Émleeung vun der Diddenewener Strooss, also Route de Thionville, déi dann och an en anere Regime kënnt, nämlech 50 an net méi eng sougenannten „anbaufreie Straße“, wéi dat am Fachjargon heescht. Déi op 70 ass an erofkënnt an eng urban Situatioun. An de 70 quasi ab der Héicht vum ale Laminoire géif ophalen. Dat wär also och hei am Zentrum de Virschlag, fir Ergänzung vum Shared Space, dee jo nach weidergefouert gëtt, fir do déi Stroossen, déi nach net am 30er sinn, an den 30er ze huelen. Dann natierlech och dat konsequent weiderzeféiere wat bis elo gemeet ginn ass. Verkéiersberouegung mat Zones résidentielles a Zones de rencontre, déi jo hei elo schon zum Deel fonctionéieren. Parkplazen, do ass d'Situatioun esou, dass mer jo e flächendeckende Parking résidentiel an Diddeleng virschloen. Dat heescht also och datt Parkplaze musse mat geréiert ginn. Mir hunn elo hei de ganze Reseau mat der Gestiou hannerluecht. Eemol den Norden, an eemol de Süden. Do gëtt ënnerscheet téschent Parkplazen, déi um Rand sinn, déi fräi sinn, déi och als P+R kënne genotzt ginn. Déi tatsächlech P+R op der Gare a P+R Kierfecht, also an der Beetebuengerstrooss a bei der Gare-Usine, déi dobäisinn. Bis hinn zu deene Parkplazen, déi dann am Résidentiel sinn an déi am Moment och limitéiert sinn, mee fir d'Residenten net limitéiert a fräi sinn. Bis hin zu Parkplaze fir bei effentlechen Anrichtungen, déi och limitéiert sinn, mee dofir



awer trotzdem näischt kaschten, well dat awer och zesammenhängend ass mat de Sport- an de Kulturariichtungen. Dann natierlech ze och kucken, wou déi Parkinge mat de Camionetten, déi nach hei dobäisinn. Am Zentrum nach de Fohrman, d'Tiefgarag am Duerf, déi da fir d'Visiteure vun der Stad zur Verfügung stinn. De Parkraumschlüssel fir d'Wunnen. Et gëtt jo ee fir Autoen an ee fir Véloen, déi komme jo dann an d'Partie écrite vum PAG dran, do hu mir dann och gemeinsam mam Chantal Virschléi ausgeschafft, datt een och elo virgesäit, datt och Parkplaze fir d'Véloe virgesi sinn, déi och befuerbar sinn an déi och machbar sinn. Da si mer och weidergaangen. Mir krute jo dann de Potenzial, deen do ass.

Wéi gi mir mat deenen neien Awunner ëm? Mir hunn dat natierlech berechent, eng Génération de trafic gemeet. Mir kruten d'Awunner derzou. Mir hu gekuckt, wéivill Weeër hunn déi Awunner? Déi maachen déi, opgedeelt an Autofaarten, Matfuere, ëffentlechen Transport a Mobilité active. Also NMV heescht dat hei an der Ofkierzung, dat heescht „nicht-motorisierter Verkehr“, dat ass de Fachjargon op Däitsch. Am Franséische gëtt et déiselwecht Ofkierzung, just ëmgedréint. Dat Ganzt hei da rofgebrach fir déi ganz Quartiere mat ZAD. Da si mer weidergaangen a hu gesot: OK, mir mussen eis jo och en Zil setzen. Mir hunn Donnéeën aus der Etude Luxmobil, aus der Erhiewung, der grousser Befroung, déi 2017 iwwert d'Joer gelaf ass, wou d'Donnéeën 2018 zur Verfügung stinn. An do konnte mer kucken, fir déi Leit, déi hei zu Diddeleng wunnen, ech hunn elo Luxemburger Bevölkerung ageschat, dat ass, wann ee wëllt d'Donnéeën kucken, déi si jo ëffentlech zougänglech. Dat sinn déi, déi zu Lëtzebuerg wunnen, dat sinn net der Lëtzebuenger Nationalitéit, well so jo och d'ganz Frontaliere matgeholl hunn. A mir gesinn haut eist Verkéiersverhalten. A mir hunn hannendrugsat, d'Verkéiersverhale mat den Zilsetzunge vu Modu 2.0. Et gesäit een och, wat fir eng Auswierkungen dat hätt op Diddeleng rofbezunn. Also mir hätten dann en däitleche Wuesstem vum Vélo, en däitleche Wuesstem vum ëffentlechen Transport op Käschte vum Autoverkéier. Hei den Autoverkéier zesummefaasst, Chauffeuren a Matfuere. Mir gesinn awer och d'Situatioun haut, datt am Banneverkéier vun Diddeleng fir d'Halschent vun de Weeër awer den Auto benotzt gëtt. Ech mengen do ass nach en Enjeu an en Effort ze maache fir dat erfrozedrücken. Op där anerer Säit hu mer e ganz héijen Undeel vun de Weeër, déi och zu Fouss zrëckgeluecht ginn, an dat muss een ënnerstëtzen. An dat ass et wat am PAG de Ping Pong war, mat Mixitéit, wou ech dann och vill Weeër kann zu Fouss zrëckleeën. Dat ass jo och dann en Atout fir eng Urbanitéit kënnen ofzebilden. Mat deenen Ziler si mer ragangen. Mir hunn eis grouss Gebitter zesummefaasst, dat och well mer musse kucken, wéi meer déi op den Haaptreseau rof kënne kréien. Do hu mer dat gruppéiert, dat si 4 Gruppen, déi mer gebillt hunn. A mir hunn do fir déi véier Gruppen d'Génération de Trafic nach eemol genee rofgebrach. An dann och nach eng Kéier de Spëttestonneverkéier gerechent an da gekuckt, wou fuere d'Leit hi wa se ausserhalb vun Diddeleng fuere oder rakommen, dat nennt een Quell-Zilverkéier, dat ass also iwwert d'Gemengegrenzen eraus, am Géigesaz zum Banneverkéier, deen innerhalb vun der Gemeng ofgewéckelt gëtt. Du hu mer nach gekuckt, wat fir eng Achsen

huelen déi Leit, wou fuere se hin. Dat op Grondlag vu Saachen, déi mer aus dem Verkéiersmodell nach hu vum staatleche Verkéiersmodell, vun der Cellule modèle de transport, an dat awer riwwergerechent hunn. Do hu mir dat Verkéiersmodell net ugeworf well et ze graff ass fir Diddeleng. Mir hunn dat missten anescht ugoen, well Diddeleng nëmme mat 4 Zellen ass, an da kréien ech dat net richtig ofgebillt. Mir hunn dann eenzel gekuckt, wat bedeit dat op verschidde Stroosse mat deem Schlëssel? Wat bedeit dat am Autoverkéier zousätzlech? An da jee-weils déi eenzel Kräizungen a Knotepunkten ugekuckt.

Mir hunn an der Reegel e Wuesstem téschent 10 a 15% an der Spëttestonn, wann alles do a Betrib ass. A mir hunn dann och eng verkéierstechesch Berechnung gemeet a gekuckt, ob dat fonctionéiert an ob et klemmt, a wou et klemmt. Hei d'Lëtzebuengerstrooss, mam Kreesverkéier, hei d'Kräizung Gafelt mat der Kaylerstrooss, wou natierlech vu Gafelt erop vill méi Autoe komme wéi haut. Dat ass och logesch, well do souvill Leit an der Neier Schmelz dobäikommen. Déi musse jo iergendwou vun do erauskommen. An dann hu mer gesot, OK, da geet een Deel iwwer d'Lëtzebuengerstrooss, oder iwwer d'Keelerstrooss an een Deel geet iwwert d'Zouftgenerstrooss. Dofir schléit dat och ganz staark zu Buch, well déi Kräizung jo och ongläich belaaucht ass. Dann, dat gesäit ee jo och ganz gutt, wann een déi Diddenewenerstrooss och nach mam ale Gabarit gekuckt huet. Mir hunn dann, do gesäit ee jo och datt vun der Diddenewenerstrooss ganz vill Autoen erakommen, mee dat ass bewältegbar op deem Punkt. Bon, dat sinn elo just e puer Aspekter. Mir hunn déi ganz Kräizungen, de ganze Reseau ugekuckt a festgestallt. Mir hunn och de Banneverkéier – entschëllegt, dat hunn ech vergiess ze soen - an enger Prognos erageholl an och dat mat ëmgeluecht op de ganze Reseau. Well mir jo wëssen, dat awer och an Zukunft, och wa mir eis Efforte maache mam Modu 2.0 awer nach 40% vun de Weeër mam Auto zrëckgeluecht ginn. Wat een awer nach misst, menger Ansicht no, reduzieren. Mee déi hu mir hannerluecht an opgerechent. An dann hu mer gesinn, datt dat wat momentan do ass, datt de Reseau dat packt an de Spëttestonne fir déi nei Verkéieren ofzewéckelen. Da wär ech scho fäerdeg. Da ginn ech dann un den Hans-Walter weider.

**HANS-WALTER WONN (ÖKO-BÜRO):** So, was ich jetzt vorstellen möchte, ist die strategische Umweltprüfung zum PAG. Die strategische Umweltprüfung ist in den letzten Jahren praktisch parallel zur Ausarbeitung vom PAG durchgeführt worden. Das ist hier so ein bisschen dargelegt mit dem Wort „iterativer Prozess“. Das heißt, das sind Dinge, die sich so gegenseitig beeinflussen. Der PAG, die Ausarbeitung des PAGs und die Ausarbeitung der strategischen Umweltprüfung, mit dem Ziel, dass nachher zwei verschiedene Dokumente zwar entstehen, die sich aber in ihren Inhalten kohärent verhalten. Die strategische Umweltprüfung, das sehen Sie hier auf der rechten Seite, die gliedert sich in zwei große Phasen. Die Phase 1 ist die sogenannte Umwelterheblichkeitsprüfung, abgekürzt UEP. Und diese ist von unserem Büro bereits im Januar 2018 durchgeführt worden. Wo ich heute ein bisschen näher drauf eingehen möchte, das ist diese Phase 2, die Detail- und die Ergänzungsprü-



fung. Das ist auch das, was Sie in ihrem, jetzt doch relativ umfangreich gewordenen Dokument, zur Verfügung gestellt bekommen haben. Aber es ist auch so umfangreich weil die 1. Phase als Anhang auch nochmal dabei gelegt werden muss, das verlangt so das Umweltministerium. Links unten sehen Sie dass die strategische Umweltprüfung auf einem Gesetz basiert, das ursprünglich eine EU-Direktive war, die dann in ein luxemburgisches Gesetz umgewandelt worden ist oder konkretisiert worden ist. Das ist das SUP-Gesetz vom 22. Mai 2008. Und zu diesem Gesetz parallel ist ein Leitfaden ausgearbeitet worden, nach dem diese strategische Umweltprüfung auszuarbeiten ist, mit dem Ziel, im ganzen Land werden PAGs gemacht, im ganzen Land werden strategische Umweltprüfungen gemacht, und die Idee ist einfach die, dass, basierend auf dem Leitfaden, jede strategische Umweltprüfung im Land die gleichen Inhalte dann auch widerspiegelt.

Die strategische Umweltprüfung muss sich natürlich auf irgendwas basieren. Sie muss Ziele haben und sie muss Kriterien haben, nach denen die Auswirkungen auf die Umwelt beurteilt werden. Und das ist dargelegt in der strategischen Umweltprüfung in Form dieser Schutzgüter. Und die Schutzgüter, die sehen Sie hieraufgeführt: Bevölkerung und menschliche Gesundheit, Pflanzen, Tiere, biologische Vielfalt, Boden, Wasser, Klima und Luft, Landschaft. Aber auch Kultur- und Sachgüter. Sie sehen, es betrifft jetzt nicht nur unbedingt die natürliche Umwelt, sondern auch das Schutzgut Bevölkerung und menschliche Gesundheit, oder auch Archäologie, Kultur und Sachgüter sind bei diesen Schutzgütern vorhanden. Bevor ich im Detail auf diese 2. Phase, die Detail- und Erheblichkeitsprüfung eingehe, möchte ich noch kurz die Umwelterheblichkeitsprüfung vorstellen, also diese Phase 1. Der Prüfgegenstand in dieser Phase 1, das waren alle noch nicht bebauten Flächen. Und zwar, unabhängig davon, ob sie im Perimeter liegen oder ob sie Neuausweisungen darstellen. Also Neuausweisungen gab es hier ja praktisch nicht, bis auf eine ganz kleine Ausnahme. Aber alle Flächen, die im jetzt noch gültigen PAG vorhanden sind und noch nicht bebaut sind, die waren Gegenstand der strategischen Umweltprüfung. Und das waren insgesamt 61 Flächen, nur im kleinen Überblick, also die sind so mehr oder weniger über die gesamte Stadt verstreut. Im Rahmen der strategischen Umweltprüfung Phase 1, also Umwelterheblichkeitsprüfung, musste für diese 61 Flächen eine Aussage getroffen werden. Und zwar die Aussage: Ist eine Bebauung umwelterheblich auf dieser Fläche oder ist sie es nicht? Und diese Auswirkungen, die werden in einer 5-stufigen Skala dargelegt. Das Dunkelgrüne oben, das ist keine Betroffenheit. Das heißt, das ist vollkommen ohne Konflikte. Das hellere Grün besagt, es ist mit geringen Auswirkungen zu rechnen auf die Umwelt. Gelb bedeutet, es ist mit mittleren Auswirkungen zu rechnen. Lila hoch und Rot, ist mit sehr hohen Auswirkungen zu rechnen. Immer wenn bei jedem Schutzgut eine dieser ersten drei Kategorien festgestellt worden ist, also keine Betroffenheit, gering oder mittel, dann wurde diese Fläche nicht mehr in der 2. Phase, in der Detail- und Ergänzungsprüfung, beurteilt.

Kam es aber bei irgendeinem Schutzgut zu einer Bewertung hoher Auswirkungen oder sehr hohe Auswirkungen sind nicht auszuschließen, dann wurde diese Fläche in der 2. Phase, in der Detail- und Ergänzungsprüfung, dann auch wirklich im Detail untersucht. Hier nochmal ganz kurz, wie sich das Ganze dargestellt hat. Also die Phase 1, mit den 61 Flächen in der Umwelterheblichkeitsprüfung vom Januar 2018. Und dann hier, das ist ganz wichtig, diese Umwelterheblichkeitsprüfung, die wurde von der Gemeinde „pour avis“ an das Umweltministerium geschickt. Und das Umweltministerium hat dann in seinem Avis vom 6. Juli 2018 diese Umwelterheblichkeitsprüfung begutachtet und hat Aussagen getroffen zu der Umwelterheblichkeit dieser verschiedenen 61 Flächen. Und die Aussagen aus der UEP, die Aussagen, die im Avis des Ministeriums standen, die haben letztendlich dazu geführt, dass in der 2. Phase, in der Detail- und Ergänzungsprüfung, insgesamt noch 38 Flächen übrig geblieben sind, die dann im Detail geprüft worden sind. Und diese Phase 2 möchte ich Ihnen jetzt noch ein bisschen näher vorstellen. Das sind diese 38 Flächen, aufgeteilt auf die verschiedenen Lokalitäten Budersberg, Burange und Dudelange. Sie sehen, Budersberg hat die meisten, dann kommt Burange und dann Dudelange. Das hängt damit zusammen, Dudelange im Süden, mit der Siedlungsstruktur, da gibt es nicht mehr sehr viele freie Flächen. Je mehr man in den Norden kommt Richtung Collectrice werden die Freiflächen, die geprüft worden sind halt einfach zahlreicher. Das liegt an der Struktur, an dem Relief der Stadt Dülelingen. Hier nochmal ganz kurz. Hier sehen Sie dann die rot markierten Flächen. Das sind die, die in der 2. Phase behandelt worden sind. Die gelben dann nicht. Das ist so ein Beispiel für eine Fläche, die nicht umwelterheblich war. Das ist z.B. Billig, schon mehrfach angesprochen worden. Das war eine Fläche, da hat man gesagt, die ist relativ unproblematisch. Das Gleiche für den Süden, da sehen Sie im Süden die meisten Flächen sind Innerortsflächen, Flächen die schon mitten im Siedlungsbereich liegen. Und da waren die Umweltauswirkungen eigentlich schon in der Erheblichkeitsprüfung als relativ gering angesehen worden. Noch ein kurzer Abstecher zu dem Aspekt Biotop und Artenschutz, weil das bei der Bewertung der Flächen relativ wichtig ist.

Es gibt im neuen luxemburgischen Naturschutzgesetz von 2018 zwei Artikel, die sich sehr stark mit dem Biotop- und Artenschutz beschäftigen. Das ist zum Einen der Artikel 17 und das ist zum Anderen der Artikel 21, wo es um essenzielle Lebensräume geht. Das muss ich, damit Sie das Ganze ein bisschen besser verstehen, noch ein bisschen näher erläutern. Also dieser Artikel 17, der umfasst Biotope, also was Sie so kennen: Hecken und Wälder und Weiher und sonstige schützenswerte Lebensräume. Aber auch die Lebensräume von geschützten Tierarten mit einem schlechten Erhaltungszustand. Wenn ich Ihnen das einmal ganz kurz erläutern darf: eine Hecke, ein Baum, eine Baumreihe, da kann jeder sich vorstellen, dass das ein geschütztes Biotop ist. Aber einfach eine Wiese, z.B. eine intensiv genutzte Mähwiese, würde man nicht von Anfang an sagen, das ist ein geschütztes Biotop. Wenn aber auf dieser Wiese ein Jagdgebiet ist von einer Tierart mit einem schlechten





oder sehr schlechten Erhaltungszustand, dann ist auch diese Wiese ein Artikel-17- Biotop. Und für diese Artikel-17-Biotope schreibt das Naturschutzgesetz erstmal ein Zerstörungs- und Beeinträchtigungsverbot vor. Dürfen Sie eigentlich im Prinzip dürfen Sie dort nichts machen. Es besteht aber die Möglichkeit, wenn Sie da eingreifen müssen, eine Kompensation durchzuführen. Und diese Kompensation geht über die Berechnung von sogenannten Ökopunkten für diese Fläche. Sie berechnen die Ökopunkte für den Ist-Zustand, so wie die Fläche jetzt da liegt. Sie berechnen die Ökopunkte für den Planungs-zustand, also das, was dahinkommt, und die Differenz müssen Sie ausgleichen. Und die Differenz müssen Sie bei diesem Artikel 17 monetär ausgleichen. Das heißt, sie müssen dafür dann bezahlen. Angenommen, im Ist-Zustand hätte eine Baufläche einen Ökopunktwert von 50.000 Ökopunkten. Und wenn Sie darauf bauen, hätten Sie noch Ökopunkte in der Größenordnung von 20.000 Ökopunkten. Dann müssten Sie 30.000 Ökopunkte ausgleichen. Und ein Ökopunkt ist ein Euro, d.h. Sie müssten dann 30.000 Euro als Kompensation bezahlen. Und diese 30.000 Euro würden dann genutzt werden, um an anderer Stelle im Land, auf ganz speziell ausgewiesenen Kompensationsflächen, die Kompensation umzusetzen. Das sind so klassische Artikel-17-Biotope, kennen Sie alle. Ich habe davon gesprochen, auch die Lebensräume von geschützten Arten mit einem schlechten Erhaltungszustand. Das muss natürlich auch geregelt werden. Ich habe Ihnen mal hier so eine Liste von verschiedenen Fledermäusen aufgelegt, die in diesem Reglement vom 1. August 2018 dargelegt sind. Dort ist der Erhaltungszustand definiert. Alle Arten, die hier so gelb markiert sind, die Namen sagen Ihnen jetzt nichts, das sind verschiedene Fledermausarten. Alle die hier so gelb aufgeführt sind, das sind Arten mit einem schlechten Erhaltungszustand, die rot aufgeführt sind, sind die mit einem sehr schlechten Erhaltungszustand und nur diese grünen, das sind die – FV bedeutet „favorable“ – mit einem günstigen Erhaltungszustand. Also überall, wo Sie so eine Art regelmäßig – das ist wichtig, nicht sporadisch – also regelmäßig antreffen, die entweder gelb oder rot markiert ist, ist das ein Artikel-17-Biotop.

Anders bei den Artikel-21-Lebensräumen. Das sind essenzielle Lebensräume. Das sind Lebensräume, die eine Art unbedingt braucht, damit sie überlebensfähig ist. Und ich erkläre das immer so: da gilt natürlich auch laut dem Gesetz für den Artikel 21 ein Zerstörungs- und Beeinträchtigungsverbot. Bei Verstoß kann man da auch eine Kompensation machen. Aber diese Kompensation, die geht nicht mehr über Geld, nicht mehr monetär. Die müssen Sie anders regeln. Wenn irgendwo eine Fläche als Artikel-21-relevant markiert ist, dann müssen Sie dafür, wenn sie dort eine Bebauung durchführen, eine vorgezogene CEF-Maßnahme durchführen. Was heißt das konkret? Ich erkläre das immer an dem Beispiel, wenn Sie irgendwo in einem Haus wohnen und es kommt jemand und möchte das Haus abreißen, dann sagen Sie erstmal : Nein, das geht nicht. Und dann sagen Sie vielleicht in einem zweiten Schritt: Wenn Sie das aber unbedingt machen müssen, dann stellen Sie mir doch bitte ein Haus hin, wo ich dann hinziehen kann. Und genau so ist das hier auch. Das heißt, wenn Sie irgendeiner Tierart einen

essenziellen Lebensraum wegnehmen, müssen Sie vorher, bevor Sie den alten Lebensraum zerstören, einen neuen Lebensraum für diese Art schaffen. Das ist wesentlich komplizierter als dieser monetäre Ausgleich nach Artikel 17. Hier noch ganz kurz ein Beispiel, wie solche CEF-Maßnahmen aussehen können. Es gibt verschiedene Tierarten, da sind die CEF-Maßnahmen relativ einfach durchzuführen. Nehmen Sie mal einfach den Spatz, den Haussperling. Wenn der irgendwo auf einer Fläche drauf ist und Sie zerstören diese Fläche, dann können Sie das regeln, indem Sie z.B. für den später Nistkästen aufhängen. Oder die Grünanlagen in der Fläche relativ umweltfreundlich gestalten. Bei den meisten Arten ist es aber so, und dann wird's dann ein bisschen schwieriger, Sie müssen die Kompensation außerhalb des Baugebietes durchführen. Durch Anlage von Hecken, durch Anlage von Obstwiesen, durch Anlage von Ackerrandstreifen und, und, und. Also das ist dann schon ein bisschen komplizierter. Und da müssen Sie viel mehr investieren, sowohl finanziell – Sie müssen ja erstmal eine Fläche bekommen – als auch gedanklich, um da eine sinnvolle CEF-Maßnahme zu machen. Essenzielle Lebensräume sind natürlich die Brutstätten und die essenziellen Jagdgebiete, aber auch verschiedene Leitlinien. Und die Leitlinien, wenn die essenziell sind, z.B. für verschiedene Fledermausarten, können Sie in der Regel relativ wenig machen, außer Sie erhalten diese Leitlinien, oder machen 50 Meter nebendran eine neue.

Jetzt ist es natürlich so, ich habe jetzt viel über Artenschutz gesprochen, um diese Aussagen treffen zu können für die verschiedenen Flächen, die wir untersucht haben, müssen Sie natürlich wissen, welche Arten kommen dort vor? Und deswegen wurden im Jahr 2019 Geländestudien durchgeführt für die meisten der Untersuchungsflächen für die Tiergruppen Fledermäuse und Vögel. Und diese Informationen haben wir dann benutzt, um herauszufinden, ob so eine Fläche Artikel-17 oder 21-relevant ist. Wie gesagt, hier sehen Sie die ganzen Flächen, für die die artenschutzrechtlichen Überprüfungen durchgeführt worden sind. Alles, was wir da an Informationen zusammengetragen hatten, das haben wir auf so Maßnahmenkarten dargestellt. Sie finden in dem SUP-Dossier, weil das auf einer Karte für die gesamte Stadt etwas unleserlich geworden wäre, haben wir 4 dieser Maßnahmenkarten in die strategische Umweltprüfung aufgenommen. Das ist einmal Budersberg-Nord, einmal Budersberg-Süd, einmal Burange, einmal Dudelage. Und auf diesen Karten finden Sie folgende Informationen: Erstmal, um welche Fläche handelt es sich? Ist das eine Fläche, die in der Phase 2 detailliert behandelt worden ist? Oder es gibt auch die Situation, dass wir Flächen nach der Phase 1, dass die noch neu hinzugekommen sind, die wir aber im Umweltbericht noch nicht berücksichtigt haben. Wir haben dargestellt, die Schutzgebiete, sowohl die Naturschutzgebiete, die europäischen und die nationalen, als auch die Schutzgebiete nach dem, also jetzt mittlerweile ja fast nach dem „Plan sectoriel paysage“, die ja jetzt fast durch sind, die haben wir dann auch dargestellt. Wir haben die verschiedenen Biotope dargestellt. Es ist eben schon mal angesprochen worden. Wir haben die Brutstandorte verschiedener Vogelarten dargestellt und wir haben die Flugrouten von Nahrungs-



gästen, die also auf eine Fläche gegangen sind, um dort Nahrung zu suchen. Das haben wir alles dargestellt. Wir haben, da kommen wir jetzt wieder zu dem Artikel 21, essenziell. Wir haben die essenziellen Lebensräume der Fledermäuse dargestellt, und wir haben die essenziellen Leitlinien für die Fledermäuse auch dargestellt. Das ist der Ist-Zustand. Dann haben wir aufgrund dieser Basis Maßnahmen definiert.

Das Erste, und das ist eigentlich immer die wichtigste Maßnahme: wenn man wichtige Strukturen hat, sollte man die erhalten. Deswegen haben wir, wo immer es nur ging, in Absprache mit der Stadt, in Absprache mit dem PAG-Büro, Vorschläge gemacht, wo man wichtige Strukturen erhalten kann. Die sind dann auch auf diesem Maßnahmenplan dargestellt. Wir haben Maßnahmen zur Landschaftsintegration dargestellt. Und wir haben, deswegen diese ganze Vorrede, mit dem Artikel 17 und 21, wir haben dann auch dargestellt auf der Maßnahmenkarte, welche Fläche ist relevant nach Artikel 17, also wo muss man diese Ökobilanz machen und muss sich diese Ökopunkte dann kaufen? Und welche Fläche ist wirklich Artikel-21-relevant, wo man eventuell diese relativ komplizierten CEF-Maßnahmen durchführen muss. Dann ein ganz kurzer Streifzug durch die Flächen, ich erkläre Ihnen das ein bisschen beispielhaft. Das ist unsere Fläche Budersberg 1, oben in Wolser. Da ist ein Horst vom Schwarzmilan, d.h. ein Brutstand vom Schwarzmilan, ist natürlich essenziell, dürfen wir nicht zerstören. Aber das ganze Gebiet hier ist auch ein essenzielles Jagdgebiet für den. Wenn Sie hier bauen, müssen Sie dieses essenzielle Jagdgebiet ausgleichen. Das können Sie, wenn alles hier bebaut ist auf der Fläche natürlich nicht machen. Die Fläche ist Artikel 21 CEF markiert, d.h. Sie müssen in der Umgebung eine neue Fläche finden, wo Sie diese CEF-Maßnahme durchführen. D.h. Sie müssen dort ein neues Jagdgebiet für den Schwarzmilan anlegen. Und die Fläche ist auch als Artikel 17 definiert, weil hier auf der Fläche verschiedene Arten, Vogelarten und Fledermausarten sind, mit einem schlechten und sehr schlechten Erhaltungszustand. Die Fläche Koibestrachen oben, da ist es ähnlich. Wir haben dort Brutstandorte für verschiedene Vogelarten mit schlechtem und sehr schlechtem Erhaltungszustand. Wir haben Brutstandorte, also essenzielle Standorte von verschiedenen Vogelarten. D.h. da müssen wir auch nach Artikel 17 und Artikel 21 CEF ausgleichen. Hier sehen Sie ein Beispiel für Erhaltungsmaßnahmen. Da ist noch eine der wenigen Obstwiesen in der Stadt Düdelingen überhaupt, die sollten wir dann erhalten. Und das ist auch von uns so vorgeschlagen worden und das ist dann auch in den PAG übernommen worden, dass diese Obstwiese in Zukunft auch so beibehalten wird. Der ganze Bereich Ribbeschpont, da sehen Sie sehr viel an Informationen. Da gibt es essenzielle Leitgebiete für Leitstrukturen für Fledermäuse. Es gibt essenzielle Jagdgebiete... Also da gibt es alles, was irgendwo schützenswert ist. Und da ist es so, dass Sie versuchen müssen, diese essenziellen Leitstrukturen zu erhalten. Das ist hier relativ gut möglich, weil dort die Gasleitung verläuft. Und am Rande dieser Gasleitung sind schon sehr viele Gehölzstrukturen vorhanden. Entlang dieses Weges, der da entlang der Gasleitung vorbeiführt. D.h. da bestehen sehr gute

Möglichkeiten, diese Leitstruktur für die Fledermäuse zu erhalten. Hier ist aber auch noch mittendrin ein essenzielles Jagdgebiet der Bartfledermaus. Das können Sie bei einer Bebauung dort nicht erhalten. Das heißt konkret, Sie müssen dort an einer anderen Stelle, am besten da oben irgendwo, außerhalb vom Bauperimeter, Kompensationsmaßnahmen durchführen. Das wird natürlich nur dann aktuell, wenn Sie die Fläche auch bebauen. Die bebauen Sie ja nicht in einem Zug, die bebauen Sie sukzessive. Und so sukzessive müssen Sie dann auch die Maßnahmen umsetzen. Ähnlich ist das hier. Wie gesagt, Sie haben ja die Dossiers, ich gehe jetzt nicht alle Flächen durch. Aber im Prinzip haben wir fast überall Artikel-17- und Artikel-21-Relevanz.

Interessant noch eine Fläche hier im Norden von Burange. Auch essenzielles Jagdgebiet, hier da ist schon ein PAP teilweise bestimmt. Da muss man auch essenzielle Maßnahmen durchführen und das bietet sich da an, da oben Kompensationsmaßnahmen außerhalb vom Bauperimeter. Jetzt gehe ich mal die Flächen ein bisschen schneller durch. Was wir auch noch gemacht haben ist, für alle Flächen, die nicht in der Phase 2, in der detaillierten Umweltprüfung aufgeführt worden sind, haben wir auch Maßnahmen definiert. Da zeige ich Ihnen nur so ein Beispiel. Wir haben auch untersucht, kleinräumige Umwandlungen der Grünzone. Das sind überwiegend Flächen, die heute als Spielplatz genutzt werden. Die waren früher in der Zone verte und sind heute als Zone de récréation definiert. Zone de récréation ist eine Bauzone, die mussten wir dann überprüfen. Aber wenn dort die Grünanlagen oder die Spielplätze, die im Moment dort sind, beibehalten werden, ist das natürlich kein größerer Impact. Prinzipiell definiert der Umweltbericht Maßnahmen für einzelne Flächen. Aber der Umweltbericht, die strategische Umweltprüfung, hat keine Rechtsverbindlichkeit. Die Rechtsverbindlichkeit wird erst erreicht, wenn diese Maßnahmen, die vorgeschlagen werden, in den PAG übernommen werden. Und das wird gemacht mit diesen sogenannten „Servitudes urbanisation“ und da wird später noch davon gesprochen werden. Die kumulative Auswirkung, da gebe ich Ihnen mal ein Beispiel, das ist der Bodenverbrauch. Man hat für jede Gemeinde und jede Stadt hier im Lande einen Orientierungswert für den Bodenverbrauch ausgerechnet. Und für Düdelingen liegt der bei einem Zeitraum von 12 Jahren bei 95,04 Hektar. Nimmt man jetzt die Flächen, die für den Bodenverbrauch hinzugezählt werden, die jetzt im PAG als Bauland ausgewiesen sind, nur die PAP-NQ aber ohne die ZAD-Flächen, also nicht dieses Bauerwartungsland, dann kommt man hier auf eine Fläche von 42,63 Hektar, also da liegt man sehr weit unter diesem Orientierungswert. Das hängt auch damit zusammen, dass viele Flächen, wie z.B. die Neischmelz, weil das eine Fläche ist aus dem Plan sectoriel Logement, da nicht mitgezählt werden. Hier noch einmal kurz der Kumulationsraum im Nordwesten von Budersberg. Hatte ich schon einmal angesprochen. Muss man hier in dem Bereich relativ viele Kompensationen machen, das bietet sich auch an. Das ist eine „Coupure verte“ nach dem Plan sectoriel paysage. Da darf sowieso nichts mehr passieren. Das sind dann so ideale Flächen, um Kompensationsmaßnahmen durchzuführen. Und wir haben einen großen



Kumulationsraum, da oben, im Norden von Burange, da müsste man in diesem Bereich dann Kompensation umsetzen.

Der Bereich der Landschaftsintegration ist auch schon angesprochen worden. Ganz ganz wichtig, diese grüne Verbindung vom Gehaansbiérg bis rüber zum Parc Le'h in einem sogenannten grünen Band, um Aktivitätszonen von Wohnzonen zu trennen. Die strategische Umweltprüfung schlägt viele Maßnahmen vor, es muss aber auch später in einem Monitoringprogramm dargelegt werden, ob dass, was da angenommen worden ist, ob das auch alles zutrifft und ob insbesondere die Maßnahmen umgesetzt worden sind, die die strategische Umweltprüfung vorgesehen hat. Die strategische Umweltprüfung ist relativ umfangreich. Deshalb hat sie eine nicht-technische Zusammenfassung, da ist alles, die wichtigsten Ergebnisse sind da in verständlicher Form noch einmal dargelegt. Zur Prozedur, wird denke ich jetzt noch relativ viel gesagt werden. Nur eine Sache, die Prozedur SUP von PAG unterscheidet: Die Zeit für die Reklamationen ist bei der strategischen Umweltprüfung 45 Tage, beim PAG nur 30. Also Sie können gegen die strategische Umweltprüfung 15 Tage länger reklamieren, also die Bürger, die Reklamationen schriftlich an den Schöffenrat. Zu der Prozedur sage ich dann irgendwann später noch was. Da sind wir jetzt noch nicht. Das kommt erst, wenn das erste Votum gemacht worden ist.

**CHANTAL ZEYEN (BUREAU D'ETUDES ZEYEN + BAUMANN):** Da komme mer zum PAG selwer. Do hate mer jo scho geschwat, extra Dokument. Wat mécht de PAG? Bien, e reglementéiert iwwert de ganzen Territoire. Dat heescht, e seet, do wou ka gebaut ginn. Dat si jo dann déi Flächen, déi „Zones d'urbanisation“ oder „destinées à être urbanisées“. Et gëtt och erëm e Bauperimeter, deen awer net sou heescht. En heescht „Délimitation de la zone verte“, mee mengen sollt een en och erëm Bauperimeter nennen. Da sinn doriwwer natierlech déi Aktivitätsberäicher, déi do dra sinn. Wa mer elo eng Kéier kuerz iwwert d'Légende ginn, dann hu mer 2 Zorte vu Wunnformen déi haauptsächlech sinn. Déi Hellgiel sinn déi, wou méi Eefamilljenhaiser sinn, HAB2 si méi Méifamilljenhaiser an MixedU (net liesbar um Slide) ass do, wou eng Mixitéit ass, wéi d'Wuert et seet, awer och gewunnt gëtt. Dat sinn déi Zentrumsgeschichten. Wou een dann do awer och nach kann z.B. am Quartier existant, dat gräift dann herno relativ gutt aneneen, wou ee seet, z.B. wou mer dann elo Niddeschgaass hunn, wou mer Shared Space hunn, fir dass do awer och Geschäfte sinn, kënne mer am PAG soen, an der Strooss Grande-Duchesse Charlotte, do muss um Rez-de-chaussée Aktivitéit sinn, muss Commerce sinn, musse Restauranten a sou weider sinn. An z.B. an der Rue du Commerce/ Libération, do muss och Aktivitéit sinn, vläicht net direkt an deem Sënn, mee Servicer, sou dass een eeben och an deem Kader do e gewisse Liewe behält. Dass dat net kann ëmgewandelt ginn a Wunnen. Dann hu mer eng Rei Zonen, wou mer déi éffentlech Besoins ënnerkréien. Engersäits déi méi grouss Gebaier, Sports- a Schoulgebaier:

Dann den Equipement public, wat méi flächeg Saache sinn. Oder d'Plazen, oder wéi hei de PS wat elo sozial

Wunnensbau ka reglementéiert ginn och iwwert dee Wee. Déi nei Zon léisst zou, dass een dat do och huet. Dass een dat och kann do dra maachen. Dann d'Gare, Räck, dat sinn haauptsächlech d'Spillplazen, well déi zwar och kënne gréng sinn, mee well déi awer och solle kënne vun der Gemeng amenagéiert ginn an een net fir all Bänk soll müssen den Environnement maachen. A well et jo awer och zum Wunne gehéiert, sinn déi als dat definéiert. Déi sinn also net an der Zone verte. An dann den EL, do wou déi Saache si mat den Déieren, gréng fir Gaardenzonen. Dann déi verschidden Type vun Aktivitätszonen um kommunalen Niveau. Da Wolser, Riedgen, Eurohub, Scheleck a Koibestrachen, wat dann déi national sinn. Déi jo zum Deel dann iwwert de Plan sectoriel kënt. Wou dann awer d'Gemeng herno ka Gréngstrukturen dra maachen, wat awer wichteg ass. Si kann och soen, dat ass ZAD, dat heescht, si setzt dat ëm. Dann hu mer déi Rei „Zone spéciale laminoire“, déi hate mer jo diskutéiert. Dat sinn déi Zones spéciales, déi lo net direkt am PAG, an där Nomenclature, déi iwwert d'ganzt Land geet, virgesi sinn, déi awer spezifesch sinn. Hu mer déi och hei fir de Laminoire geholl, well dat jo eng spezifesch Mixitéit do ass. Dann den Centre pour Animaux, dee war schon ugeschwat ginn, dee jo dann déi Extensioune duerstellt. Kräizbiérg war scho sou eng Zone spéciale, also fir Tankstellen. De Greisendall, dee jo och soll eng spezifesch Notzung an deene Gebaier kommen, déi och erhale solle ginn, wat se méi Commerce-Service ass. Dann hate mer virun enger gewässer Zäit eng Modifikatioun gemaach, well d'Antenn och eng Aktivitéit ass, déi net an der Zone verte kompatibel war. An de Réseau ferroviaire, well awer do eng Rei Saachen nieft de Schinnen opgeriicht gëtt, dass dat da kloer ass, dass dat kommen. Dat sinn déi Zonen, déi innerhalb vum Perimeter sinn. Délimitation de la zone verte, dat Ganzt ass op de Parcellaire gezechent an déi Delimitatioun vum deenen eenzelen Notzungen hunn och nach en extra Stréch.

Dann ausserhalb vum deene bebaubaren Zonen ass dann dat, wat dann an der Zone verte ass. Dat ass also dann d'Zone agricole, wat wäiss ass. Zone forestière oder, wat Parc oder Verdure ass, och dat gehéiert an deem Sënn zur Zone verte, woubäi do awer och am Text drasteet, dass kënnen Infrastrukture kommen, wéi kleng Bänken oder eng Gloriette, oder wéi ech et och ëmmer soen, déi eeben zu deem Parc, zu der Destinatioun vun där Zon gehéieren, dass déi méiglech sinn. Mee hir Prioritéit ass jo scho fir gréng ze sinn, fir naturno ze sinn, mee fir awer och fir eng gewisse Notzung ze hunn. Da komme mer bei déi Zonen, déi herno am PAG driwwergeluecht ginn, iwwert déi Faarwen. Déi eigentlech dann d'Liewen duerstelle vum deenen Zonen. Do hu mer engersäits déi PAPen, déi an der Vergaangenheet geneemegt goufen, oder déi a Prozedur sinn, wéi a Bëlleg oder déi véier PAPPen vum Neischmelz, déi jo ganz klorerweis, och wa se nach net ganz autoriséiert sinn, si se awer virgesinn, fir herno ze halen, well se ganz spezifesch sinn, well se spezifesch Moosnamen hunn, a jo och gewässer-moossen, an deem Sënn e Quartier existant duerstellen iwwert déi Weeër. Dann all déi Saachen, déi herno Nouveau Quartier sinn, déi hunn déi schif Schraffur iwwert déi Faarwen, an déi Zone d'aménagement différencié sinn, déi Bauerwartungsland oder déi méi laangfristeg,



wéi z.B. de Ribbeschpont, déi sinn dann eng Kéier deen dote Wee schrafféiert. An deen aneren Deel hunn ech schonn erkläert, dat ass dat. An déi Zonen hei, déi dann déi doten Definitiounen hunn, dat sinn déi nei Quartieren, déi herno, wann ee wëllt e PAP draus gemaach ginn, nom PAG, an déi ginn dann iwwer Koeffiziente gereegelt. Déi Koeffizienten, dat ass natierlech e bëssen abstrakt. Mee dat ass déi Densité Logement, dorausser gesäit een, prozentual zu der Bruttofläch, wéi vill Wunnenge kënnen do drop kommen. Do gesitt der z.B. dass mer beim Ribbeschpont 15 stoen hunn, well mer do bewusst soen, do wëlle mer herno dorobber agoen. Mir hunn awer da bei aneren Zonen der duerchaus 40 oder souweider, och wann et am Zentrum ass méi héich. Den CUS ass dat wou ee sech kann ausrechne pro Bruttofläch, wéi vill Meterkaree kann ech bauen. Den COS ass, wann herno den Terrain, dee jo eng Bruttofläch ass, wou nach Stroossen a Weeër a Plaze kommen, wou dann duerno déi eenzel bebaubar Fläche sinn. Dorausser gesäit een dann, wéi vill Prozent vun där Fläch ka verbaut ginn. An den CSS, dat ass den Degré de scellement, dee seet, wat ka verbaut ginn, a wou kann ech awer och nach e Wee maachen oder eng Terrass a sou weider. Dat ass e bëssen d'Iddi, fir d'Versigelung e bëssen am Grëff ze halen. Dat sinn also déi Wäerter, déi am PAG dra si fir en neie Quartier. Dobäi kennt dann e Schéma directeur, deen nach eng Kéier eng gewëss Beschriewung huet, wou dann och z.B. drasteet, an deem Quartier sollen awer ëmmerhin, och wann et Méifamilljenhaiser sinn, dass awer och ëmmer en Undeel vun Eefamilljenhaiser ass. Sou dass eigentlech och an deem Fall ëmmer erëm déi Saachen erëmkommen, wéi een sech dat virstellt. Dat setzt jo de Kader fir deen, deen herno op privatem Niveau eventuell do dee PAP do mécht, dass deen ee Kader huet. Dat ass also dat wat fir déi Flächen Nouveau Quartier ass.

Am Géigesaz zu deenen, déi Quartier existant sinn. Dann hu mer déi Zone de servitude d'urbanisation, déi mer lo schonn e puer Mol ugeschwat hunn, do wou mer gären eng Coulée verte hätten, do wou mer gären Elementer hätten, déi sollen erhale ginn, do wou mer eng Integratioun an d'Landschaft hunn. Déi sinn op déi bebaubar Flächen dropgezechent. Déi mussen dann herno an deene PAPen, do gi jo nach déi Bamstrukturen eng Kéier genau vermooss, an do mussen dann herno déi PAPen, déi mussen dorobber Récksiicht huelen. Dat heescht, do sinn och déi Fliedermauskorridoren oder laanscht Baachen a sou weider. All déi Saache sinn do drop. Dann ass och vermierkt, wou Minière sinn oder wou eventuell Sevesosberäicher sinn. Wou nach kleng Accès si fir de Stroosseberäich, awer och ganz wichteg, wou ee Reseau wëll hu fir d'Mobilité douce, eventuell op engem privaten Terrain, wat dann net am öffentleche Raum ass. Dat heescht, wann den Här Molitor lo Vélosweeër innerhalb vun de Stroossen anzeechent, da muss en déi net am PAG sinn. Mee hei, wann een awer ausserhalb wëll eng Liaison hunn iwwert deen Terrain, da muss dat hei dra sinn, well dat jo och gewässermoossen d'Servituten, grad sou wéi déi Reewaasserachsen, déi mir brauchen. Dann dee ganze Volet „Secteur protégé – Environnement construit“, wou déi eenzel Haiser, déi als Haus ze schützen sinn, markéiert sinn, och déi Haiser, déi als Gabarit oder als Alignement asw. ze schützen sinn, déi dann in-

nerhalb vun engem Secteur sinn, wat ee gewässermoossen als Ensembl-Schutz kann nennen. Dat heescht bei de Gebaier, do gëtt ganz kloer gesot, do sinn déi viischt Fassaden, sou wéi se sinn, an och déi ee vläicht vun der Säit vun der Strooss, musse gehale ginn. Awer vun hannen huet een do duerchaus Fräiheeten, déi an engem Quartier existant, e bësselche wéi dee Quartier och wou et draläit, definéiert. Dat heescht, ech kann do schonn ubauen, oder wéi um Wolkeschdall, dass ech och do kann ubauen, well dat den Ensembl ass. Mee dass dann een Ubau net kann iwwert d'Corniche erausgoen. Also ech mengen, dass een einfach engersäits d'Volumetrie. A bei deene Gebaier sinn et dann och d'Fassadestrukturen, wéi d'Fënstere sinn a wéi och vläicht Ornamenten sinn, déi ze hale sinn. Déi beim Gabarit, do ass de Gabarit ze halen.

Do kann d'Haus ofgerappt ginn an et soll dann awer an där Form erëm dohinner kommen, op déi Plaz. Grad wéi beim Alignement soll et op déi Plaz erëm hikommen, well eeben dann aus deem Zesummespill, wat jo dann deen Urbanismus aus deenen historeschen Zäiten ass, soll gehale ginn. Do hu mer dann awer och nach herno am Quartier existant nach Spezifizitéite wou mer dann eeben ob e Brill nach spezifesch drop aginn. Wat ass do wichteg? Dat heescht, de Parcellaire, déi Haiser, oder déi Reienhaiser, déi jo duerch déi Struktur, wéi se uneneegebaut sinn do nach eng Kéier preziséiert sinn. Dann hu mer de Corollaire zu deem wat an deem Gebaute wichteg ass gehalen ze ginn. De Corollaire vum eigentleche Genre Landschaftsschutz, deen dann am Bausseberäich ass, dee mer mat der Kaart wäerte gesinn, deen uewen eise Gréngkorridor do mécht. Um nationale Plang sinn do Kaméidizonen ausgewise ginn. Déi ginn am Fong och an de PAG mat iwwerholl. Well et jo och wichteg ass, wann herno an engem Règlement sur les Bâtisses eventuell do Bestëmmunge kommen, datt ech an deem Beräich soll aner Fënstere maachen, Fënstere maachen, déi dicht si géint de Kaméidi. Déi si jo och meeschtens gutt fir Wärmeschutz, dat ass da komplementär. Dat sinn dann déi Moosnamen, déi da wäerten an engem Règlement sur les Bâtisses sinn, mee dat sinn och déi Saachen, déi eeben och am PAG sinn. Woubäi och déi Saache kommen, déi um nationale Plang oder um europäesche Plang definéiert sinn. Och nach eng Kéier hei dran d'Natura-Zon a sou weider. An dann d'Biotopen, déi mer opgeholl hunn.

An och grad déi Saachen, déi lo vum Här Wonn gesot goufen, den Artikel 17, wou bestëmmte Moosname musse gemaach ginn, oder den Artikel 21, wou eventuell déi virgezunne Moosname gemaach sinn. Déi sinn um Plang definéiert, sou dass een da weess, wat kennt op mech duer, wann ech do deen Terrain wëll maachen. Grad sou wéi déi archeologesch Saachen. Och, da weess ech schonn am Virfeld, wann ech do Analyse muss maachen, da kann ech dat am Virfeld maachen, da spueren ech herno Zäit. Da wann d'Iwwerraschung kennt, dann ass dat schonns gemaach. Hei gesi mer e bësselchen de Verglach. Hei ware scho ganz änlech Faarwen. Och hei waren déi öffentlech Saache blo, dat huet dann elo, eebe well dat eenheetlech iwwert d'ganzt Land sou komm ass. Da gi mer op deen ieweschten Deel, wou mer hei eeben och déi gepunktet Linnen, eeben dee Secteur N hunn, wou mer soen dass mer hei mat där Servitude, déi hei





duerch deen Aktivitéitsberäich geet, hei ass dat Gréngt scho komm, och hei derduerch, hätte mer herno dann dat gréngt Band, wat iwwer den N hei geséichert ass an hei iwwert déi Situatioun do kënnt. Hei gesi mer dann déi eenzel Zesammenhäng, eng Kéier uewen an ënnen. Ech ginn dann nach eng Kéier op déi Beispiller an. Dass mer och hei de Wolser, dass mer prezis do, wou déi Talusé sinn, dass mer déi och par Rapport zum ale Plang prezis definéiert hunn. Dat ass jo kloer, dat soll jo och net bebaut ginn. Da kann et jo och dee Moment déi Zone de verdure do hunn. An dann och hei beispillsweis de Recyclingszenter an och déi Plaz fir d'Tankstell, wou een dann och hei gesäit, deen EN, wou eeben an der SUMP gesot gouf, wou och ganz interessant Vegetatiounen sinn, déi sinn dann iwwert den EN Element naturel iwwert eng Servitude markéiert. Dat heescht, do ka schonn dat gebaut ginn, mee dat muss an deem Kontext gehale ginn.

Dann hei als Beispill, wéi kann dat elo vir sech goen, wéi dat do entwéckelt gëtt, dat ass jo dann als Nouveau Quartier, zwar elo am Moment nach als ZAD. Fir ze kucken, wéini dass dat da ka kommen. Do sinn dann eeben déi sougenannten Nouveaux Quartieren, iwwert e Schéma directeur, deen hei dann, hei ass nach eng Kéier eng Vergréisserung aus dem Plang, wou mer déi Koeffiziente gesinn. Beispillsweis ass hei d'Densité de Logement natierlech guer net héich, well hei ass jo keng Wunnzon. Mee et soll awer och méiglech sinn, dass ee fir de Gardiennage do ass. Mir hunn hei am PAG déi Coulée verte agezeechent, och dësen Dee mat den Eléments naturels agezeechent. Hei hu mer Aktivitéitsberäich, fir dass herno hei dat gréngt Band wäerten hunn. An och hei an där Wunnzon ass och een EN, ee Bongert, dee soll gehale ginn hei um PAG drop markéiert. Dir gesitt en och hei an der Wierklechkeet op der Loftfoto, wat dat heescht. Mir gesinn och hei nach eng Kéier déi Wäerter ... Hei ass dat elo net so spektakulär, well mer lo hei net déi Wunndénger hunn. Mee herno, niewent dem Text, deen dobäi ass, ass dann do e Schéma directeur, deen dann déi Saache schematesch nach eng Kéier méi prezis seet. Dass mer hei de Beräich hu vu Wunnen, dass mer hei de Beräich hu vun Aktivitéitsberäich. An dann eeben hei dertëschent, dass dat do déi Gréngstruktur ass, déi do ab deem Niveau erëmzefannen ass. Grad sou hei an där Wunnzon, wéi hei an deem Déngen. Dat ass am Fong d'Zesummenspiel, d'Prezisioun aus dem PAG eraus an de Kader gesat fir de Schéma directeur, fir den Nouveau Quartier. Deen nächsten deen hei kënnt, dee weess genau, hei muss eng Strooss derduerch komme fir dass mer kënnen. Dee seet, hei muss Gréngstrooss kommen, do kann natierlech eng Mobilité active erduerchgoen. Do solle Verbindungen sinn, mee do soll awer elo net eng Strooss derduerch goe well jo awer dann dat Zil do verfeelt ass. Dann hu mer hei de Quartier Ribeschpont. Deen ass schonn e puer Mol komm. Hei wou de Park direkt definéiert ass, wou och déi Gréngstruktur direkt als Park definéiert ass. Hei wäert dann d'Zukunft weisen, wou herno dann de Beräich ass vun enger neier Schoul, wou hei een neien Zentrum soll kommen, wou och eng Mixitéit ass. Dofir ass et jo rout, dass et do och kann Akafsméiglechkeete ginn. Da kënne jo och eng Rei Leit do kommen, fir dass dat do ass. An hei gesi mer dann och Butschebuerg, wou déi eenzel Haiser, déi déi ursprén-

glech ländlech Struktur hei festhalen, wéi déi markéiert sinn. An och hei stellt dat duerch aus nach e klengen Zentrum duer. Hei hu mer iwwregens och dee klenge Rec EL, wann der dee géingt sichen, fir déi Déierenhaltung, fir déi do ze autoriséieren, déi als Solches net an enger Zone verte méiglech sinn.

Dann ass hei deen ëstlechen Deel, wou mer hei gesinn den Helper, deen och nach ZAD ass, wou nach musse Prezisiounen kommen, wéi ee ka kucken, wéi dat da ka kommen. Wou een awer och hei laanscht d'Lëtzebuergstrooss gesäit, dass hei eng gewëss Mixitéit ugeduecht ass, mat deene Commercen, déi do dra sinn. Dass do awer och ëmmer kann e gewëssen Undeel vu Wunne sinn. Dat si jo Zonen, déi sou e bëssen en Transition sinn. Och do gesi mer, dass mer hei déi Beem, déi kënnen definitiv gehale ginn, déi sinn als EN markéiert. An och hei ass da beispillsweis lo den Artikel 21 a 17 dorobber, sou wéi en hei ass. Hei ass och eng Zone Tampon, par Rapport zu der Eisebunn. Hei gesi mer och, dass do wou déi Mobilitéit ass, wou an Zukunft soll kënnen ausgebaut ginn, dass dat och alles mat där Schraffur do dranner ass. Mer kucken dann eng Kéier e bësselche méi am Detail en neie Wunnquartier, wéi dat sech do presentéiert. Eh bien, hei hu mir déi Intégration paysagère, well mer hei an déi oppe Landschaft ginn. Mir hunn hei natierlech och nach eng Kéier déi Kompensatiounsmoosnamen, déi am Gaang si gemaach ze ginn am Kader vum Rondpoint. Déi dann och hei dee Moment komplementar si mat deem N, dee mir hei dorobber hunn. Mir hunn also engersäits hei déi Intégration paysagère, mir hunn awer och eenzel Gréngstrukturen, déi och hei markéiert ginn. Déi mer och hei op deem Gebitt gesinn a wou mer soen, et ass jo och e gewëssen ekologesche Wäert, mee et ass awer och ëmmer erëm e Wäert, wann ech schonn eng grouss Struktur hunn, wann dee Quartier gebaut gëtt, fir dat dann direkt mat opzehuelen. Mir gesinn dass mer hei vun ongeféier 164 Wunnlokalitéiten schwätzen. An dësem Deel wäerten et der dann éischer 16 sinn. Mir hunn och hei ëmmer, vläicht nach eng Kéier zréck, fir dass mer gesinn, wéi den Undeel ass an engem Schéma directeur. Ëmmer dat Verhältnes wéi vill Eefamilljenhaiser zu Méifamilljenhaiser, och eebe wat ëmmer gesot gouf, dass een do sech déi Mixitéit soll undenken.

Sou e Schéma directeur géif dann och esou ausgesinn, dass een hei dat gréngt Band hei gesäit, dass een dann och gesäit, wéi kéint een sech hei eng Strooss virstellen, déi eeben och bestëmmte Plazraim sollen hunn. Eebe Plaze wéi och hei vir, wou een och Quartiersliewe kann hunn. Och eng Struktur, déi hei soll gehale ginn ass mat deem roude Punkt markéiert. An dat hei sinn dann ëmmer, de Prinzip vun deene kuerze Weeër, dee mer hei un déi aner Weeër drucknäppen, fir dass mer eeben do maximal dat och hunn, fir kënnen eeben déi Offer ze maache fir all Weeër och kënnen iwwert de Fousswee oder iwwert de Véloswee kënnen ze maachen. An och déi Gréngstrukturen, déi do gehale ginn. Dann hu mer hei den Deel Boujel, hei mat der Brillschoul, déi och hei geschützt ass, de Parc Le'h. An dann hei déi nei Zon fir déi Déieren hei kënnen opzefänken oder hei och dee klenge Quartier bei der Parkstrooss. An dann natierlech déi extra Haiser hei bei der Parkstrooss, déi all als Gebai och markéiert



sinn, grad wéi hei am Brill, wou déi eenzel Haiser do dra sinn. Wat een och elo hei net sou gutt gesäit, dat sinn déi C-Punkten. Da vläicht hei nach eng Kéier ee Beispill vun engem neie Quartier. Wou mer och hei erëm gesinn, dass mer déi natierlech Strukture sollen halen, dass mer op dësem Deel ee PAP maachen, fir eeben och déi Strukturen ze hale fir Sportinfrastrukturen. An dat hei ass deen Deel, dee mat enger BEP-PS ass, wou kann herno soziale Wunnensbau kommen. Wou dann och déi Strukturen déi mir hei gesinn och an där Struktur hei opgewise ginn. Wéi ee kann, trotzdem een hei déi Saachen hält, dat awer kann dat erschléissen. Engersäits mat enger Strooss, wéi och hei kann eng Mixitéit sinn oder wat déi Notzung ass.

Mir gesinn hei nach eng Kéier am Zentrum, wou mer dat dann am Rouden hunn, wou mer als Beispill hei de Quartier am Duerf hunn, dee jo realiséiert ass, wou mer awer dee Quartier wäerten halen, de PAP, well déi déi Spezifitéit hunn. An och hei ass da beispillsweis och sou e Quartier en mutation, wou en neie PAP muss gemaach ginn, hei bei der Jean Wolter, wou dat da lo e bèsse verbaut gëtt. Wou denken ech, Villes wäert ewechkommen a wou ee sech dann awer och hei Gedanke mécht, wéi kéint dat da sinn. Dass een och do rëm eng Blockrandbebauung huet, dass dat vläicht eng Déifgarage ass, wou d'Autoe stinn. Dass een dann do awer eng Gréngstruktur huet. Dass een och onbedéngt drun denkt, hei ee Wee derduerch ze maachen. Dass een hei eng Mixitéit huet mat ëffentlechen Infrastrukturen, hei e bèsse méi eng Densitéit dran huet och mat dem Wunnen. Dass een och hei dee kleng Wee, deen hei vun der Niddeschgaass riwwergeet, dass deen e bessen hei mat enger Plaz opgefaange gëtt, fir sou ee Bléckfang ze hunn. An och hei, dass een och ëmmer erëm probéiert, de Stroosseraum, deen do ass, och e bèsse mat e puer klengen Opweitungen mat ranhëlt, och hei eenzel Gebaier do ka mat ranhuelen. Ech mengen, do gesitt Dir lo e bessen, wéi do de Werdegang ass, wéi dat matenee fonctionéiert. Och hei, wéi mer an deene Strukturen hei Gebaier hunn, déi gehale ginn oder hei, wéi ee Quartier, deen haut éischer mat Garagen ass, niewent dem Rossi, wéi och do kéint an Zukunft eng Strooss raleeën, wou vläicht an de Joren dann och mol eng aner Notzung ka kommen. Dass ee seet, no vir soll vläicht e bèsse méi en Densitéit sinn och nach eng Kéier mat enger Plazsituatioun. Ech mengen dat sinn sou déi eenzel Elementer, déi mer doranner hunn. Wou mer awer och hei nach eng Kéier gesinn, déi HAB1, déi herno wäert an de Quartier existant komplementär kommen. Lo hunn ech dat net grad dorobber. Just als Beispill d'Schmitstrooss, déi mer och ganz kloer als HAB1 an och mat klengem A, mir kommen nach dorobber, mam Quartier existant, dee mer lo ganz kloer gesot hunn, dass déi lo just kann Eefamilljenhaiser hunn. A well dat lo haut an där Form gestëmmt gëtt, mengen ech ass et sënnavoll dass ee seet, dass déi Modification ponctuelle, déi do virun enger Zäit ugelaft ass, dass een déi Prozedur am Fong net méi brauch, dass een do en Double emploi hätt. Dass een déi an deem Ament kann ophiewen. Mee dass een awer weess, dass dat net ophieft, well een näischt an d'Plaz huet, mee well hei de PAG jo ganz kloer dat haut seet. A well jo vun haut un e gewësse Stopp ass, do kann näischt contraire

gemaach ginn zu deem neie Plang, ass dat dann domadder ofgeséichert. Voilà, ech mengen, dat war lo zum PAG.

Vläicht dann nach eng Kéier ganz kuerz de Quartier existant. Ech mengen et ass lo kloer, dass dat dat ass, wat net den neie Quartier ass. Dass et do ass, wou dir haut wunnt. Dass mir den Accent wëllen dorop setzen. An do muss een eng Kéier am Detail kucken, dass déi giel Faarwen hei ennerdeelt ginn. An zwar enner déi, déi e klengen A hunn, wou mer soen dat ass unifamilial, mam Logement intégré. De Logement intégré, wat keng separat Wunneng ass, déi ee ka verkafen, wou awer ee kann ugemellt sinn, wat een op Däitsch Einliegerwohnung nennt. Wann een en Haus huet, wat méi grouss ass, wou een awer vläicht eng Persoun kann... wou ee kann eng douce Noverdichtung hunn, mee wou awer net den Nodeel ass vum Bifamilial, wou een herno 2 Copropriétéiten huet, mee wou ëmmer ee Chef ass vun deem Ganzen, awer wou och de Virdeel ass. Dann hu mer de B, wou jo eng gewëss Noverdichtung ass op de Bifamilial, a sou hu mer dat ennerdeelt iwwert déi eenzel Buschtawen. Well eeben do können Residencë kommen, bis zu 6 oder zu 8. Fir dass awer herno net alles ewechgerappt gëtt an eng Residence kennt, hu mer do och eng Klausel dran, dass wann ee méi e groussen Terrain sech géing opkafte goen, dass ee vun 30 Meter un awer ëmmer misst kucken, dass innerhalb vun sou engem – wat mer dann herno am Quartier existant Lotissement nennen – well dir lo vläicht Morcellement gemaach hutt. Dat heescht, do gëtt e groussen Terrain nei opgedeelt an no de Critèren oder no den Definitioune vum Quartier existant gemaach gëtt. Do steet dann dran, dass een op sou engem vun 30 Meter un awer och ëmmer muss da 50% Eefamilljenhaiser maachen. Dat heescht, do kann een eng Residence maachen. Do gëtt dann awer och gekuckt, wéi déi kënnen unenegebaut sinn a sou weider: Ech mengen dat ass dann dat, wat een dann och an der Mixitéit, an der HAB2 erëmfënnt. Eeben ëmmer iwwert déi kleng Buschtawe fir dass een do déi Saachen au départ direkt am Grëff behält, fir eeben déi Saachen ze preziséieren. Woubäi een dann am Zentrum natierlech seet, do ass et einfach dat, wat et muss sinn. Dat wat d'Plaz ass, dat wat do ass. Datselwecht geet natierlech och iwwert d'Aktivitéitsberäicher, iwwert all déi ëffentlech Saachen, wou déi da kommen. Just fir ze weisen, wéi dat ausgesäit. Mir hunn hei uewe Butschebuerg, wou mer ganz kloer soen, dat ass Eefamilljenhausstruktur. Do hu mer dann de B2, wat kann op de Bifamilial goen a sou weider. Ech menge mir hunn do déi eenzel Quartieren. Dat muss een eng Kéier am Detail kucken. Mee an deem Quartier existant, do si beispillsweis och Saachen dran, fir dass de Gaart net ka mat Autoen zougestallt ginn. Fir datt 30% vun der Virgäertercher soll, a muss, gréng sinn. Do ass och definéiert, wat ass gréng. Dass dat keng gro Steng sinn, dass dat also och dee Moment dat ass. An et ass och sech vill Gedanke gemaach ginn, dass do, wou ech an den Terrain eraufueren, dass dat eng gewëss Breet huet, 3,50 Meter, dass also déi Virgäertercher bleiwen an och déi Beem, déi een am Stroosseraum huet an déi Parkplazen, dass déi am ëffentleche Raum erhalte bleiwen, dass do also ee Wiessel ass, dass dat do mat dran ass. Ech mengen, dat ass komplex, do war och vill Gespréich doriwwer a vill Aarbecht fir dat ze maachen.



Dir gesitt dass hei ganz grouss Dealer HAB1 sinn, mat deene Buschtawen dorobber, déi dat da preziséieren. An dann och eeben hei déi Quartieren, déi wéi e Park sinn natierlech ausgespuert oder Quartieren a sou weider. Bon, do kënnt nach eng Partie écrite derbäi, do weisen ech iech elo just nach e puer Saachen. Dir wësst dass dat iwwer-geschalt gouf, dir fannt ëmmer déi Definitioune zréck. D'Basis vun deem wat herno kann do kommen, fir dass och eng gewëss Mixitéit an der Typologie ass, hu mer gesot, op deene meeschte Fäll soe mer 80 Meterkaree netto Plaz. Dat heescht all Appartement huet am Schnëtt 80 Meterkaree, do kënne méi grousser sinn a méi klenger. Dat heescht am Bouteraum, dee sech aus enger Residence do rausgëtt, dee muss awer gekuckt ginn, fir dass een herno lo net lauter kleng Wunnengen huet oder lauter grousser. Dass do also och eng Handhab ass, fir dat ze maachen. Niewent deem, wou ech virdru gesot hunn, dass mir um Rez-de-chaussée carrement soen, do muss Commerce sinn asw. gëtt eeben de Quartier existant vill méi an den Detail. Et ass och opgepasst ginn dass mer lo Niveauen hunn, déi net waren. Dass dat ganz kloer ass, och wann do e platten Daach kënnt, dass dat ganz kloer definiert ass. Wat ass dee Retrait? Wéi wäit muss deen erasprangen, dass een awer nach ëmmer déi Form huet. Wat ass een Daach mat enger Fiicht, wat sinn do déi Héichten? Déi Héichte sinn och ugepasst un déi haiteg Prinzipien, dass ech kann do e gutt isolierten Daach maachen. Do si ganz vill Saachen déi kommen laut där haiteger Zäit, mee di sinn awer vläicht nach eng Kéier iwwerducht ginn a prezisiert ginn. Wéi gesot, do ass all Quartier gekuckt ginn, wat do passt.

Nach eng Kéier zur Prozedur. Mir haten et scho gesot, de PAG, dee leeft parallel mat der strategescher Ëmweltpräiwung. Haut si mer bei der Saisine. Dann ass den Datum, wou d'Publikatioun ass. Vun der Publikatioun u lafen déi 30 Deeg Zäit, wou d'Leit Zäit hunn hir Objektivatiounen a Reklamatiounen zum PAG ze maachen. An déi 45 Deeg fir eppes zur SUMP ze soen. Dono ginn dann, déi 30 Deeg ginn déi Leit da gelauschtert. Da kënnt awer och nach en Avis vun der Kommissioun. Et kënnt och nach en Avis vum Ministère de l'Environnement. De Ministère de l'Environnement huet 4 Méint. D'Kommissioun huet sech deen Delai eraushuele gelooss an engem Gesetz. Aus der Erfahrung weess een, dass déi éischter 6 Méint brauchen. Wann dat dann alles virläit, da gëtt am Schäfferot de Plang iwwerschafft, da kënnt en nach eng Kéier an de Gemengerot, an da gëtt de Vott iwwert eng nei Versioun geholl. Dono kënnt en nach eng Kéier 15 Deeg aushänken. An déi Leit, déi dann an där 1. Phas net Recht kritt hunn, déi kënnen nach eng Kéier beim Ministère reklaméieren, an duerno gëtt dat dann approuvéiert. Wéi gesot d'SUMP, déi leeft do parallel. A parallel dozou leeft dann iwwert d'Prozedur vum PAP de Quartier existant, dee vum Schäfferot op de Wee geschéckt gëtt. Mee déi Publikatioun ass awer parallel, kënnt och parallel an d'Zeitung och mat der strategescher Ëmweltpräiwung. An da gesinn déi Datume sou aus. An da gesäit een och wou een zu Diddeleng um Site herno ka fein dorobber klicken, wou een dann dorobber kënnt, an do gesäit een och déi eenzel Delaien. An och nach eng Kéier d'Informatioun, dass eeben déi öffentlech Informatiounsversammlungen, déi mussen jo an deenen éischte 15 Deeg no der Publika-

tioun sinn, an dat wäert dann déi Delaien, déi hei stinn, wäerten dann do sinn. An domadder wär ech fäerdeg, an ech soen iech Merci fir Är Gedold. Mee et war awer vill, dofir huet et och déi Zäit gedauert.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci dem Chantal Zeyen, dem Romain Molitor an och dem Hans-Walter Wonn, an ech wollt och nach hei zum Ofschluss vun der Presentatioun soen, dass déi öffentlech Informatiounsversammlung de 24. März em 19 Auer ass am Lycée Nic Biever. Do wäerte mir och déi néideg Kommunikatioun maachen, wou natierlech och d'Diddelenger Bierger souwéi et d'Gesetz och virgesäit, iwwert de PAG informéiert ginn. Voilà dëst gesot, oder gesinn, wéi villschichteg a komplex de PAG ass. Ech mengen, Dir hat schonn eng Vorkost am Kader vun deenen zwee informelle Gemengeréit. Et war eis awer wichteg, haut och am offizielle Gemengerot, och well d'Vertrieder vun der Press hei sinn, awer nach eng Kéier a méi resumierter Form op déi verschidde Punkten an Elementer vum PAG anzegoen. An ech menge lo ass d'Diskussioun op fir déi verschidde Stellungnamen. Den Här Gangler.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, da si mer jo lo haut beruff, fir déi éischt Versioun vun eise allgemenge Bebauungsplang op den Instanzewe ze schécken. Um Enn vun dëser Prozedur, déi ongeféier e Joer wäert daueren a wou och eis Diddelenger Bierger implizéiert sinn, sollen dann d'Weihe geluecht si fir eiser Stad Diddeleng eng harmoniös Entwécklung mat op de Wee ze ginn. All Staddeeler sollen sech nohalteg entfalen an de Bierger eng liewenswäert Heemechtsstad ubidden. Mir vun der CSV begrësse bei dësem Projet speziell dass déi verschidde Wunnquartiere bäibehale ginn an dass si hir Nues an hir Eegestännegkeet behalen. D'Quartiere sinn d'Basis vun engem harmoniösen Zesummeliewe vun de Bierger an eiser Stad. Des weidere sollen awer och nei Quartiere geschaf ginn. Mir fannen et och gutt, dass virgesinn ass, keng allze héich onperséinlech Wunngebaier opzerichten a mir begrëssen och d'Mixitéit vun de Gebaier an deene verschidde neie Wunnzonen. Do soll déi Typologie vun de Gebaier also harmonesch un déi besteend Bauforme vun den Nopeschquartieren ugepasst ginn. An eng Mixitéit vun de Fonctiounen mécht d'Liewen an de Quartieren ofwiesslungsräich.

Dass national en akute Wunnengsmangel besteet ass gewosst, dass eis Stad wuessen a Wunnenge schafe muss ass selbstverständlech, awer mir sinn eis all eens, dass mer net wëlle wuessen em all Präis. Bauen a Wunnen soll an eiser Stad mat enger héijer Liewensqualität fir jiddereen verbonne ginn. D'Etude préparatoire huet erginn dass vun deenen 21 Quadratkilometer Gesamtfläch vun eiser Stad nach 110 Hektar kënnen am PAG als Bauflächen ausgewise ginn. 50 Hektar an neie Quartieren, an 11 Hektar doduerch, dass broochleidend Baulücke sollen erschloss ginn. Mir begrëssen dass de Baupériméter net soll erweidert ginn, an dass mir eis op déi Fläche konzentréieren, déi um jëtzege Terrain vun der Stad leien. Mat Lenkeschléi si mer am Gaang an d'Nei-Schmelz ass mat hiren 30 Hektar déi nächst Etapp. Well



mir e kontrollierte Wuesstem ustriewen hu mir nach 49 Hektar u Bauzonen ausgewisen, déi am sougenannt- en Différé leien, also réischt erschloss solle ginn, wann dee gréissten Deel vun de Baulücke bebaut ass, an nach weidere Wunnengsmangel besteet. Do musse jo dann och Stroossen, Schoulen, Sportsinfrastrukturen asw. age- riicht ginn, an dat kann nëmmen an engem laangfristegen Zäitplang realiséiert ginn.

Diddeleng ass vun Naturschutzgebidder ëmginn an huet aktuell och ganz vill Gréng- an Erhuelungsflächen opzeweisen. Eng Ëmweltetüd am Virfeld huet eis ge- wisen, wou schützenswäert Biotopen, Déierenaarten a Liewensraim existéieren a mir hunn dat an eise Pla- nungen opgeholl a wäerten dat respektéieren. Sou soll e Grénggürtel ronderëm d' Stad mat Vernetzu- nge bannent dem Perimeter opgebaut gi fir noha- ltegen Ëmweltschutz an ekologesch Mobilitéit ze garantéieren. D'CSV begréisst dat explizitt, well noha- tege Wuesstem net ouni Erhalen a Schütze vun der Natur méiglech ass. Wann ech eng 15, 20 Joer zrëck- denken - a Verschiddener heibanne wäerten sech nach dodrunner erënneren - da kënt mer dee fréiere Logo vun eiser Gemeng an de Kapp. Dat war eist Gemengenhaus mat engem schéine breede Grénggürtel ëmginn. Eis Stad huet déi Zäit jo scho grouss Efforten am Ëmweltschutz gewisen, sou dass dee Logo hir gutt zu Gesiicht stoung. Iergendwann, an ech weess net firwat, gouf de Logo awer geännert, an dee grénge Rimm ass ewechgefall. Eis Efforte fir d'Ëmwelt si bliwwen a souguer gewuess, mir sinn ënner anerem dem Klimapakt bäigetrueden. Awer no baussen hin huet de Logo vun der Gemeng dat net méi ugewisen. Eis Minettgemeng, déi jo schonn zënter Mënschegedenke scho rout ass, ass dunn och um Logo rout ginn.

Fir d'Ausschaffe vun eise PAG ze begleeden, hu mir op d'Kompetenz vun engem gudden Architektbüro gesat an do dernieft nach en Aarbechtsgrupp „Refonte du PAG“ gegrennt. Zanter 5 Joer besteet deen Aarbechtsgrupp elo. Vun eise 15 Sitzungen hate mer d'Hallschent 2019. Do goufen haaptsächlech d'Parties écrites, souwuel vun den neie wéi vun de besteende Quartieren iwwerschafft, d'strategesch Ëmweltprüfung an d'Schémas directeurs virgestallt an eng Richtlinn fir erhalenswäert Gebaier iwwerschafft. Begréissenswäert ass, dass dobäi net nëmmen eenzel Gebaier opgelëscht goufen, mee dass ganz Secteuren a Stroossen eng Protektioun kritt hu fir hir Egenaart an Harmonie ze garantéieren. Deen Aarbechtsgrupp huet ënner anerem d'Doleancen op de Leescht geholl, déi sech iwwer Joren an Diskussiounen an der Bautekommissioun gewisen hunn. Sou gouf ugestrief, an deem neie PAG eng gréisser Unzuel vu Lacunen an Ongerechtegkeeten ze behiewen. Ech mengen dass eis Aarbecht fruchtbar war, an dass mir an där Hisiicht eppes bewierke konnten. Och wann nach ëmmer vereenzelt Punkte kee Konsens fonnt hunn, wéi z.B. den Accès an Déifgaragen op en- gem Terrain, deen eng staark Pente opweist, fir nëmmen ee Beispill ze nennen. Wéi mir eis Aarbecht dunn Enn Januar fir déi informell Gemengeréit a fir d'Saisine vun haut ënnerbrach haten, a mer, wéi gesot, gemengt hate gutt geschafft ze hunn, war ech allerdéngs erstaunt ze

gesinn dass eis virun enger Woch 2 Dokumenter mat nodréiglechen Ännerungen un der Partie écrite zoukomm sinn. Eng 70 fir déi vum PAG vun den neie Quartieren an eng 160 fir déi vun de Quartiers existants. Begrënnt gouf dat domat, dass nach Onkloerheete bestoungen an engem Affekot seng Remarke mat agefloss sinn. Eng vun deene spéiden Ännerungen ass mer dunn direkt op den éischte Säite vun der Partie écrite vum Projet PAG opgefall. Während an eise Dokument vum September an der Zone d'habitation HAB2 nach Professions libérales erlaabt waren, ware se an deem neien Dokument, wat eis haut virläit, verbueden. Well et sech hei z.B. ëm medezinesch a paramedezinesch Beruffer handelt, déi fir d'Grondversuergung vun enger wuessender Bevöl- kerung noutwenneg sinn, hunn ech mer déi Saach méi genee ugekuckt. Am PAP NeiSchmelz si liberal Beruffer an den Zonen HAB1 an HAB2 erlaabt, an der Zone mixte urbaine an an der Zone Laminoire steet näischt, dass se do verbuede sinn, also kann ee sech elo vläicht froen, ob se dann do erlaabt sinn. Et steet och do vun enger Erlabnes fir sougenannte Services administratifs et pro- fessionnels, wou ech mir awer näischt Konkretes kann drënner virstellen, a wou ech mech da mol froen, ob be- sote Beruffer dodrënner falen.

An da steet an deenen 2 Zonen dann och eppes vun Utilité publique, wouzou ee medezinesch a paramedezinesch Beruffer jo am entfernteste Sënn ziele kann. Awer do besteet eng gewëss Onkloerheet. Während also op Nei- Schmelz liberal Beruffer souwuel am HAB1 wéi am HAB2 erlaabt sinn, sinn se am neie PAG, also an den Nouveaux Quartiers, am HAB1 erlaabt an am HAB2 verbueden. Dogéint si se ëmgedréint an de Quartiers existants am HAB1 verbueden an am HAB2 erlaabt. Dat Ganzt ass also zimlech konfus. Ech mengen awer, dass et e Su- jet ass, deen eis wuessend Bevëlkerung interesséiere géif, well net all Bierger wëllt gezwonge sinn, seng Dok- teren a Kinéen nëmmen am Zentrum opzesichen. Mee vill Leit wëllen dat och an der Peripherie méiglech gesinn. Am Sënn vun der Transparenz wier ech frou, wann Dir mir an eise Kolleegen heibannen an dësem Fall Kloerheet verschafe kéint. Dann hätt ech nach eng Fro zur Prozedur. Am Aarbechtsgrupp war eis eng Lëscht vun 92 Säite vu schützenswäerte Gebaier a Secteure virgestallt ginn, wou vereenzelter zu Diskussiounen gefouert hunn, wat ganz oft op politeschen Divergenzen berout huet. Zwar hate mer an eisen Ënnerlagen en Plang zu deem Thema, Inventaire du Patrimoine culturel bâti, awer dat Dokument mat den Detailer ass dem Gemengerot net virgestallt ginn an et war och net an eisen Ënnerlagen dran. Kënt Dir mir w.e.g. soen, firwat dat sou ass? Handelt et sech ëm en Oubli oder huet dat en anere Grond?

A wéi huet dat sech mat der Publikatioun? Gëtt dëst Dokument dann dem Public zougänglech gemaach, fir hin- nen d'Méiglechkeet ze ginn, Reklamatiounen eranzeginn? Oder gëtt just dee besote Plang z.B. op där ëffentlecher Seance, vun där mir lo den Datum kritt hunn, déi jo deemnächst aberuff soll ginn, publizéiert? An darselwech- ter Iddi wollt ech dann och nofroen, wisou bei der Publikatioun vun de Schémas directeurs Nouveaux Quar- tiers am Aarbechtsgrupp méi Detailer gewise goufe wéi an den Ënnerlage vun de Gemengeréit? Ech denken do





besonnesch u konkret Schemae vun der Zesummesetzung an Typologie vun deene geplangte Quartieren, déi ech aus dem Aarbechtsgrupp nach visuell an Erënnerung hunn, an eisen Ënnerlagen awer vermessen. Vlächicht kënt Dir mir dozou och eng Erklärung ginn? Dës Weidere wollt ech nach op e kleng Feeler opmierksam maachen, dee sech am Plang "Situation du foncier" ageschlach huet. Do ass eng Fondation d'utilité publique, där dem Plang no en zweeten Terrain zu Butschebuerg zougeschouert gouf, deen déi Fondatioun awer net besetzt. Am Sënn vun der Transparenz misst een dee kleng Lapsus nach vlächicht verbessern. Da ganz zum Schluss hätt ech nach eng Verständnisfro zu deem Dia, wou gewise gouf, zum Plan Directeur sectoriel Zone d'activité économique, déi „Disposition abrogatoire Artikel 12 du Règlement Grand-ducal du 25 août '78 déclarant obligatoire le plan d'aménagement partiel portant création de zones industrielles à caractère national est abrogé". Heescht dat, dass deemnächst an den nationalen Industriezone kee PAP méi muss gemaach ginn, oder hunn ech dat falsch verstanen? Do hätt ech gär e bësse Kloecheit driwwer. Ech soen lech da villmools Merci fir Är Opmierksamkeit.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci, Här Gangler fir Är Stellungnam. Weider Stellungnamen? Madamm Goergen.

**ROMAINE GOERGEN (DÉI GRÉNG):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen aus dem Schaffen- a Gemengerot, erlaabt mer unzufänke mat der Stellungnam vun Déi Gréng zu deem Projet vum neie PAG an de begleedenden Dokumenter. Fir d'éischt e grouse Merci un déi zoustänneg Büro fir den Iwwerbléck, dee mir an zwee informelle Gemengerotssitzungen konnte kréien. Do si mer virun allem vum Büro Zeyen + Baumann als iwwergeuerdent Planer, vum ÖKO-Büro fir déi zwou Ëmweltprüfungen an dem Büro Komobile fir d'Verkéisplanerung an déi komplex Matière ageféiert ginn. Merci och fir de relativ bequemen Zougang zu de ganzen Dokumenter, op deenen de Projet Neie PAG schlussendlech berout. Sou kann ee sech och e Bild maache vun de Viraarbechten an Iwwerleeungen opgrond vun deenen d'Pläng an d'Partie écrite zustane komm sinn. Et ass scho beandrockend, wéi vill Informatiounen zesummegegedroe gi sinn iwwert e puer Joer an et gëtt ee bal erschloe vun interessanten Detailer. Dat hu mer haut iwwerengs och erëm gemierkt. Mir hunn ëmmer erëm Neies entdeckt, och haut erëm, an iergendwann decidéiert, eis Interventioun op dat Weesentlecht ze beschränken. An der Etude préparatoire konnt een den Androck kréien, dass keen Aspekt vun der Analys verschount ginn ass an de Planer entgaangen ass. Duerno ass e Konzept ausgeschafft ginn, dat elo d'Grundlag ass vun der Ausweisung vun den Zonen a vun der Partie écrite vum PAG.

Mir wëllen och ervirsträchen, dass de PAG net einfach entworfen ginn ass vun Experten, mee dass besonnesch d'Chantal Zeyen eis Stad scho joerzengtelaang begleet an der urbanistescher Planung. Des weidere hu sämtlech Büros enk mat eise Gemengeservicer, vum Baubüro an der Verkéisplanerung zesummegegeschafft, sou dass hiren Knowhow och konnt afléissen. Et besteet säit Joren en ad-hoc-Aarbechtsgrupp vun Experten an déi och Ver-

trieder vun de Parteien aus dem Gemengerot erageholl gi sinn, an déi dat aalt Bautereglement Punkt fir Punkt duerchgeholl hunn, diskutéiert an ofgeännert hunn. Last but not least sinn och d'Bierger an d'Biergerinne vun Diddeleng mat abezu ginn. Et hunn iwwert d'Informationsversammlungen eraus, Workshops stattfont. Ech huelen un, dass ee ka gedeelter Meenung sinn, op dës Biergerbedeelegung wäit genuch gaangen ass oder net. Wéi eng Iddien aus deene Workshops zréckbehale gi sinn ass jiddefalls manner ersiichtlech, wéi bei de Pape vun NeiSchmelz, wou d'Virschléi vun de Biergerinnen a Bierger extra erwäant ginn. Madamm Zeyen huet eis haut awer beschriwwen, wéi eng Iddie vun de Leit zréckbehale gi sinn an agebaut gi sinn. A mir begréissen dat natierlech. Wann d'grouss Linnen an de Konzept vum zukünftege PAG och kloer gi wann ee sech eng Zäit domat beschäftigt, sou bleiwen d'Detailer dach fir e Laien zimmlech schwierig. Dofir wëll ech lech och net erschloe mat enger ze vill detaillierter Oplëschtung vun all deem, wat een an dëser vaster Dokumentatioun ka fannen.

Ech géif um Ufank kuerz op den allgemenge Kontext vun Diddeleng agoen an duerno e puer grouss Linne vum PAG-Projet aus grénger Siicht presentéieren. Wéi gesäit Diddeleng haut aus? A wéi ass seng Struktur vun der Vergaangenheet beaflosst? Mir hu fir d'éischt emol déi al Duerfkären, Butschebuerg a Bireng, vun deenen nach eppes erhalen ass, während beim alen Diddeleng just den Numm „am Duerf“ bliwwen ass. Dann hu mer am Süden d'Altlaste vun der Siderurgie mat de fréieren Tagebaugebitter, déi zouwuessen an d'Reschter vun der Schmelz vun där mer eng Rei Vestigen erhale wëllen. Zum Zäitpunkt vun der Stolkris si Gebitter am Norde fir sougenannt nei Industrien an e Militärlager erschloss a bereetgestallt ginn a si bedecken och haut nach grouss Flächen. Een Deel dovu gëtt elo genotzt fir eng Logistikzon. Während joerzengtelaang déi Diddelenger aus de südliche Quartiere geplot ware mat Stëbs a Kaméidi, sou sinn et haut déi aus dem Norden, déi dem Verkéier an der Liichtverschmutzung vu Collectrice a Multimodalbetriber am meeschten ausgesat ginn. Wat de Wuesstem vun der Stad betrëfft, sou konnt een nach an den 1990er Joren net behaupten, dass e Konzept hannert der Planung vun den neie Quartiere gestanen hätt. Déi ausgewise Terraine sinn eeben nom klassesche System vun den Eefamiljenhaiser gebaut ginn, a méiglechst fräistoend fir kee Problem mat den Noperen ze kréien. Et sinn an där Zäit, a virdrun natierlech och, oneenheetlech Quartieren entstane wéi de Boujel a Ribeschpont. Um Ribeschpont ass och nach un der Peripherie ugefaange gi mat Bauen, an zu allem Iwwerfluss mat den héichsten Appartementshaiser op enger Kopp. Domat hunn ech nëmmen déi ongëschtegt Elementer aus där Zäit erausgeholl. Et sinn och Residencen an zweeter Positioun eropgezu ginn, an et war gutt, dass deemools de Buergermeeschter Rech endlech eng Noutbrems gezunn huet. Bekanntlech kann ee jo aus de Feeler vun der Vergaangenheet léieren, an et koom zu schrëttweisen Ofännerunge vum Bautereglement, déi déi graffst Problemer versicht hunn ze vermeiden. Dass et zu engem Ëmdenken an der Bautepolitik komm ass erkennt een un de Quartieren, déi an de leschte Joren entstane sinn. Et ass bei der Planung vu Lenkeschléi, Bëlleg an NeiSchmelz e wichtige Schrëtt



gemaach ginn a Richtung verdicht Bauen a sozial Mixitéit. Awer dëst si keng Quartiere ginn, déi radikal anescht sinn a sech u Modeller aus dem Ausland géifen orientéieren, déi Gemeinschaftsgarage baussent dem Wunnegebitt hunn an total autofrâi wärem bannendran. Et sinn och nach vill fräistoend Haiser mat vill Terrain ronderëm an e soll léiwer net ze héich gebaut ginn, obschonn dat duerch vertikal Begréngung duerchaus interessant fir d'Bewunner vun deenen Appartementer kéint sinn.

D'Zuel vun den Awunner vun Diddeleng ass déi lescht Jore kontinuierlech gewuess wéinst senger Attraktivitéit. Et war och erwünscht aus landesplanerescher Siicht, well et un Autobunnsachse läit an eng gutt Ubanung un den öffentlechen Transport huet. An enger Situatioun, wou Wunnenge gefrot sinn, a wou erschwéngleche Wunnraum dringend gebraucht gëtt ass d'Hannerfroe vum Baue vun zousätzlechen Eefamilljenhaiser a Méifamilljenhaiser kaum méiglech. E puer Remarken dozou kann ech mer awer net verbäissen. Ech zielen lech näischt Neies, wann ech behaupten dass aus Diddeleng erauszufueren eng Erausforderung ass. Iwwregens mat all Verkéiersmëttel a souguer zu Fouss. An net nëmme wa Schnéi fällt wéi gëschter. Un der gudde Ubanung un öffentlechen Transport kann ee säit der Definitioun vun den IVL-Gemengen an der Tëschenzäit och zweiwelen. Mir leien net un enger direkter Zuchlinn Richtung Stad a mussen och fir op Esch oder de Belval ëmständlech ëmsteigen zu Beetebuerg. Et gëtt och keng schnell Busverbindung mat Esch oder Belval. Ech mengen net, dass mer nach eng gutt Verbindung un den öffentlechen Transport hu fir aus Diddeleng eraus. Jiddefalls keng sou eng gutt wéi Schëffleng, Nierzeng oder Beetebuerg. E Liichtbléck an där Situatioun kréie mer net gewise bis 2024, wann net souguer bis 2028. A wie ka scho wesse wat bis dohinner ass? Missten net awer Tëscheleisunge fonnt ginn? Mir hoffen ëmmer nach op eng öffentlech Debatt mat CFL a mam Transportminister de nächste Mount, wéi mol ugekënnegt. De Volet Transport ass ganz weesentlech fir d'Zukunft vun Diddeleng, vu sengem Wuesstem a vun der Liewensqualität vun eis all. Dofir wäert d'Monique Heinen och nach méi laang drop agoen. Wann ee sech d'Bilanz vun den Aarbechtsplazen zu Diddeleng aus der Etude préparatoire ukuckt, da muss ee sech bewusst sinn, dass se täuscht. An eisen Industriezone ginn et wuel vill Aarbechtsplazen, si zéien awer Verkéier vu baussen un, während de Gros vun Diddelenger an d'Stad pendelen. Kuerzfristeg wäert sech dorun net vill änneren, awer op méi laang Siicht ass d'Vermischung vun Aktivitéit a Wunnen ubruecht, déi mat kuerze Weeër dohierkënnert. Well d'Zukunft fir Lëtzebuerg net méi a Groussindustrien ze sichen ass sinn dezentral ugesidelt Handwierksbetreiber an Aktivitéiten am Beräich vun den Déngschtleeschungen ze begréissen. Mat NeiSchmelz, der lokaler Zon Koibestrachen— fir Betreiber am Gesondheitsberäich ei, si ass national ginn sorry, Lapsus, a spéider mat Helper wëlle mer op dese Wee goen.

An der Etude préparatoire fanne mer nieft den Etüden iwwert de Verkéier, d'Gestioun vun Ofwaasser an Dréngwaasser och déi monumental Strategische Umweltprüfung (SUP) vum ÖKO-Büro, déi mir nach eng Kéier vum Här Wonn virgestallt kritt hunn. Dës Ëmweltprüfung

betrëfft all onbebauten Gebitt. Ganz akribesch ass gekuckt ginn, wéi eng Liewensraim et gëtt a wéi eng Bedeitung se fir d'Déierewelt an och fir d'Mënschen hunn. De SUP ass vun Experte gemach ginn a mir kënnen deem sécher näischt bäifügen. Et ass awer gutt, dass eenzel NaturschützerInnen an Ëmweltorganisationen nach sech kënnen dran eraknéien a Virschléi aus hirer Siicht maachen. Déi Ëmweltprüfung kuckt dann och bei wéi enge Flächen d'Bebauung e grouse Verloscht fir d'Ëmwelt entsteet, a wéi deem schonn am Virfeld entgéintgewierkt da ginn. Wann Agrëff net vermeidbar si gëtt op déi vum Ëmweltschutzgesetz verlaangte Kompensatione higeschafft. Zum Deel mussen déi am viraus scho geplangt ginn, wat e grouse Plus ass. Diddeleng huet d'Chance am Südwesten an am Südosten ausgedeeent Bëscher an Noerhuelungsgebitter ze hunn. Besonnesch op der Haart huet sech eng sekundär Vegetatioun entwéckelt mat Déierenarten, déi eenzegaarteg sinn. Awer och d'Le'h an de Waal ginn als al Eechebëscher ervirgehewen. No Norden awer ginn d'Haiser a Felder a Wisen iwwer an da kommen d'Aktivitéitszonen oder d'Autobunn. Et feelt u Beem an Hecken, déi de Siidlungsberäich géifen optesch oftrennen an déi besteeënd natierlech Elementer egeife matenee verbannen. Sou e gréngt Band wär en echte Gewënn, net nëmme wéinst der Vernetzung vu Biotoper, mee och fir d'Leit vu Bireng a Ribeschpont. Dat kéint eng Pufferzon sinn zu Multimodal an d'Verbindung maachen zum Noerhuelungsgebitt, dat als staatlech Kompensation tëschent dem Rückhaltebecken an der Verlängerung vun der Albert Schweitzer-Strooss entstanen ass an zu deem den Zougang e bësse schwierig ass. Sou e grénge Siichtschutz kéint och den Effekt vun der zukünftiger Lärmschutzmauer verstärken.

Et ass ze begréissen dass eng Servitude am PAG agezechent ass, déi Plaz léisst fir sou Moosnamen. Begréissenswäert sinn och déi Coulées vertes a Servituden, fir dass d'Migratiounsroutë vu seelene Déierenarten kënnen offegehale ginn. Sprange mer lo mat engem bësse schlechte Gewësse vun der SUP ewech a kommen zu den Zonen am PAG an der Reegelung vun der Bauung. Wa mer de Projet vum neie PAG vergläiche wëlle mat deem, wou mer virdrun haten, da stelle mer en däitleche qualitative Sprong fest. De Bauperimeter ass enges Deels net erweidert ginn a virun allem sinn d'Regelunge méi logesch an detailléiert ginn. Op elo tatsächlech all Méiglechkeeten duerchduecht gi sinn an all Schlupflächer fir d'Erschafung vu Bausünden ausgemäert sinn, kënnen mer natierlech net wëssen. Et gesäit jiddefalls sou aus wéi wann Entwécklungen déi dat aalt Bautereglement net konnt verhënnere elo net méi méiglech wärem. Mat den HAB1-Zone vun den Quartiers existants gëtt elo verhënnert, dass a Quartiere mat Eefamilljenhaiser all Kéiers eng héich Residence entsteet, ouni Récksiicht op d'Noperschaft, wann en Haus verkaf gëtt. Och elo kënnen an där Zon nach Méifamilljenhaiser entsto, awer nëmme mat 4 Logementer Maximum pro Haus. Dat geet och nëmme op enger begrenzter Zuel vu Plazen an ouni iwwert den Undeel vu 50% vun de Gesamtlogementer ze goen. Par konter an der HAB2-Zon ka méi héich a méi verdicht gebaut ginn op Plazen, déi sech dofir eegnen, well d'Infrastruktur an den Ofwaasseroffloss



dofir am Quartier scho gutt sinn. Si passe sech och de besteeënde Quartieren un. An engem änleche Sënn muss een déi ënnerschiddlech Zorte vu geschützten Haiser gesinn. Wäertvoll Zeien aus der Vergaangenheet sollen erhalte bleiwen an dofir begréisste mir dass hei e grouse Schratt gemaach gëtt. Erhalenswäert Haiser kënnen Iwwerreschter vun den alen Duerfkäre sinn oder vun der Ufankszäit vun der Industrialiséierung oder vu méi spéit. Heiansdo sinn et ganz Haiserzeilen déi geschützt ginn an heiansdo eenzel Haiser. Et mussen net onbedéngt schéi Baute sinn, an et wäert de Leit sécher net ëmmer alichte firwat dës solle bestoe bleiwen. Zäitweilleg soll och nëmme de Gabarit sou bestoe bleiwe wéi en elo ass. Fir eis ass och e grouse Pluspunkt dass keng nei Tankstell méi kann an engem Wunnegebitt entstoan an eng Zon speziell fir deen Zweck un der nördlecher Peripherie entstanen ass. Déi besteeënd Tankstellen op der Lëtzebuerg-erstrooss blockéieren nämlech nach ëmmer den Trafic a sinn eng Plo fir d'Awunner. Mir fannen dës weideren am neie PAG eng Rei Elementer gutt, déi eng Öffnung erlabe par Rapport zu neie Liewensformen. Dat sinn engersäits manner Parkinge fir Autoen an dofir awer Vëlosplazen, dat sinn anerersäits och sougenannt Einliegerwohnungen, déi erlabe zousätzlech Wunneformen an Eefamiljenhaiser ze verlounen. Also déi an de Familljenhaiser dra sinn. Et bleift wéi am ale PAG dass 30% vun de Parzelle vun engem Haus net bebaut däreft ginn an et gëtt dobäi drop higewisen dass mat Gréngfläch keng stenge Virgäertercher gemengt sinn. Ech fäerten awer dass déi Virschrëft do méi konsequent muss kontrolléiert ginn a virun allem vill Iwwerzeegungsarbecht muss gelescht ginn. Symptesch ass op alle Fall och dass eng Rei fräi Terrainen net virgesi sinn direkt ze bebauen an dofir als Aménagement différe klasséiert ginn. Dozou gehéiert zum Beispill den Deel Ribbeschpont deen nach fräi ass. Scho wou mer iwwert d'Plans sectoriels heibanne befonnt hu ware mir der Meenung, wann NeiSchmelz géif an Ugrëff geholl ginn, da kéint Ribbeschpont roueg nach waarden. Et sinn och nach aner Fräiflächen als différe agestuuft ginn. Prinzipiell ass d'Iwwerleeung, vum Zentrum vun der Uertschaft zur Peripherie d'Flächen ze bebauen, wat mir och gutt fannen.

Mir stelle fest, dass et fir d'éischt zu enger Densifikation an de besteeënde Quartiere soll kommen an dat géif zousätzlech 1065 Awunner fir Diddeleng bedeiten. Duerno géifen d'Baulücken an Ugrëff geholl ginn, fir déi elo Plans directeurs ausgeschafft gi sinn, an déi géifen nach eng Kéier e Maximum vun 510 zousätzlechen Awunner bréngen. Dann eréischt solle sougenannt nei Quartieren entstoan, bei deene méi eng dicht Bebauung virgesinn ass wéi am ale PAG. An déi kéinten eis nach eng Kéier 6363 nei Diddelenger bréngen ouni dass d'Zone différee géif ugetaacht ginn. Mir stelle fest, dass awer vun 41 Zonen, déi fir PAP Nouveau Quartier virgesi sinn, nëmme 11 als Zone d'aménagement différe betruucht ginn. All de Rescht kann theoretesch direkt mobiliséiert ginn. Ass net ze befäerten dass et eventuell séier ka goen an un all Enn an Eck gebaut gëtt, während d'Infrastrukturen net nokommen, besonnesch déi vun öffentlechen Transport. Wär et net denkbar gewiescht, méi Phase virzegesinn a Prioritéite festzeleeën, no deenen och eng Baulück no där anerer virgeholl géif ginn. Et muss ee jo bedenken dass Baulücken interessant kënnen sinn. Dass dorop Plaze fir

Gemeinschafts- a Schreebergäert reservéiert ginn oder fir öffentlech Gréngflächen. Vläch kéinten och do sou eppes wéi Popup-Gréngflächen entstoan, éiert se genotzt ginn. An dem Ëmweltbericht gëtt drop higewisen, wéi wichteg innerstädesch Gréngfläche fir d'Erhuelung vun de Leit sinn. Et geet sech och besser zu Fouss wann d'Weeër attraktiv sinn. Zum Ofschluss stelle mer fest, dass dese PAG op wëssenschaftlech fundéierte Viraarbechte opgebaut ass, déi schwierig unzweifele sinn. Ech widderhuelen och nach eng Kéier wéi beandrockt mer si vum Ausmooss a vun der Qualitéit vun deenen Etüden. Déi Donnéeë ginn awer duerno interpretéiert an et gëtt e politesche Choix gemaach. De Konzept, deen definéiert, wéi eis Stad wuesse soll ass net objektiv. E kann a soll hannerfrot ginn. Beim Konzept op deem eisen zukünftege PAG berout bleift d'Iwwerleeung dass eis Stad soll wuesse de fundamentale Prinzip. D'Steuerung vun deem Wuesstem ass awer déi grouss Erausforderung an d'Infrastrukture solle mathalen. D'Fro déi sech stellt ass déi, ob dese Projet vu PAG dann den optimale Kader vun deem gesteerte Wuesstem ass. Deckt déi Form vu Wuesstem déi ugestriift gëtt sech och mat eise Virstellungen? Lo kéint ech erëm vu vir ufänken. D'Antwort dorop gi mir lech da wann dese Projet déi nächste Kéier am Gemengerot diskutéiert gëtt. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):**  
Merci fir d'Stellungnam vun der Madamm Goergen.  
Den Här Zuang.

**ROMAIN ZUANG (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, ech hunn e bësse Problemer mat menger Stëmm, ech bieden dat ze entschëllegen. Bon, haut ass, wéi de Jean-Claude Gangler et scho gesot hat – keng Angscht Jean-Claude – e wichtige Dag, well mer jo haut iwwert d'Saisine vum neie PAG ofstëmmen. Et ass vill Aarbecht déi lescht Méint, jo deels souguer Joren, gelescht gi vun deenen eenzele Büroen, ouni eise Service Architecture et Domaines ze vergiessen. Ech wëll awer och ervirhiewen dass vill engagéiert an interesséiert Bierger, déi am Kader vun der Biergerbedeelegung 2015-2016 un net manner wéi 7 Workshoppe ronderëm d'Refonte vum PAG deelgeholl haten. Déi Iwwerleeungen a Propositione sinn eescht geholl ginn an deenen ass och Rechnung gedroe ginn. Och de Propositionen a Verbesserungsverschléi vum Aarbechtsgrupp „Refonte PAG“ an deem all Fraktioun e Verrieder hat, sinn an d'Texter agefloss. Déi liicht Verspéidung vun der Saisine par Rapport zum gesaten Termin vum Ministère de l'Intérieur berout sécherlech deels op dem Aarbechts- an Zäitopwand, deen an d'Modification ponctuelle vum PAG NeiSchmelz gestach gouf, awer och an der Haaptsaach duerch de spéiden Avis vum Juli 2018 vum MDDI an deem eng detaillert an ergänzend Ëmweltprüfung vu weidere 35 Terraine verlaangt gouf. Dës konnt réischt am Summer 2019 duerchgefouert ginn, sou dass de Rapport environnemental réischt am November prett war. Nun, wa mer d'Analys vun der demographescher Situatioun op 2019 kucken, da gesi mer dass eis Stad an deene leschten 10 Joer moderat gewuess ass, mat sou ëm déi 1,22% pro Joer, an de leschte Joren eppes méi stark mat 1,25%. D'Bevëlkerung ass sou ëm ronn 2.400



Einheiten an 10 Joer gestige mat enger Moyenne vu +/- 240 Bierger pro Joer. D'Moyenne d'âge louch 2019 bei 41 Joer, wat ass net schlecht ass. Allerdéngs stécht d'Tranche vu 50 – 60 Joer am stäerksten eraus, sou dass mer nach ganz vill jonk Leit, jonk Famille mussen unzéien. Dëse moderate Wuesstem vun der Bevëlkerung ass och e wichtegegen Objektiv am neie PAG. Eleng duerch kontrolléierte Wuesstem kann een als Gemeng schnell genuch ëffentlech Gebaier, Schoulen, Maison relaisen, Sportinfrastrukturen, Servicer an net ze vergiessen, Stroossen- a Kanalnetz plangen, bauen an ausbauen, an sou déi gewinnt gutt Liewensqualitéit zu Diddeleng, fir déi mer am Land bekannt sinn, erhalen. Ee vun de gréissten Defien, dee mer eis gesat hunn ass deen, dass mer wëllen, dass d'Leit net just op Diddeleng wunne kommen, mee mir wëllen, dass se och hei kënnen schaffen, consoméieren a sech erhuelen. Fir dësen Defi ze packe mussen am Prinzip all Wunnprojeten, mee virun allem déi gréisser, attraktiv a familjefrëndlech ginn. Sou mussen all nei gréisser Projete no de Prinzipie vun der Nohaltegkeet konzipéiert sinn. Et muss ee villfältege Choix u Wunnengstypen fir all Couche vun der Populatioun garantéiert sinn. D'Lieux de rencontre, Commerces a Services de proximité wéi och ëffentlech Servicer, Sport, Schoul a Betreiwungsstrukturen, Gréngflächen, Spillplazen, Ubannungen un den ëffentlechen Transport ouni d'Mobilité active ze vergiessen, kuerz Weeër innerhalb vum Quartier a fir an en anere Quartier ze kommen, an do wou et méiglech ass, och Aarbechtsplazen ze schafen, geplangt ginn.

Wat d'Schafe vun neie Wunnflächen ubelaangt, brauche mer den aktuelle Bauperimeter net ze vergréisseren. Mir hu ganz vill Potential am Bauperimeter deen e Bevëlkerungs-zouwuess vu gutt iwwer 40% erlaabt. Eleng hu mer lo scho sechs PAPen an der Prozedur, déi eng 1196 Logementer erlaben. Mir setzen dohier op d'Innenverdichtung. Niewent enger doucer Verdichtung duerch d'Entwécklung vu méi klengen Projeten an de Quartieren, duerch d'Schlësse vu Baulücken, Ëm-, Aus- an Neibau a Renovatioun vun eeleren a klengen Haiser a Gebaier ouni de Aspect caractéristique vun de Quartieren ze zerstéieren ass et eis dru geleeën, d'Entwécklung vum Quartier NeisSchmelz an den nächste Jore virrangeg virunzebréngen. Dësen Eko-Quartier, dee gutt un den ëffentlechen Transport ugebonnen ass stellt en enormen Entwécklungspotenzial fir Wunnen a fir e Mix un Aktivitéiten, ekonomescher, Déngschtleschtungen, ëffentlech Equipementer a Fräizäit duer. An der Partie écrite vum PAG ginn an net manner wéi 36 Zonen, dovun 25 innerhalb vum Perimeter definéiert, wou a wat a wéi exklusiv erlaabt ass ze bauen oder eng Kéier ka gebaut ginn a wou a wat fir Aktivitéiten a Servicer zougelooss sinn, respektiv ginn. Do dierfte virun allem déi 3 éischt „Zones urbanisées ou destinées à être urbanisées HAB-1 an 2“ an d'„Zone mixte urbaine“, d'Bierger wéi och d'Promoteuren interesséieren a vläicht zu där enger oder anerer Reklamatioun féieren. Jiddefalls hëllef den Definitioune an Zukunft souwuel de Propriétaire wéi de Bauhären oder aner Interessente beim Plange vu Projeten, wéi op där anerer Säit och dem Buergermeeschter, dee kloer fondéiert Entscheedungen treffen kann. Fir eng net adaptéiert Verdichtung ze verhënnere wäerte vun elo un d'„PAP Quartier existant“ d'Implantatioun, de Gabarit,

d'Zuel vun de Logementer, d'Héicht an d'Déift vun de Gebaier, d'Form vum Daach asw. asw. definéieren. Sou kënnen - loosse mer se Bausënnen nennen- an Zukunft verhënnert ginn. E Beispill: mir hunn an de leschte Joren an der Bautekommissioun ëmmer erëm Projete gehat, an deenen zwee, dräi Eefamilljenhaiser déi oft a rouege Quartiersstroosse louchen ofgerappt an a Residencen ëmgebaut gi sinn an d'Gäert sinn zu Parkinge ginn. Leider konnten déi meescht Projeten net refuséiert ginn, well se mam aktuelle Bautereglement konform waren. Dass dëst zu Diskussiounen, Gestreits a Reklamatioune vu Säite vun den Nopere gefouert huet, war net verwonnerlech, ass dach d'Liewensqualitéit staark beanträchtegt ginn duerch méi Verkéier, méi Kaméidi asw.

An Zukunft muss bei neie Konstruktiounen, Vergréisserungen an Transformatiounen an der Zon HAB1 an HAB2 d'Duerchschnittsgréisst vun de Logementer an der Moyenne 80 m<sup>2</sup>, an der Zone mixte U 55 m<sup>2</sup> hunn. Wat souvill heescht, dass fir d'Zuel vun de Wunneenheeten déi méiglech si gebaut ze ginn, d'Brutto-Surface habitable am HAB1 an 2 duerch 80 an an der Zone mixte U duerch 55 dividéiert ginn. Sou kann et sinn, dass manner Unitéite gebaut, respektiv zrëckgebaut kënnen ginn, wéi dat de Fall bis elo war. Natierlech sinn Derogatioune fir spezifesch Situatioune virgesinn. Och Parkinge an de Gäert wäerten et net méi an Zukunft ginn, vu dass a bi- a plurifamilialen Haiser all Stationnementsplaz am Haus, resp. Residence muss virgesi sinn. All déi Konditiounen a Virschrëften déi an deenen eenzele Zonen definéiert sinn, wäerten sou vill Projete vu vir eran an der Gréisst a Volumen aschränken a vläicht net méi lukrativ genuch gi fir ëmgesat ze ginn. Voilà, souwäit vu menger Säit. D'Kolleege Martine an Heng ginn op den ekologeschen an ekonomeschen Aspekt vum PAG nach an, grad wéi op d'Mobilitéit. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):**  
Merci fir Är Stellungnam Här Zuang, den Här Thill.

**JOS THILL (DÉI LÉNK):** Merci Här Buergermeeschter. Ech sinn e bëssen traureg, dass ech elo déi Harmonie, déi hei herrscht, awer muss e bësse stéieren. Schonn e puer Virriedner hu gesot, politesch Entscheedungen, dat wär eng Saach vu Choix, an dat gesi mer och esou. Also, et ass wichteg bei all Sujet ze wëssen, wat d'Vir- an d'Nodeeler sinn, an en Fonctioun vun de Prioritéiten déi een dann huet, treëft een deen een oder anere Choix. A kee vun deene Choixen ass gratis. Eeben all Saach huet seng Vir- a seng Nodeeler a wann een da gewielt huet, dann hëlt een och verschidden Nodeeler mat a Kaf. Fir déi Lénk ass ganz kloer, datt Wunnen e Mënscherecht ass an datt jidderee muss Zougang kréien zu bezuelbarem Wunraum. An an deem Sënn hunn ech dann iwwer de PAG dräi gréisser Remarken. A vläicht fir unzefänken, e Stéck vu menger Familjengeschicht. Vu mengem Papp senger Säit, mä Grousspapp, dee war Eisebunner, deen huet hiert Haus selwer gebaut, hien huet Schold gemaach, hien huet gebaut 1928, 1929 ass d'Kris komm an d'Gehälter sinn ëm 30% erofgaangen. Hien hat 4 Kanner, dat war keng einfach Situatioun. Vu menger Mamm hirer Säit, meng Mamm, déi waren eigentlech zu 8.





11 Kanner hate meng Grousseltere kritt, 8 hunn iwwerlieft a mäi Grousspapp war Klengbauer, am Eisléck gött dat genannt Kräizerbauer, well dat Leit sinn, déi all Dag hiert d'Kräiz droen am Géigesaz zu den Härebauerem. En hat eigentlech als Betriibskapital haaptsächlech ee Päerd. Dat ass him gestuerwen am Fréijoer, hien huet en neit kaaft, dat ass och gestuerwen, du war säi ganz Betriibskapital fort an hien huet dann decidéiert, op Déifferdeng an de Minett schaffen ze kommen.

Zur Anekdote, deen Dag nach, éier hie fortgezunn ass, ass fir d'éischt de Schoulmeeschter an duerno de Paschtouer komm, an déi hu gesot: Batti, mäi Grousspapp huet Jean-Baptiste geheescht, Batti, du wäers jo net an dee Minett goe bäi déi Messerpickerten an déi Kommunisten. Ech loossen lech fräi ze iwwerleeën, wat méi schlëmm war, d'Messerpickerten, wou een d'Liewen hei ënne verléiert, oder d'Kommunisten, wou d'éiwegt Liewen a Gefor ass. Bon, de Batti huet sech net duerchernee maache gelooss, hien hat eigentlech och net de Choix. An hien ass dann an de Minett komm, mat deem Geschéck sinn ech dann elo e Minettsdapp, hien huet fir d'éischt, wéi dat üblech war, an enger Familljepensioen gelieft an dat Joer drop sech en Haus kaaft. An dat ass eigentlech, wou ech wollt drop raus. Dat Haus war souguer relativ grouss, dat hat 4 Schlofkummeren, et hat eng grouss Annex, wou meng Groussmamm dann och Schwäi geziicht huet, Gefligel, Angoraskanéngercher... Et war e relativ grouse Gaart dobäi, wou Grompere geziicht gi sinn an – an dat ass de springende Punkt – déi zwee Grousspapp, déi zwou Famillje konnten dat Haus bezuelen. An haut si mer an enger Situatioun, do ass sou eppes leider net méi denkbar: D'Leit, déi kleng Gehälter hunn a souguer mëttel Gehälter, déi kommen net méi zu enger eegener Wunneng. A fir dat vläicht mat aneren Zuelen ze illustréieren. Ech hu mech hei op 2004 baséiert, well ech geduecht hunn, dee leschte PAG wär vun 2004, deen ass jo da vun 2003. Den Index war 2004 636,26. Lo 2020 si mer bei 834,76. D'Gehälter sinn also ëm 31% gestigen. An d'ärselwechter Zäit ass de Präis vun de Wunnengen hei zu Diddeleng mat 2,5 multiplizéiert ginn, also déi sinn ëm 150% gestigen.

D'selwecht kann ech soen, datt eleng an deenen 3 leschte Jore landeswäit d'Wunnengen ëm 25% méi deier gi sinn. Reng an deenen 3 leschte Joer: Eleng d'lescht Joer waren et 11%. An anere Wieder, wann een hei zu Diddeleng en Appartement huet – ech setzen dat mol net ze vill héich un – 450.000 Euro, an d'leet een sech an d'Bett an d'waart een e Mount laang, dann huet een um Enn vum Mount 1%, dat si 4.500 Euro, zwee Mindestléin, verdéngt. A wann een sech da gutt uleet, an d'huet een och nach eng Finanzgesellschaft gegrennt, da bezilt een op deene 4.500 Euro, déi ee sou verdéngt huet, och nach keng Steieren. Dat sinn zwee Mindestgehälter: Wou d'Leit, déi de Mindestloun verdéngen, och nach Steieren drop bezuelen. Zwar net vill, mee trotzdeem. Dann ass et kloer, wou ech drop rauswëll. Wéi kann een, eng Famill, een eleng, dat geet jo scho mol net, souguer zwee, wann ee souvill verdéngt wéi d'Haiser all Mount an d'Luucht ginn, d'Appartementer, wéi kann een do zu enger Wunneng kommen? An dee ganzen Discours fir ze soen, datt fir eis, fir déi Lénk, muss de Wunnengs-

bau, de soziale Wunnengsbau, de Bau duerch d'effentlech Instanzen, also d'Gemeng, dat muss Top-Prioritéit sinn. An do muss ech leider soen, dat ass jo och duergeluecht ginn, d'Wuesstem hei zu Diddeleng, dat wäert méi kleng si wéi an der Landesmoyenne. Dat ass eng Richtung, eng Prioritéit, déi kënne mir sou net matdroen. D'kann een elo natierlech soen, dee Problem kann een elo natierlech anescht ugoen a mir bremse mol de Wuesstem. Also dat ass fir eis duerchaus eng Alternativ. Mir gesinn allerdéngs net, datt déi jëtzeg Regierung dat wëlles hätt. A wa mer sou weiderwuessen, fir nach Chifferen ze nennen, da seet de STATEC mussen all Joers hei zu Lëtzebuerg téschent 5600 a 7500 nei Wunnengen entstoen. Also, ech ënnersträichen: all Joer! An domader huele mer mol de Retard nach net op. Domat huele mer just déi 14000 nei Awunner op, déi d'Land all Joer bäikritt, kucke mer, datt mer déi ënnerkréien. An eise Choix, deen ass dann och ganz kloer: Et ass gutt, déi traditionell gewuesse Quartieren ze erhalen.

Et ass och gutt, a mir begréissen dat, datt de Bauprimeter no Norden an an déi aner Richtungen net ausgewäit gött. E gött jo duerch NeiSchmelz no Süden ausgewäit an do hu mer och effektiv aner Virstellungen. An zwar denke mer datt souwuel am Zentrum-Zentrum, d.h. hei ronderëm d'Gemeng, ronderëm d'Kierch, wierklech den Zentrum, hätt misste méi héich gebaut ginn. Bon, deen Zuch ass vläicht lo fort. Mee op jidde Fall si mir fir Wunntierm am Quartier NeiSchmelz. An zwar net nëmmen elo aus Wunngrënn, fir nei Wunnengen ze schafen, mee och aus urbanistesche Grënn. Mir fannen et méi logesch op déi Plaz, wou soss 4 Héichiewe stoungen, 4 Wunntierm ze bauen, wéi just op de Buedem e Rondel ze mole fir ze soen, hei stounge virdrun Héichiewen. An dee Site, wou virdrun Héichiewe stoungen, déi 3500 Tonne gewien hunn, dee gött et och hir, datt do méi héich ka gebaut ginn. A wa mer soe méi héich bauen, dann denke mer u Gebaier sou héich wéi de Waassertuerm. Fir Wunnengen an deem Sënn ass elo am Projet just ee méi héicht Gebai virgesinn. Et war och am Süden, ganz am Süden e sechsstäckegt Gebai virgesinn, dat ass am Laf vun den Diskussiounen verschwonnen. Dat deet eis och an deem Sënn leed.

Ech kommen dann u mäin 2. Punkt, wann ech da mat den Diddelenger Leit iwwert déi Iddie schwätzen, da sinn ech zimmlech minoritär, dat ginn ech gären zou. A wat ech am meeschte gesot kréien, dat ass: „Jo, a wa mer sou bauen an NeiSchmelz, wéi gi mer dann de Verkéier Meeschter? Méi Awunner, méi Verkéier, dat packe mer net.“ Also wa mer sou weiderdenke wéi bis elo, da packe mer dat effektiv net. An dofir ass eis Forderung dann och ganz kloer, datt de Projet NeiSchmelz sou ëmgeduecht gött wéi en am Ufank war: nämlech autofräl! Eng Stad, dat ass e Biotop wéi en aneren, an do ginn et verschidde Spezies dran, a leider ass den Auto eng invasiv Espèce. A wann der dee bis eng Kéier raloosst, da mécht deen alles ronderëm platt. Wat ech domat mengen, dat ass: fir d'éischt fiert een Elterendeel mat de Kanner an d'Schoul an dann nach zwee, dräi anerer, an da gött et fir déi aner Kanner méi geféierlech an herno féiert jidderee seng Kanner mam Auto an d'Schoul. Bei der neier Schmelz hutt der lo déi grouss Chance, datt ausser den Demandeurs



de protection internationale, déi keen Auto hunn, nach kee wunnt. Also kann een do soen, mir bauen e Quartier ouni Auto, ouni Garagen, ouni Stellplazen, Parkhauser net souwäit ewech wéi den ëffentlechen Transport, mee e Kilometer wäit ewech. D'Leit déi musse mam Auto fueren, en ausgedeeent Flex-System vun der CFL, kënn jo och e Parking op d'Place Fohrmann, wou d'Leit da kënnen en Auto lounen. Mir bauen an deem Quartier eng nei Schoul. Do solle Geschäfte kommen. D'Kanner ginn dann zu Fouss an d'Schoul wéi dat fréier üblech war. Wa mer d'Autoen aus deem Quartier rausbehalen. Wa mer d'Autoen net aus deem Quartier rausbehalen, geschitt dat mat Sécherheet net. Well e Shared Space, deen ass a Wierklechkeet net shared, wann op där enger Säit e SUV kënn vun 2 Tonnen an op där anerer Säit e Kand um Dräirad fiert, da wäert d'Kand scho réckelen an d'Elteren d'Kand iwwerhaupt net méi an d'Strooss erausloossen. Bon, ech si vläicht nostalgesch. Et si vläicht e puer Leit hei am Gemengerot, déi mäin Alter hunn, déi vläicht och wéi ech an der Strooss virun der Bierg gespillt huet, a wann en Auto komm ass, dann huet dee mol gewaart an en huet d'Kéier gemaach an mir hu viru gespillt. An dat géif ech eigentlech hoffen, wär hei an deem Quartier NeiSchmelz méiglech a wünschenswäert. An dofir deet et mer e bësse leed, an ech hunn och nach net d'Hoffnung opginn, datt Dir awer vläicht zreck kommt op en autofräie Quartier an der NeiSchmelz an da vläicht och bei der Haltestell Biereng, wou och verschidde Projete sinn. Wou een dat op méi klengem Moosstaf och kéint realiséieren. A fir zu deem Thema just nach en ofschléissend Wuert ze soen. Zu Stockholm oder Kopenhagen sinn autofräi Quartiere schonn 30 Joer laang gängeg. D'Stad Lëtzebuerg huet dat elo och probéiert, bei engem klengen Quartier mat 48 Haiser um Lampertsbiereg. Déi 48 Haiser ware verkaaft, 2 Joer éier deen éischte Spuedestéch do gemaach ginn ass. Also et ass mat Sécherheet eng Demande do. An ech wëll betounen, datt wann déi jonk Familljen herno müssen op Kanfen an op Volmerange wunne goen, dann hu mer de Verkéier och.

An da kommen ech eebe bei mäin 3. Punkt. Also dee Punkt, wou ech wierklech maasslos enttäuscht war, dat ass dat wat mer virgestallt kruten an informelle Sëtzungen iwwer d'Mobilitéit. Den Här Molitor, deen huet sech dann op de Modu baséiert fir ze soen, mir rechne mol mat méi Inanspruchnahme vum ëffentlechen Transport, mee ech hunn néierens gesinn, wéi dat soll geschéien. Also mam Zauberstaf eleng wäert et net goen an d'Leit wäerten och net ëmdenken. A firwat datt ech maasslos enttäuscht sinn, ech hu se och matbruecht, d'Brochür. Diddeleng hat eng Broschür rausbruecht „Ville mobile – mobile Stadt“ am leschte Summer, also et ass nach net laang hir. An do steet dann, ech liese vir, iwwert den Zuch: „Die Fahrzeit nach Luxemburg-Stadt beträgt rund 20 Minuten. Zu den Spitzenzeiten fahren Direktzüge.“ Dat ass am franséischen Text scho verbessert ginn. Do steet just: „Le temps de trajet entre Dudelange et Luxembourg est d'environ 20 minutes.“ Ech erwänen dat lo net fir bëlleg Polemik ze maachen, mee fir ze ënnerleeën datt, wann dat sou wier, da géifen d'Leit den ëffentlechen Transport huelen. Ech menge meng Kolleeginne vun der grénger Partei, déi gesinn ech vun Zäit zu Zäit am Zuch, ech huelen deen och oft. Ech kann lech soen

an och beweisen, datt deem net sou ass. Et fiert fir de Moment een Zuch direkt an d'Stad – een! Dee brauch ronn 20 Minutten. Bei deenen 39 anere Verbindungen, do musst der ëmklammen, da sidd der bei 35 Minutten. Wann den Horaire agehale gëtt! Den Horaire tèschent Beetebuerg an der Stad, dee gëtt a 46% vun de Fäll net agehalen. 46% vun den Zich op där Linn hu Verspéidung, och wann den Transportministère eppes Aneshtes seet. A wann et lech interesséiert, da kann ech och lech soen, wéi d'CFL zu vill bessere Statistike kënn. Dat heescht, wann Dir e Rendez-vous hutt an der Stad, oder Dir muss schaffen goen, da kënn Dir lech drop verloossen, datt Dir all zweeten Dag a Verspéidung sidd. Dat heescht, Dir musst en Zuch virdrun huelen. A mat deem Geschéck sidd Dir dann net 20 Minutten, mee tèschent 1 Stonn an 1 Stonn 20 Minutten ënnerwee.

A wat dat mam PAG ze dinn huet? Mee ech vermessen einfach dat Element, wat mer awer bei der leschter Interventioun, ëffentlecher Versammlung, hei vum Transportminister versprach kritt haten, nämlech datt an der Héicht vu Biereng en zweet Gleis géif amenagéiert ginn, fir datt d'Zich kéinte vun Diddeleng op Beetebuerg, respektiv an d'Stad all Véierelsstonn fueren. Hien hat souguer gesot, 320 Millioune ginn elo investéiert an den Ausbau op dräi Spuere vun der Autobunn. 50 Millioune ginn investéiert an dat 2. Gleis op der Héicht vu Biereng a 7 Millioune ginn investéiert an d'Vëlospist. D'Vëlospisten tèschent Diddeleng a Beetebuerg ass am Gaang ze geschéien. Déi 320 Millioune Erweiterung Autobunn, fir eis ass dat ewechgehäite Geld. Well d'Leit stinn herno virun der Stad awer am Stau a vun der Bunn, do héiert een iwwerhaupt näischt méi. An dat bedauere mer. An dat huet fir eis mam PAG ze dinn. Well do um Plang ass do eng Servitude agedroen, hunn ech och gesinn. Mee do misste konkret Aarbechte virgesi sinn. A mir géifen eis och wënschen, datt den Diddelenger Gemengerot do wierklech Drock géif maache fir datt déi méi héich Frequenz op Beetebuerg méiglech ass, wann déi zwee zousätzlech Gleiser vu Beetebuerg an d'Stad bestinn, fir datt den Transport kéint signifikativ verbessert ginn. Da géifen d'Leit och mam ëffentlechen Transport fueren. Meng Virriedner, déi hunn och e ganze Koup positiv Punkten an deem PAG erwänt. Also den Net-Ausbau vum Bauperimeter, Reegelen, déi méi kloer a méi logesch ginn, méi kloer, wat och de Leit alleguerten hëlleft. D'Bäibehale vun traditionelle Quartieren, all déi Punkten ënnerstëtze mer a mir sinn och dankbar dofir. Mir sinn och dankbar fir déi immens vill Aarbecht, déi gelescht ginn ass. Mee haaptsächlech um Punkt ëffentlechen Transport an Ausbau vum Zuch a Fonctionnement vum Zuch, do si mer wierklech ganz onzefridden. Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeit.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci Här Thill fir Är Stellungnam. Weider Stellungnamen? Här Martini.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Villmools Merci Här Buergermeeschter. Ech war lo begeeschtert, dass mir net méi eleng heibanne sinn, déi en autofräie Quartier gutt fannen an dovu begeeschtert sinn. Mir hate proposéiert, dat um Quartier op Bëlleg ze maachen, well dat e Site ass, dee



gutt läit, mat Ubannung un den öffentlechen Transport. Dat wär am Fong e Site gewiescht, wou een dat hätt kënne flott ausbaue mat engem flotte Konzept dobäi. De Quartier NeiSchmelz, do hate mer e bëssen dru geduecht, mee et war e bësselchen too much, e bësselchen ze grouss. Mee ech fannen et awer ëmmer flott, wann dann och aner Leit positiv Iddie mat raginn. De Vott vum neie PAG ass e wichtege Schrëtt a Richtung Zukunft vun onser Stad. Mir kënnen awer och viraussoen, wéi sech d' Stad wäert an Zukunft mat der Populatioun entwéckelen. Natierlech geet d' Populatioun nom Vott net schlagarteg an d' Luucht, mee et ass méiglech dass mer an 20 Joer, also 2040, ëm déi 30.000 Leit hei zu Diddeleng wäerte wunnen hunn. Dat ass eng Schätzung, plus minus, mee d' Tendenz, déi geet erop. Well och de Grafike gesäit een 2030 schon dass mer bei 24-25.000 Leit wäerte sinn, also ass et gutt méiglech dass mer also an 20 Joer op 30.000 Leit wäerte sinn.

Mir schafe mam PAG also neie Wunraum, nei Aarbechtsplazen, wat vun eis vun der CSV och ënnerstëtzt gëtt. Méi Wunraum heescht awer och méi Verkéier fir jiddereen. An do muss ech mech e bësselche wieren oder dergéintstellen. D' Madamm Zeyen sot, mir wëssen net wéi de Verkéier an 20 ausgesäit. Ech perséinlech, a mir, wou mer eis e bësse méi oft getraff hu fir iwwert de PAG ze schwätzen, mir hunn e bësselchen eng aner Visioun dovunner. Mir fannen dass 20 Joer net laang ass, wa mer bedenken, wat mir alleguer virun 20 Joer gemeet hunn, d' Zäit ass schnell ëmgaangen, an ech denken, dass mer kloer kënne soen, plus minus, wéi de Verkéier an 20 Joer hei am Land a virun allem och hei zu Diddeleng ausgesäit, respektiv aus- kéint gesinn. Mir hunn ëmmer méi Leit, déi zu Diddeleng wunnen, déi eraus schaffe ginn. Mir hu vill Leit, déi zu Diddeleng wunnen, déi hei schaffen. A mir hunn an Zukunft och méi Leit, déi vun ausserhalb op Diddeleng schaffe wäerte kommen. Ech ginn lech elo just e puer Beispiller. Ech brauch, wann ech an de Spätzestonnen an d' Stad fueren op de Kierchbierg, 50 Minutte mam Auto. Dann hunn ech e bësse Stau, dat geet. Et sinn Deeg, do brauch een e bësse méi. Ech schwätze vu Spätzestonnen, wann ech um 8:15 wëll um Kierchbierg sinn. Wann ech de Bus wëll huelen, sinn ech 2 Stonnen ënnerwee. Ech hunn et gemeet. 2 Stonnen. Ech hunn et eemol gemeet. Den Dag drop hunn ech nees den Auto geholl. Ech hunn et gemeet, fir ze probéieren, ech hu geduecht „Du bass am Gemengerot, du héls hei mat Decisiounen, du diskutéiers gäre mat, da probéier och wéi et ass, wann s de mam Bus wëlls dohinner goen.“ Ech brauch 2 Stonne fir eng Distanz ze fuere mam Bus, wou ech d' Zil vu menger Kichen aus gesinn. Ech gesi vu menger Kichen aus bis hannert de Findel. Dat ass eng Distanz vun 2 Stonnen, déi brauch ee mam TGV vu Lëtzebuerg bis op Paräis. Fir eng kleng Referenz ze ginn. Sou gëtt et eng ganz Rei vu Leit, déi tèschent 12 an 13 Stonnen den Dag fort sinn, wa se sech sou fortbeweegen, wéi mir dat hinnen am Fong virschloe wëllen, also mam Bus a mam Zuch. 12-13 Stonnen, also ech fannen dat wierklech immens vill.

Fir en Trajet, dee vill méi schnell ka goen. Wann ech moies ëm 5:30 an d' Stad fueren, da brauch ech 25 Minutten. Ech weess, et ass kee Verkéier, mee ech wëll just weisen, wat méiglech ass. Du kann den Trajet a 25 Minutte

fueren, an 30 Minutte vu mir aus nach, vu mir aus kanns de och nach eng Véierelstonn derbäisetzen, awer keng 2 Stonnen, dat ass de Leit net zoumuttbar. Dat heescht, d' Leit déi fueren, déi sinn 13 Stonne vun doheem fort. Moies ëm siwe fort, owes ëm siwen nees doheem. Leit, déi zu Diddeleng schaffen, z.B. zu Butschebuerg, an déi wëllen an d' Duerf schaffe kommen, déi mussen och ëm 7:15 e Bus schon huele do uewe fir fort. Dat heescht, déi Leit mussen och scho viru 7 Auer hir Kanner an eng Struktur bruecht hu fir mat Zäiten am Duerf ze sinn. Huele se de Bus ëm 07:30, dee kënnt ze spéit, well en am Stau steet. Muss de deen ëm 7:15 huelen, fir mat Zäiten hei ënnen ze sinn, muss de deng Kanner scho viru 7 an enger Struktur hunn. Sou, an da gëtt awer vun eis erwaart, dass mer d' Kanner net sollen ze vill an eng Struktur ginn, mir solle gesond kachen, mir sollen eis gesond ernären, mir solle Sport maachen, mir sollen eis benevole engagéieren. Dat Ganzt ass net méi méiglech, mir driewen d' Leit am Fong zu engem Burn-out mat där Astellung wou mer hunn, wou mer och wëllen hunn dass d' Leit sollen an Zukunft liewen a wéi se solle schaffe goen.

Et ass am Fong ee vun deene Beispiller deen ech lech wollt gi fir ze weisen, wéi eis Gesellschaft sech entwéckelt. Mir sinn alleguer vill méi fort vun doheem, mamer mat der Famill, dat ass am Fong net déi Richtung, déi mir als CSV wëllen ënnerstëtzen. Ech hunn awer och e puer Léisunge mat preparéiert. Mir sti moies am Stau op der Lëtzebuurgerstrooss, op der Zoufftgengerstrooss, an an der Keelerstrooss An am Stau, do steet de Bus, wou mer de Leit jo soen, huet de Bus, dat geet besser. Och fir op de Kierchbierg ze fueren, dee Bus steet och am Stau an dofir brauchs de jo och sou laang. Den Auto, dee soll och an Zukunft eng Roll spillen, well du kanns net iwwerall mam öffentlechen Transport hifueren an dat mussst de och net onbedéngt. Ech bedauern dass an der ganzer PAG-Diskussioun net iwwert Verkéiersléisunge geschwat ginn ass. Mir hu Bestandsopname gemeet, wéi et am Moment ass. Alles, wat Dir proposéiert hutt, wat Dir gewisen hutt, dat si Saachen, déi gesi mir, déi wësse mir och, mee et ass awer keng Léisung dobäi gewiescht. Mir fuerderen, dass mer mol e Mobilitéitsgrupp grënnen, wou sech intensiv mat deem Sujet beschäftegt gëtt, wéi mer Mobilitéit kënne verbesseren. Also Mobilitéitsgrupp, wéi mer lo iwwer Joren e PAG-Grupp haten, wou d' Leit intensiv matdiskutéieren a wou een och mol vläicht, wann eppes net geet, de Leit kann erklären, firwat geet et net. Firwat si munch Saachen net méiglech. Och dat ass wichtig, dass mir de Leit kënnen erklären, firwat kënne mer et bei munch Punkten net besser maachen, firwat kënne mer hei net aneschtters schaffen. Et kann a mengen Aen z.B. net sinn, dass déi Haaptachsen vun Diddeleng lénks a riets, oder lénks oder riets, Autoe stinn, déi parken do. D' Autoen an de Bus, déi stinn an der Mëtt am Stau, a lénks a riets hu mer Parkplazen, wou een am Fong eng Busspuer kéint draus maachen. An déi stinn do fir do ze stoen. Dat ass d' Lëtzebuurgerstrooss als Beispill. Do kann z.B. vun der Kräizung bis an de Rond-point bei den Tankstellen, do kéints de eng Busspuer maachen. Dat wär definitiv méiglech vun der Plaz hir. A sou géif et vill méi interessant gi fir de Bus ze huelen. Spéiderhi wann déi 3. Spuer op der Autobunn ausgebaut gëtt, déi soll jo och vum öffentlechen Tran-



sport méi kënne genotzt ginn, da bass de och méi schnell mam Bus wéi mam Auto. An da gëtt déi Saach och méi interessant. Dann hues de och Loscht, fir de Bus ze huelen. Wann et méi schnell geet an en plus gëtt et jo méi bëlleg an Zukunft. Dann ass et jo wierklech interessant. Mee wa mir d'Stroosse sou loosse wéi se lo sinn.

An déi Stroossen, déi si scho sou konstruéiert ginn, dat war ëm déi 1960 muss dat gewiescht sinn, dunn hu 86% vun den Diddelenger hei gewonnen an hei geschafft. Dat Zil erreche mir ni méi, dat ass eng Illusioun, dat kréie mir ni méi hin. Mee d'Stroosse sinn awer nach ëmmer esou, wéi se deemools gebaut gi sinn. An ech fannen, dass mer do mussen e bësselchen ëmdenken. Dass mer déi Hauptachsen, wéi se deemools praktesch waren, dass mer déi vläicht mussen e bësselchen ëmbauen, ëmkonstituéiere fir dass den ëffentlechen Transport och besser rullt, dann ass dat och alles méi sënnvoll. Dann, eng aner Méiglechkeet, iwwert déi een an engem Mobilitéitsgrupp diskutéiere kann, schwätze kann, analyséiere kann, dat ass z.B. ob et net sënnvoll wär, fir eng ganz Rei vun de Stroossen an e Sens unique ëmzesetzen. Dass de Verkéier an Diddeleng méi dréint. A ville Grousstied gëtt et gemeet a mëttelgrousse Stied och. Mëttelgrouss Stied nennen ech z.B. Antwerpen, den Zentrum, do rullt de Verkéier am Krees. Dann hues de Plaz fir deng Vélosspueren, du hues Plaz fir de Bus eventuell an du hues Plaz fir deng Autoen, respektiv hues de och nach Plaz fir deng Parkplazen ze maachen op deenen Achsen. Dat si Saachen, déi een an engem Mobilitéitsgrupp diskutéiere kann, auswäerte kann an analyséiere kann an dat musse mer maachen. A soulaang dat net geet, soulaang wéi den ëffentlechen Transport net rullt, da fueren d'Leit mam Auto. D'Leit féieren hir Kanner mam Auto an d'Schoul, well se dann einfach Zäit gewannen an eng gewësse Liewensqualitéit derbäi hunn. An da stees de duerno eeben e bësselchen am Stau, dat stéiert een am Fong och net. Et ass nach ëmmer besser, 1 Stonn am Stau ze stoen, wéi 2 Stonnen Trajet ze brauchen. Ech fannen dass mer op Gemengelevel dat Beschtméiglecht musse maache fir d'Liewensqualitéit vun onsen Awunner an onsen Aarbechter zu Diddeleng ze erhalen.

Den ëffentlechen Transport zu Diddeleng muss e gudden Zousaz zum Auto sinn. Mir stinn och weiderhin zu engem Konzept vum Train-Tram a si ganz skeptesch, wat sou liicht Rumeuren a Gerüchter sinn, fir eng Ënnerféierung bei der Gare ze maachen. Doduerch géife mer nees méi Verkéier an den Zentrum zéien. Dat Ganzt ass e bësse flou, do feelt et eis e bësselchen un Transparenz. Wann een e Mobilitéitsgrupp hätt, da kéint ee jo och déi do Saachen do mat anstänneg diskutéieren an da wär dat alles vill méi transparent. Iwwert den Train-Tram, iwwert den Zuch, do hu mer lo guer näischt héieren am Mobilitéitskonzept. En Train-Tram, mer stinn nach ëmmer dozou, d'Barrière géifen ewechfalen, de Verkéier wär méi fléissend, ouni dass de nach géifs méi Verkéier an den Zentrum erakréien. Du kéints en Tramsschapp op Neischmelz baue fir den Ënnerhalt dovunner ze maachen, wat och nees Aarbechtsplaze géif bréngen an am Fong sech ganz positiv op eis Stad géif auswierken. Dann, wou mer net driwwer geschwat hunn, dat ass zu Bireng. An Zukunft wäerten immens vill Logementer bäikommen,

respektiv kënne immens vill Logementer bäikommen. De Verkéier, déi Haaptachs, déi packt dat net an och do nees, dat geet et iwwert eng Birengerstrooss op eng Lëtzebuengerstrooss, wou dann erëm lénks a riets Autoe geparkt sinn, well s de och mam ëffentlechen Transport dann net weider kënns... Ech fannen do muss ee wierklech méi wäit denken an ech mengen do kann een awer trotzdem ganz flott Projeten an Zukunft ausschaffen. Mee dat geet awer och just wa mir eis zesummesetzen an doriwuer schaffen. Mir wëssen z.B. och net, wéi schonn aner Leit gesot hunn, wou mer mat Gespréicher mam Staat, mat Luxtram, mat der CFL dru sinn, fir mat deene ganzen Diskussiounen do weiderzekommen. Ech fannen dat sinn alles Sujeten, déi een am Mobilitéitsgrupp schwätze kann. D'Verkéiserskommissioun, do muss ech soen, dass ech e bësselchen enttäuscht sinn. Mir hu just eng am Joer. D'Familljekommissioun, do maache mer der 5-6 fir Barfußwanderweg ze organiséieren. Do hu mer gutt geschafft, dee Projet dee gëtt och eppes. Mee fir eng Verkéiserskommissioun, wou mer souvill Problemer hunn a wou eis souvill Defien ervirstinn, dass mir eis do just eemol d'Joer treffen an dann am Fong e Rapport maachen iwwert eng Vélosachs Nord-Süd / Ost-West an am Fong awer net méi derbäi erauskënnt. An dass een an der Zone 30 mam Vélo ka fueren, jo, dat maachen ech souwisou schonn. Mee ech fannen, do kann ee vill méi maachen an Zukunft a wéi gesot, ech sti fir e Mobilitéitsgrupp, an do kéinte mer konstruktiv fir Diddeleng a fir eis Bierger matschaffen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci. Weider Stellungnamen? Madamm Heinen.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):** Merci Här Buegermeeschter fir d'Wuert. Meng gréng Kolleegin, d'Madamm Goergen huet scho vill gesot. Ech ginn da lo nach méi detailléiert, ech schlësse mech dann elo un, erëm op d'Mobilitéit an. Am Fazit vu Komobile steet, datt dat bestoend Stroossennetz duergeet fir dat zousätzlecht Verkéisersopkommes duerch déi PAP Nouveau Quartier. De Büro stäipt sech op Zielungen aus de Joren 2011 an 2012. Zanterhier ass vill Waasser d'Diddelenger Baach erfogelaf an all Joer sinn ëm 10.000 Awunner am Land bäikomm, vill Aarbechtsplaze geschaf ginn, ënner anerem och zu Diddeleng an den nationalen Aktivitéitszonen, am CFL Multimodal a Logistikzenter z.B., wat och vill Camionstrafic mat sech bréngt. Iwwer 50% vun de Leit, déi hei schaffe sinn net vun Diddeleng. Nëmme 16% vun den Diddelenger, déi hei wunne schaffen och hei. Dobäi kënnt den ëmmer méi staarke Pendlerverkéier, haaptsächlech franséisch Frontalieren, déi gréisstendeels a Richtung Stad Lëtzebuerg weiderfueren awer och a Richtung Esch. Besonnesch zu Spëtzenzäiten ass d'A3 saturéiert, an de Verkéier iwwer Zouffngen, Kanfen, Wuelmereng huet Repercussiounen op Diddeleng. Déi Spëttestonne ginn och ëmmer méi an d'Längt gezunn. Dofir si mir net ganz sou optimistesesch wéi Komobile, ëmmerhi kéime bal 8000 Awunner bäi duerch Neischmelz, Baulücken a méi dicht Bauen. An der Etüd steet och, datt weider Efforten am ëffentlechen Transport missten ënnerholl gi grad esou wéi an der Mobilité douce, déi da jo lo Mobilité active heescht. Besonnesch beim Vélo wier nach vill Loft no uewen. Dat wonnert eis elo net. Déi Gréng priedegen zënter





gefillten Éiwegkeeten datt net genuch fir de Vélo gemaach gëtt. Wann een d'Vëloskaart vu Komobile kuckt, mat de ville grénge Weeër, stëmmt dat optimistesesch, och wann d'Ëmsetzung ze vill Jore wäert daueren an et eis net séier genuch geet. Dringend a prioritär wäeren z.B. de Wee vun der Kierch bei de Centre Culturel a weider bei de Skaterpark. Oder vun der Gare, laanscht de Kierfecht bis d'Rue des Champs a weider bei de Futtballstadion Meyer wou vill Kanner sinn. Hei si mir beim Plan directeur Rue de Bettembourg och net ganz schlaue ginn, wou de Véloswee geplangt wier. Parkplaze fir Véloer si virgesinn, dat ass gutt, am Wunnberäich, a Bürosgebäier, an Administratiounen an am Commerce.

Mir froen eis, sinn der och virgesi bei Betriber, Industrie, Centres culturels, Schoulen a Sportanlagen? Gutt fanne mir déi geplangten zousätzlech 30er Zonen, z.B. beim Lycée, an der Parkstrooss bei de Vélosiwwergäng, déi da lo geschwé gemoolt ginn. Punkto ëffentlechen Transport, hu mir net vill Informatiounen fonnt betreffend den Zuch. An eisen Aen ass d'Eisbunn awer weesentlech an d'Réckgrat vun der Mobilitéit hei zu Diddeleng. Den Zuch huet seng Schinnen a steet net am Stau. Bis 2028 ginn op nationalem Plang net manner wéi 3,9 Milliarden Euro an d'Eisbunn investéiert. Mat der neier Zuchstreck tëscht der Stad a Beetebuerg wäerten dann och weesentlech Verbesserungen fir Diddeleng kommen. A mir hoffen, dass mir dann do e grouss Stéck vun deem Kuch mat der Kiischt, dee gebak gëtt, matkréien. Wat genee steet nach net fest. Wéi Direktzich, Train-Tram oder net, dat ass nach net gewosst. Fir op d'mannst mol zu Spëtzenzäite méi en héijen Takt kënnen unzëbidde bräichte mer wéinstens plazeweis Duebelgleisegkeet zousätzlech zu där an der Gare-Usine. Wa mir richteg verstanen hunn, wier déi Duebelgleisegkeet virgesinn tëschent Bireng a Beetebuerg. A laanscht déi Zweegleisegkeet kéim eng nei Vélospist. De Bus. De Busreseau vum TICE ass an de leschte Joren zu Diddeleng verstärkt ginn duerch den RGTR. D'Linn 305, tëscht Diddeleng a Beetebuerg gëtt gutt genotzt, engersäits well d'Aktivitéitszonen ugefuer ginn, andersäits ginn esou d'Waardezäiten op der Gare Beetebuerg verkierzt. Déi direkt Buslinn 207, déi da lo geschwénn 507 heescht, Diddeleng-Kierchbiere, fiert deemnächst bis op Wuelpereng, wat jo dann och der groussregionaler Entwécklung Rechnung dréit.

Den Här Molitor sot virdrun, e géif dann och nach méi duerch Diddeleng fuere fir Leit matzehuelen. Bleift dat dann, dass een um Aller fir op de Kierchbiere net därfer erausklammen an um Retour vum Kierchbiere net därfer eraklammen? Dat wier mol en interessanten Detail fir ze wëssen. Mee d'Bussen hunn am Géigesaz zum Zuch keng eege Spuer, kee Korridor hei zu Diddeleng. Wann et op de Stroosse staut, kënnt de Bus och net vum Fleck an e kritt Retard. A wann de Bus, wéi den Här Martini virdrun och gesot huet, wann de Bus ëmmer erëm Retard huet, dann ass et schwéier, d'Leit dozou ze beweegen, op den ëffentlechen Transport ëmzëklammen och wann e muer gratis ass. Wa mäi Bus net pünktlech ass huelen ech den Auto, wann ech de Choix hunn. Mat der Konsequenz, datt de motoriséierten Individualverkéier erëm méi grouss gëtt, mir sinn am berühmten Däiwelskrees. Duerch eis historesch gewuesse Stad, eis geographesch

Lag an eis Topographie hu mir am Südwesten a Südosten d'Hiwwele vun der Doggerstuf, e Grüngürtel mat der Haard an dem Ginzebiere. Mir hunn dräi Hauptstroossen: am Westen d'Route de Kayl, am Osten Route de Zouffngen mat Accès op d'A3 an am Norden d'Lëtzebuurgerstrooss, d'N31, mat Accès op d'Collectrice. An der Mëtt, de Stadkär, ech soe lo mol net autofräi, mee autosarm gewënscht. Wat ech domat soe wëll: Et ginn net allze vill Méiglechkeete fir Busspueren oder Buskorridoren an eisem Stroossennetz unzëleeën, dat wësse mer och. Intelligent Luuchten oder aner Verkéiersféierungen, déi de Bussen iergendeen Virdeel verschafen, dëst dierf dann och emol op Käschte vu Parkplaze goe wann et néideg wier, wieren awer net vu Muttwëll. Zum Beispill, wéi och elo gesot ginn ass, d'Lëtzebuurgerstrooss, wou d'Parkplazen iwwerdimensionéiert sinn. Déi si risegrouss do. De Bus vun der Zukunft, den BHNS, ass geplangt vun NeiSchmelz duerch d'Rue du Centenaire, Commerce, Edison, Gare, Richtung Keel, Schëffleng, Esch, Belval, souwäit mer wëssen. Mee och de BHNS wäert hei warscheinlech keng eege Spuer kréien a riskéiert am Stau ze stoen. Mir kéinten eis och eng aner Léisung virstellen à la Pôle d'échange. Vun NeiSchmelz kéint ee mam Zuch op d'Gare-Ville oder d'Gare-Bireng fuere an do géif de BHNS fortfuere, da kéint een do ëmklammen. Mir froen eis allerdéngs och, firwat de BHNS dee selwechten Tracé fiert wéi den TICE Nr. 4. Dat ass net wierklech eng Plus-value fir Diddeleng. Firwat net eng aner Streck? Zum Beispill iwwer Näreng-Gare, wou vill Diddelenger den Zuch huelen, an da weider op d'Féiz eventuell, a vun do aus direkt iwwer d'Autobunn op de Belval. Da géif dat méi schnell goen. Mam Parkraummanagement kënne mer d'Accord sinn. Vläch nach eng Iddi: zu Esch am Brill kritt d'Parkhaus nuets en zweet Liewen, do ginn d'Parkplazen zu engem verbëlligten Nuetsabonnement verlount.

Mir kéinten eis och virstellen datt et am PAG auto- a parkplazfräi Wunnzone gi fir Stéit, déi ganz bewusst keen Auto wëllen. Sief dat jonk Leit, jonk Familljen oder och eeler Leit. Den Trend, hate mer jo och scho virdrun driwwer geschwat, ass wuel hei am Land nach kleng, mä d'Demande ass do an déi wiisst. NeiSchmelz wier duerch déi zentral Lag an déi direkt Noperschaft zum Zuch sécher géeeigent fir sou Wunnformen a sou Wunnenge bewusst ouni Parkraum. De Stellplazschlüssel vun 0,8 weist jo och an déi Richtung. Et géif dann awer och an der Logik leien, dëse sougenannten Eko-Quartier méiglechst autofräi ze gestalten, an net wéi geplangt mat Shared Space. An ech hat mech net ofgeschwat mam Här Thill, mee bal dee selwechte Wuertlaut. Hei wier d'Chance en neie Quartier vun Ufank u sou ze plangen datt keen Duerchgangverkéier de Wee erafennt. Well da brauch och spéider kee sech Gedanken ze maachen, wéi mer de Verkéier erëm erauskréien. Ech soen lech Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER):** Merci der Madamm Heinen fir hir Stellungnam, den Här Glesener.

**HENRI GLESENER (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. Keng Angscht, ech hunn net den Hauptthema op der Mobilitéit oder Immobilitéit a menger



Interventioun, wat dann zu enger bestëmmter Mixitéit hei soll suergen. An der Intro ass de Sënn an den Zweck vum PAG a senger Prozedur mengen ech zur Genüge belicht ginn, an ech brauch do net méi drop anzegoen. Op den éischte Bléck, wa mer de Bierger dee PAP, PAG do virstellen, wäert besonnesch beim PAP Quartier existant eng Rei vu Bierger dat als Schikan oder als Agréff an hir perséinlech Fräiheet empfangen. Et ass awer ganz kloer eng Noutwendegkeet, dass eng Stad sech sou e Plang gétt. Well mer an der Tëschenzäit zu ganz vill sinn, déi hei wëllen zesumme liewen, an dat wäert sech an Zukunft och net änneren. Mir kënnen also net wëll an onkontrolléiert, individuell bastelen, mee mir musse kollektiv a sozial denken. Vill wëssen dat, verstinn dat a wëllen dat och. Eenzeler wäerten dat awer nach musse léieren. De Gesetzgeber huet dat alles scho laang erkannt a geregelt.

D'Madamm Zeyen huet am Ufank an der Intro, an engem ganze Slide gewisen, wat fir eng Reglementer a Gesetzer do an deene leschte Jore komm sinn. Mir sinn also lo am Ufank, beim éischte Vott vun där Prozedur. An ech kann nëmmen all Mënsch deen hei wunnt, oder/a Proprietär vun Immobilien hei zu Diddeleng ass roden, sech dofir ze interesséieren an den Dossier ze consultéieren. D'Prozedur erméiglecht et jiddwerengem Eenzelen, sech ze informéieren, sech ze artikuléieren an eventuell ze reklaméieren. Natierlech wäerte bis zum definitive Vott, mir hu gesot an 12 Méint, nach Upassunge geschéien, an ech hoffen dass méiglechst Villes vun deem, wat d'Leit als Input wäerte bréngen och kann afléissen a berécksiichtegt ginn. Et muss awer och kloer sinn dass d'Allgemengwuel hei virum individuelle Wonsch muss stoen. Et gëllt also do e gesunde Mëttelwee ze fannen, wou keen Eenzelen komplett op der Streck bleift, ouni den Intérêt public awer aus den Aen ze verléieren. Eng interessant Zäit steet eis also bevir. Ech hat nach e puer Saachen, déi awer aner Kolleegen hei scho gesot an ernimmt hunn, sou dass ech doriwwer kann ewechfléien. Perséinlech ervirhiewe wëll ech awer nach dat hei: de PAG, sou wéi en haut hei virläit, ass staark vun Ëmweltbewosstsinn gepräägt. De risegen an ganz detailléierten Dossier iwwert d'SUP, also déi strategesch Ëmweltstudie, ass e ganz wichtegen Deel vun dësem Plang. Ech gi sécher net op all déi Mesuren nach eng Kéier an, déi hu mer och zur Genüge virgestallt kritt a mir begréissen se. D'Decisioun fir de Bauperimeter net ze erweideren, ass fir mech dee positivsten a stäerkste Basisprinzip vun dësem Plang. An dat trotz groussen Ambitiounen. Nämlech fir lues a lues Wunnraum ze schafe fir zirka 10.000 Awunner, an dat ouni um Perimeter ze réckelen, nämlech nëmmen andeem dass mer dat Potential wat mer hunn, vu gutt 110 Hektar – an deen eenzege Punkt, dee mech doran erschreckt huet, dat waren 11,5 Hektar Baulücken.

Ech weess, dass mer vill Baulücken hunn, mee ech war mer net bewosst, dass dat sou eng Fläch wär. An natierlech dann zu 50 a 50 Hektar dann ongeféier wat an de PAP Nouveau Quartier an an den Zones d'aménagement difféé da läit. Mir hunn also nach e ganze Pak Potential. Ech hu mer viru kuerzem bei enger Diskussioun iwwert d'Zukunft vum Land a méi speziell vun Diddeleng, eng radikal Meenung vun engem jonken Diddelenger missten ullaechteren. Mer sollen dach radikal de Peri-

meter opmaache fir virun der Stad op der grénger Wiss massiv bëllege Wunnraum ze schafen. Sprich: vill grouss an héich Appartementshaiser bauen. D'Bauere géife just do e bëssen egal wat ubauen an och just e puer Kéi op de Wise lafe loossen. Ech war sou geschockt iwwert déi Usiichten dass ech net derlaanscht komm si fir se haut hei ze ernimmen. Sou Leit kann ech just roden, sech e bësse besser ze informéieren. Gutt Liewensmëttel entstinn net am Regal vum Supermarché an eis Bauere maachen net egal wat oder iergendeppes Onwichtiges. Eist Land ass kleng, a mir musse ganz gutt oppassen, wat mer mam Terrain maachen. Gréngzonen, dat sinn natierlech Liewensraum fir Fauna a Flora, dat sinn net just verlure Plazen, wou ee vill Wunnraum drop schafe kéint an dann hätte mer de Problem, oder all eis Problemer geléist.

D'Wunnengsnout ass och keen eenzelen Problem, dee ganz eleng ka geléist ginn. Mir léisen deen also och net, andeem mer massiv, schnell an ouni Konzept bauen. Ech wéilt och guer kee Wunnraum schafen, wou ech mer selwer net kéint virstellen dran ze wunnen. Hu mer dann aus der Vergaangenheet näischt geléiert? Weess haut kee méi, wou dat hiféiert, wa sou Ghettoen opgeriicht gi sinn, vill dovun ouni déi geréngste Wunnqualität, ouni eng gesond Mixitéit, et j'en passe, se sinn alleguer hei opgezielt ginn. Ech hoffen, dass et net vill Leit sinn, déi sou denke wéi dee jonke Mann, an dass eng Majoritéit sech bewosst ass, dass et keng simpel Léisunge fir komplizéiert Problemer gétt. Ech menge mir sinn hei zu Diddeleng elo um richtege Wee. Mir maachen hei am Haus eis Aufgaben a bréngen dës Stad weider. Mir hunn Zukunftsvisiounen, déi Kapp a Fouss hunn, an déi wäitsiichteg sinn. An ech sinn iwwerzeugt, dass dësse Gemengerot dat och majoritär sou gesäit an ënnerstëtzt. En anere Punkt, wéi kéint et anescht sinn, deen ech hei ervirhiewe wëll ass, dass dësse PAG dann och endlech d'Basis schaaft fir dass de CGDIS de Bau vun engem regionale Centre d'Incendie et de Secours kann entaméieren. Och wann dat lo nach e Joer dauert, bis dass et da wierklech lass ka goen. Dat ass batter néideg fir d'Zone Sud a besonnesch fir de Fonctionnement vum Groupement Ginzebiérg, deem jo Beetebuerg, Diddeleng, Fréiseng, Keel, Réiser, Rémeleng ugehéieren. An ech wëll ofschléissend, grad wéi déi aner Kolleegen och, all deene Merci soen, ouni se nach eng Kéier speziell all eenzel ze ernimmen. E grouse Merci un all déi, déi gehollef hunn, dësse Plang op d'Been ze stellen.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci Här Glesener fir Är Stellungnam. Weider Stellungnamen? D'Madamm Kayser:

**MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV):** Jo Merci Här Buergermeeschter, och am Numm vun der CSV, et ass jo schonn e puer Mol ugeklungen, der Madamm Zeyen vum Büro Zeyen+Baumann, dem Här Brodeur, dem Här Wonn vun ÖKO-Büro, dem Här Molitor vu Komobile e grouse Merci. Merci och den technische Servicer ënnert der Leedung vum Cathy Mambourg, Merci de Bierger déi sech abruecht hunn an d'Workshoppen a Merci natierlech och dem Aarbechtsgrupp PAG wou eise Jean-Paul Gangler eis och ëmmer au courant gehalen huet wéi d'Diskussiounen verlaf sinn. Hinnen all verdanke mer, dass



meren et offéiert Bautereglement hei virleien hu wat sécher néideg war. An et gouf eng detailléiert Ausschaffung souwuel an der Partie écrite wéi an de Parties graphiques gemaach fir den neie PAG op d'Schinnen ze bréngen. Dat ass e wichtegt Instrument zu sënnvoller a qualitativ héichwärtiger Planung vun eiser Stad. Am Fong wollte mir als CSV dem Schäfferot e bëssen de béise Fanger weise well mer bei de 26 leschte Gemenge si vun 102, déi nach ëmmer keen neie PAG an d'Prozedur geschéckt hunn. Am Fong. Well, viru méi wéi 15 Joer, wou d'Gemengen invitéiert goufen hire PAG un d'Gesetz vun der kommunaler Flächennutzung unzepassen, si vill Joren an d'Land gezunn. No 6 Joer haten 10 Gemengen den Delai agehalen. Et goufe Verlängerungen op 2011, 2013, 2015, 2018 bis Abrëll 2018 waren ëmmerhi 64 Gemenge prett. Just mir waren nach net prett. Bis November 2019 war den allerleschten Termin. Lo si mer 2020 an ech hat am informelle Gemengerot gefrot, firwat mir hannendra sinn.

Als Äntwert krut ech du gesot, d'wär d'Geländestudie vun der SUMP, déi Problemer gemaach huet, well déi hätt een nëmmen em Summer kënnen maachen. Bon, ech muss zwar soen, tëschent 2004 an 2020 waren awer nach vill Summeren, wou een dat vläicht hätt kënnen maachen. Mee bon. Lo hu mer da lo de Projet vum neie PAG fir Diddeleng hei virleien an mir sollen en elo ofseenen, fir en an d'Prozedur ze schécken. Mee eis Fro ass, leie wierklech all Donnéeën hei vir um Dësch fir en toute connaissance de cause e Plang auszuschaffen, wéi eis Stad sech soll weiderhin entwéckelen? A mir mengen net. Dofir maache mir och elo net dem Schäfferot de Fanger, mee der Regierung. Wat feelt vu Säite vun der Regierung ass virun allem d'Ofseene vun de Plans sectorielle. Déi éischt Plan sectorielle, déi sollte schonn 2014 an d'Prozedur geschéckt ginn, och mir als Diddelenger Gemengerot haten e ganz etofféierten Avis dozou ofginn. Deen hat d'CSV och matgestëmmt. Op Drock vun de Gemengen, déi guer net zefridde ware mat deene Richtlinie hunn d'Autoritéiten déi Proposen du missen zréckzéien an et gouf am September 2018, kuerz virun de Chamberswalen, d'Regierung huet dunn en neie Vott vu Plan sectorielle an d'Diskussioun geworf. D'Gemenge konnten nees hir Avisen ofginn. Et huet geheescht, wann dës Plan sectorielle ofgeseent sinn, dann trëtt d'Landesplanungsgesetz definitiv a Kraaft. Dëst Gesetz sollt eng allgemeng Visioun duerstellen, wéi a wou d'Entwécklung vum Land sollt histeieren. Mee haut ass dat nach ëmmer net de Fall. Haut wësse mer zu Diddeleng nach net, ob eis Awänn a Remarken, déi mir de 4. Oktober 2018 votéiert hunn, ob déi berécksiichtegt goufen. Als Parenthèse, d'CSV hat dee Vott net matgedroen, well mir fonnt hunn dass déi Avisen zu verschidene Punkten net pointéiert genuch waren. Virun allem de Votet Transport, do si vill Remarque vun eisen Avisen, déi e groussen Impakt hunn op d'Ausschaffe vun dësem PAG. A mir hunn, wéi gesot, do nach ëmmer keng Äntwert kritt op eis Avisen. Beispill: Ech hu kee Wuert héieren, iwwert den Echangeur Dudelange-Centre dee sollt ëmgebaut ginn an eng zousätzlech direkt Sortie vun Diddeleng a Richtung Frankräich gebaut ginn. Wou soll deen elo hikommen? Mir haten d'Remark gemaach, dass deen ze vill an dem Waal erageplangt gëtt. Mir wëssen net, ob de

Ministère eis, a wenn, berécksiichtegt.

Zweet Fro: Beispill den Opfangparking fir Camionen. Wann d'Aire de Bierchem voll ass war virgesinn en Opfangparking fir Camionen an eis Géigend ze bauen. Zweetens och de Park and Ride fir de Covoiturage ze férdere op der geplangter drëtter Spuer op der Autobunn, dee sollt och hei a Richtung Diddeleng gebaut ginn. Skepsis vun eis gouf geäussert, ob dat net en ze vill groust Verkéiersopkommes an Diddeleng géif bedeuten. Mir wëssen net, ob eis Remarque vun der Regierung eescht geholl ginn. Mir wëssen net, ob déi staatlech Projete tel quel ëmgesat ginn. Mir wëssen net, a wéi engem Rhythmus déi vum Staat envisagéiert Projete sollen ëmgesat ginn. Mir wëssen net, ob de Bus à haut niveau de service S-Track soll wierklech kommen. Mir wëssen net, ob mir déi Couloire sollen ophalen, a wéi mer eis Stroosse solle plangen. Mir wëssen och net wéi dee vu PRO-SUD ugeduechte Südtram vu Bieles op Diddeleng soll realiséiert ginn. Mir wësse Villes net. D'Regierung léisst eis hei einfach am Stach. D'Landesplanung schéngt fir si keng grouss Prioritéit ze hunn. Déi eenzeg Consigne, déi si mat op de Wee ginn hunn, éier elo d'PAGEN definitiv hu missten ausgeschafft ginn, dat war: de Bauperimeter soll net erweidert ginn. Wat mer och wëssen, dat ass dass den Här Buergermeeschter gesot hat, mir wärem frou - dat war am Oktober 2018, ech zitieren - „Mir wärem frou, wann déi staatlech Stellen, notamment déi concernéiert Ministère och mat dem néidege Seriö un den Avis vun de Plan sectorielle eruginn, notamment dem Plan sectoriel Transport. Well mir brauchen eng gewëss Planungssécherheet. An déi hu mer net.“

Mir wëssen, dass Diddeleng en Entwécklungspol fir de Süde sollt sinn, Centre de Développement et Attraction. Dat ass jo alles schéin a gutt. Et ass schonn hei oft ugeklungen: Diddeleng läit am Süde vum Land, eng Sakgaass, ëmgi vun eiser schéiner Natur. Ech soe mir sinn eng Aart Blinddarm. Mee wa mir lo och nëmmen en Deel vun deene Projeten, vu PAG-Wunnungsprojete wëllen ëmsetzen, dat bedeit dat en enorm grouss Problem fir de Verkéier an da riskéiert eise Blinddarm ze platzen. An de Preparatiounen zum PAG ass kloer erauszulesen, wéi d'Beweeegung vun de Leit ran a raus aus Diddeleng sinn. Et ass och hei schonn e puer Mol zitéiert ginn. 1981, d'Schmelz huet nach gedréint, 60% vun de Leit hunn hei gewunnt an hunn hei geschafft. 2011 fuere 75,3% vun de Leit aus Diddeleng eraus schaffen. Dovunner fuere 37,4% an d'Stad, 6,1% op Beetebuerg, 11% op Esch, an déi aner Gemengen déi verdeele sech. Bei de Reentranten, dat ass och ganz wichteg ze wëssen, vun deene Leit, déi op Diddeleng schaffen kommen oder déi Leit, déi aktiv zu Diddeleng schaffen. Do sinn nëmme 16%, déi wunnen hei zu Diddeleng, déi schaffen och hei. 52,7% vun den Actifs résidents, déi komme souguer aus dem Ausland heihinner. Dat sinn alles Chifferen, dat muss een awer en compte huelen, wann ee wëll plangen.

A mir haten och scho virdu gesot, den Här Martini an och vun der grénger Fraktioun ass et gesot ginn: wann déi all duerch déi Projeten an der Géigend Bireng kommen, da komme mer do op 900 Logementer. Do ass dann Helper dobäi, mee soe mer mol, 800 Logementer



ouni Helper. Da froen ech mech, wéi soll Diddeleng dat verkéierstechesch schaffen? De PAG gëtt hei keng Äntwert. Mir haten och schonn d'Fro gestallt, wann Awunner, déi z.B. op Bireng solle kommen, d'Madamm Heinen huet et och grad nach gesot, wéi sollen déi sech aus Diddeleng erausbeweegen? Mam Vélo ass jo eng gutt Saach, mee do komme mer net schnell virun an och net iwwerall dohinner wou mer wëllen. Ech hat scho gefrot gehat, ass do eventuell eng Stéchstrooss geplangt fir Richtung A13 oder A3? Mir wëssen et net. Mir wëssen net, a wéi eng Richtung et soll goen. Mir sinn och dem Meenung, dass mer net onbedéngt, wéi d'CFL et wëll maachen, e schnellen Zuch am 15-Minuttentakt vu Wuelmereng op Ettelbréck brauchen. Ech hunn lech gesot, 37% vun de Leit, déi ginn op Lëtzebuerg schaffen, 6% op Beetebuerg, Ettelbréck ass manner wéi 1%. Just nëmme fir ze soen. An ech denken, dat ass net d'Léisung. Mir wëllen och keng Unterführung ënnert der Gare, wou mer den Hild a vläicht souguer eis Gare mat der Galerie Dominique Lang müssen opferen. Mir wëllen dat net. Mir sinn nach ëmmer als CSV der Meenung, dass mir deen Tracé dee mer hunn, deen och gutt ass, dass mer dee sollen netzen, dass mer do sollen en Train-Tram fuere loosse oder en Tram, oder soss iergendee Gefäert wat awer z.B. mécht, dass mer déi Barriären, déi permanent zou sinn, dass mer déi kënnen oploossen. Mir haten och am Gemengerot vum 26. Mee 2017 eng Resolutioun geholl heibannen an unanime dem Buergermeeschter de Réck gestäipt fir all Demarchë mat Ministère, CFL, Ponts et Chaussées, fir eng Léisung ze fanne wat den Transport ubelaangt. A bei den Diskussiounen ëm Plan sectorielle sot den Här Buergermeeschter, ech schwätzen elo vu September 2018, bei den Entrevuen am Mee 2018, um Ministère des Transports, wou de Minister selwer net do war, war sech engagéiert ginn, mat Luxtram Kontakt opzehuele fir ze kucken, wéi eis Optioun sinn. Ewechfale vun de Barriären, Direktzuch an d'Stad oder Tram. Mir hu lo hei z.B. bei deem wichtige Dag dee mer haut sinn, fir ze kucke a wéi eng Richtung de PAG sech entwéckelt, a wéi eng Richtung eis Stad sech entwéckelt, hu mir nach keng Stellungnam kritt, wéi wäit mir do mat deenen Demarchë sinn.

Här Buergermeeschter, mir hu bedauert, dass mer d'Filmstudioen net op Diddeleng kréien, well d'Regierung de Projet gekippt huet. D'Regierung ass an der Bringeschuld, hutt Dir gesot. Hu mir och gesot. Mir sollen e kompensatoresche Projet kréie vun enger Konnotatioun nationale. De Projet sollt wa méiglech op NeiSchmelz kommen. Ma da komm mer verlaange vun der Regierung, eis Iddi vum Train-Tram Wuelmereng-Bireng mat do engem Pôle d'échange, wou déi duebel Gleiser geplangt sinn, do en Ëmklammen an den direkten Zuch Beetebuerg-Lëtzebuerg, dee jo dann och eng méi héich Kadenz soll kréien, dass mer deen als Projet Envergure kréien. Den Här Martini huet et scho proposéiert, op de Wupp vum neie PAG NeiSchmelz Süden, do kéinte mer en Tramsschapp installéieren. Haut héiert een, Juppi! d'ganzt Land kritt e Gratistransport. Mee et héiert een awer och, wann d'Infrastrukturen, d'Kadenz net attraktiv sinn, wann d'Zich iwwerfëllt sinn, dann ass näischt gewonnen. Diddeleng kéint dozou bäidroen, d'Attraktivitéit vum öffentliche Transport ze erhéijen. Net mat nach méi

Zich, all 15 Minutte mat Barriären, déi nach ëmmer méi zou sinn. Net mat enger Zuchunterführung, déi en immensen Agrëff an eise Patrimoine urbain géif bedeuten, mee mat enger Train-Tram-Linn fir op Beetebuerg. Ech soen ëmmer, Dir sidd zu zwee Buergermeeschter vun Diddeleng an der Chamber. Op Säite vun der Regierungspartei. Dann denken ech dann och: Maacht dach emol dës Propos a sot, hei mir hunn eppes zegutt vun der Regierung, well si huet eis jo eppes versprach. Wéi wär et dann, wa mer elo dëse Projet géifen definitiv ëmsetzen? Voilà.

Vill Saachen aus dem neie PAG fanne mer ganz gutt. Mir haten dat scho gesot gehat. Den Här Martini an den Här Gangler sinn drop agaangen, dass mer wëlle do ubaue wou mer eng gutt Ubannung un den öffentliche Transport hunn. Mir wëlle Gréngzone behalen, mir wëllen d'Typologie erhale vun eise Stied. Dorobber ginn ech elo net méi an, dat ass alles schonn oft gesot ginn. Mir fannen och ganz gutt, am Géigesaz zu Här Thill, dass mer awer de Gabarit vun eise Gebaier op 4 Stäck limitéieren. Woubäi ech awer och muss soen, dass awer déi ugeduechten Iddi, déi deemools bei de Plan sectoriels, beim Plang vun NeiSchmelz war, fir eventuell en Hotel oder en Aussichtsturm ze bauen, deen e bësse méi héich war och net sou schlecht fonnt hunn. Voilà, ech hunn awer nach e puer Froen. Éischtens emol, et ass gesot ginn, mir maachen e kontrolléiert, moderat Wuessen a verschiddene Phasen. Mee mir hunn awer och gesot, 62% vun de Propriétéite gehéiere Privatleit, 28% dem Staat an nëmme 10% der Gemeng. 10 Prozent, dat ass net déck. An eiser Meenung no, a mir hunn dat ëmmer erëm gesot, a mir waren net déi Eenzeg hei am Sall, déi ëmmer gesot hunn et missten awer Baulandreserve vläicht geschaf gi vu Säite vun der Gemeng fir awer och virun allem soziale Wunnengsraum kënnen ze bauen. Mee lo hu mer dat awer nunn eemol net an Dir sot ëmmer, mir kontrolléieren awer gären de Wuesstem. An ech weess net, ob mir dat kënnen wierklech sou steieren. Dir wësst, de Besoin vu Logement am Land ass immens héich. Et ass en immensen Drock do. Déi jonk Diddelenger maachen Drock. Den Här Glesener huet nach gesot, déi wëlle Wunnraum hunn. Working poor, déi maachen Drock, déi musse mer och iergendwou ënnerbréngen. A virun allem d'Promoteuren, déi maachen Drock. Ënnerschätzt déi net, déi hunn d'Portefeullen, déi kafen d'Terrainen an déi géife gare bauen. A mir soen, éier mir dee Problem vun Transport net gereegelt hunn, dann erstécke mer herno am Verkéier. Et ass hei op alle Bänke scho gesot ginn. An et huet och geheescht, dat steet souguer hei am PAG och dran, dass mer de Phasage müssen definéieren. „Le phasage de développement en adéquation du développement du transport en commun et de la mobilité douce.“

Dofir meng Fro: Wéi gesäit de Phasage aus? Wéi wëllt Dir dat steieren, wéi wëllt Dir dat limitéieren? Sécher, mir maachen elo NeiSchmelz. Dat ass eng gutt Saach. Mee wéi ass et elo z.B. ugeduecht ginn, verschidden Terrainen hu mer gesot, déi wëlle mer reservéieren fir soziale Wunnengsraum... Meng Fro ass zum Beispill, ass scho mat SNHBM oder mam Fonds de Logement geschwat gi fir z.B. de Projet Stade Meyer an Ugrëff ze huelen? Well wéi gesot, d'Zäit drängt, den Drock ass do, souwuel





national wéi och international musse mer awer och e bässe virukommen. Dann hunn ech nach eng Fro, den Här Glesener huet et och scho gesot gehat. Et si vill Leit, déi kënne reklaméiere wa se elo eis Propos hei liesen. Meng Fro ass virun allem och wat de Secteur protégé de type environnement construit ubelaangt, ech hat et schon am informelle Gemengerot gesot. Dat ass eppes, wat mengen ech d'Leit net sou um Radar hunn. Dass verschidde Gebaier a Konstruktioneen à protégé sinn. Verschidde Fassadestrukture mussen erhale ginn. Hu mer wëlles awer dorobber och nach eng Kéier ze pointéiere war mer eis öffentlech Versammlungen hunn? Ech denken dass dat ganz wichteg ass, dass d'Leit och do kënne kucken, wéi eng Méiglechkeeten dass se do nach hu fir kënne eventuell nach eng Reklamatioun ze lancéieren. Wéi gesot, nach eng Kéier villmools Merci fir deen etofféierten Dossier, fir déi exzellent Preparatiounen, fir déi exzellent Presentatiounen.

Mir maachen haut eng Saisine, an dat heescht mir mussen eis domadder identifizéiere kënne wat mer lo op d'Schinn ginn. A mir als CSV hunn awer do eis Problemer, well dee wichtigste Punkt an eisen Aen net gekläert ass, an dat ass de Punkt vum Transport. An dofir sidd dir als Schäfferot gefuerdert, an d'Regierung ass awer och gefuerdert, fir éischtens mol eis Plans sectoriellen ze aviséieren, fir dass mer wëssen wou mer dru sinn. An zweetens, fir e seriöen Aperçu ze maache wéi d'Zuchverbindung virgesinn ass tèschent Diddeleng a Beetebuerg, respektiv Diddeleng a Lëtzebuerg. Well wéi gesot, soss, fréier oder spéider platzt de Blinddarm Diddeleng an dann ass et wierklech net méi flott hei ze wunnen. Merci.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**

Merci fir déi dote Stellungnam. Weider? Martine Bodry-Kohn.

**MARTINE BODRY-KOHN (LSAP):** Merci Här Buergermeeschter. Villes ass elo hei gesot. Op d'Gefor hin, datt ech mech lo vläicht widderhuelen hei, well als leschte Riedner huet een dann an där Hisiicht et ëmmer schwéier wann een hei op d'Detailer, op d'Fakten ageet an op d'Zuelen. Mee mir stëmmen haut iwwert den neie PAG vun der Gemeng Diddeleng of an dofir géif ech och vu menger Sait gäre mäi Pfefferkär nach bäileeën. Mat dësem PAG gi mir eis elo hei e Kader. Wéi a wéi vill mer wëllen an Zukunft wuessen. Op Ufank 2020 lo u waren hei zu Diddeleng 21275 Awunner ugemellt. Den Här Buergermeeschter hat eis dat scho gesot. Am Schnëtt bleiwen d'Leit hei ongeféier 26 Joer a ronn Hallschent vun den Diddelenger si scho méi laang hei wéi 20 Joer. Diddeleng ass also gesicht. Et ass gewosst, datt sech hei gutt lieve léisst. Datt fir jiddwereen eppes gebuede gëtt, egal ob ee lo jonk oder al ass oder wéi och ëmmer engem säi Liewensplang ausgesäit. Wëll een hei méi an der Stad wunnen oder huet een den Duerf-Feeling léiwer? Ob een hei schafft oder ausserhalb. D'Veräinsliewen, déi kulturell Offeren oder och nach déi sozial Déngschter; Diddeleng këmmert sech ëm seng Bierger. Déi Liewensqualitéit ze halen an och fir déi kommend Joren oprechtzëerhalen, dat war d'Zil vun dësem neie PAG. Et ass der Villfältgkeet vun eiser Bevëlkerung Rechnung gedroe ginn a probéiert ginn,

en Terrain ze schafen, wou Diddeleng kontinuéierlech, ma moderat a kontrolléiert wuesse kann. Mer wëssen all heibannen, datt et net genuch Wunnenge gëtt. An dat ass keen Diddelenger Problem, dat ass en nationalen, wann net souguer iwwert eis Grenzen eraus. Mir wëssen, dee selwechte Problem besteet och an eisen Nopeschlänner. An dat läit hei awer virun allem och un de Propriétéitsverhältnesser. Hei zu Diddeleng si mir dofir aktiv ginn. A fir datt mer de Bierger méi Wunnengen, méi erschwénglech Wunnenge virun allem, kënne zur Verfügung stellen, ouni awer eis schéi Stad ze verschampeliieren an d'Identitéit vun de verschiddene Quartiere futti ze maachen. Deem gëtt och hei Rechnung gedroen. Den Duerfcharakter vu Bireng oder Butschebuerg gëtt hei geschützt an och aner historesch Gebaier, wéi och zesummeleiend Haiserzeile bleiwen duerch de PAG erhalen. Mir sinn op de Wee gaange vun deem neien Eko-Quartier NeiSchmelz zesumme mam Fonds de Logement, fir hei ronn 1000 nei Wunnengen ze bauen an hei ginn och dofir nei Standard gesat. Mee och an deene besteende Quartiere gëtt Wäert drop geluecht, datt ee Wunnen, Schaffen, Kafan a seng Fräizäit verbréngen kann. Dat ass wichteg, an dat mécht och déi Liewensqualitéit an déi grouss Zufriedenheet vun den Diddelenger Leit aus. Dofir ass och net gesot ginn, komm mir erweideren de Perimeter an da baue mer an Zukunft an déi gréng Wiss, mee hei gëtt ausdrécklech den Akzent drop geluecht fir fir d'éischt emol d'Baulücken ze erschléissen. Dat sinn ëmmerhin 11,5 Hektar, déi sou dobäikéimen.

Mat de ronn 50 Hektar, déi duerch déi nei Quartieren, wéi z.B. NeiSchmelz entstinn a weider 29 Hektar, déi sougenannten Zonen, déi nach sollen developpéiert ginn, komme mer dann op eng 110 Hektar, déi Diddeleng zur Verfügung stellt an Zukunft, ouni datt mer mussen de Perimeter, wéi gesot, opmaachen. Dat ass scho beeindruckend. D'Populatioun géif dann eng ronn 30.000 Awunner bedroen. Vläch ass elo hei awer de Moment komm, fir mol eng Kéier erëm drop hinzewiesen, dass dese PAG, dee mir hei virleien hunn, kee konkrete Projet schon ass, an deem dat deemnächst, mar oder iwwermuar wäert ëmgesat ginn. Neen, et handelt sech hei ëm Schätzungen, ëm eng sougenannte Simulatioun, wéi Diddeleng sech kéint mëttelfristeg, bezéiungsweise laangfristeg entwéckelen. Alles hänkt dovun of, wem den Terrain oder d'Gebai gehéiert, ob dee wëll bauen a wéini. De PAG stellt eeben hei de Kader, wou a wéi d'äerf gebaut ginn. Wichtig Weiche sinn hei gestalt ginn. Mir wëlle kontrolléiert wuesse well mir wëllen datt den Awunner zu all Moment genuch Infrastrukture wéi z.B. Schoulen, Sport a genuch Servicer zur Verfügung stinn. Mir wëllen datt d'Populatioun genuch Erhuelungszone behält. Eise Park, öffentlech Plazen d'Le'h, de Waal an aner Natura-2000-Reservater ronderëm Diddeleng. Mir wëllen eise Geschäftszentrum erhalen an hunn dofir eis bewusst dozou entscheet, keen 2. Zentrum ze favoriséieren. An d'Duerf akafe goen, oder op de Maart goen, dat wat d'Diddelenger gäre maachen, wäert och an Zukunft sou bleiwen. Städtebaulech wäert den Zentrum da lues a lues an deen neie Quartier NeiSchmelz iwwergoen a sou mat deem verbonne ginn. Ech ernimmen hei och nach emol datt am Joer 2018, wéi mer gesinn, hunn hei zu Diddeleng iwwer 11.000 Leit geschafft. Zu Diddeleng



wunnen, schaffen, kafen an seng Fräizäit ze verbréngen ass fir déi meescht eng Idealvinstellung. Leider klappt da warscheinlech ni zu 100 Prozent. Et sinn der eng ganz Partie, déi vu baussen op Diddeleng schaffe kommen, anerer muss moies eraus. Dat selwecht géllt dann och fir den Transport. Och deem ass an dësem PAG mengen ech Rechnung gedroe ginn. D'Mobilité douce, de Vélo also, dee gétt grouss geschriwwen, méi grouss wéi bis elo. An et ass och probéiert ginn, fir sech un déi national Reseauen unzeschleissen.

An och den öffentlechen Transport, wou mer lo hei scho vill héieren hunn, wäert an Zukunft eng Haaptroll spillen. Eng Haaptroll fir d'Leit ze motivéieren, op eng méi ëmweltfrëndlech Transportméiglechkeet ëmzeklammen, mee awer och well den öffentlechen Transport deemnächst wäert gratis sinn, fir d'Forschette tèschen Aarm a Räich méi kleng ze maachen, well dat wäert ee schonn am Portmonni spieren. Mir hunn hei e puer Beispiller héieren. Also ech fueren och mam öffentlechen Transport an d'Stad, ech fueren och op de Kierchbierg, oft. An ech wëll awer hei soen, datt ech probéiert hunn, vläicht e puer Minutte méi fréi oder méi spët wéi verschidden anerer heibannen, mee ech brauch bis zu annerhallwer Stonn wann ech den Auto huelen. Ech brauch mam Zuch ganz genee vun hei vun der Gare bis op d'Gare Kierchbierg-Pafendall 33 Minutten. Dat ass net ze toppen. Et deet mer leed. Ech kann lech just dofir soen, déi 1%, déi hei den Zuch op Ettelbréck huelen, déi dann do géifen zerwéiert ginn, dat dāerf ee sou net huelen, well déi Gare nämlech, genau déi Gare, déi läit op där Streck, an do si vill méi Leit, déi betraff sinn. Also gétt et schonn en Train-Tram vun Diddeleng an d'Stad. An ech huelen deen. An dat sinn 33 Minutten. Ech wëll dat just hei eng Kéier soen. Dofir vläicht mol eng Kéier am plaz de Bus den Train-Tram probéiere bis op de Kierchbierg, dat geet och. Dat nëmme, Klammer zou, fir dat nëmme richtegstellen. Dat ass net Theorie, mee dat ass Praxis, ech fueren dat selwer. D'Mobilité douce hate mer lo geschwat, de Vélo. An deem Kontext wollt ech nach soen, dass d'Majoritéit hei och net wëll mam Briecheise virgoen, ma schrëttweis d'Bierger dovun ze iwwerzeegen, ëmmer méi oft den Auto stoen ze loossen an op den öffentlechen Transport ëmzeklammen. Dëse Prinzip gétt dann och schonn an deem neie Quartier Neischmelz ëmgesat an och am Shared Space an och an anere Lotissementer, déi deemnächst wäerten entwéckelt gi steet den Auto net méi am Mëttelpunkt. Op där anerer Säit si mer awer och, an do mussen mer all éierlech sinn heibannen, och nach net prett fir am Alldag zu 100% op den Auto ze verzichten. A mir sinn och net all prett fir e Vélo ze huelen. Et ass einfach, de Modell passt och net op jiddwereen. Oft hu mer eppes ze transportéieren, oft si mer an enger Famill ënnerwee, oft gi mer akafen a mer mussen Saache schleefen...

Also et ass och net hei fir säin eegene Liewensmodell all Kéiers op déi aner ze projézieren. Dofir bréngt och déi Polemik näischt fir d'Leit ze verdamen, déi hiren Auto huele fir entweder schaffen ze goen oder firwat och ëmmer. Heiansdo passt et eeben nach net. A mir mussen eis einfach a Gedold üben. Mir sinn och all Autofuerer, déi eng méi oder manner, mee ganz ouni geet och net aussere vläicht wann een zu deene puer ganz Privilegiéierte

gehéiert, a Wunnen, Schaffen, Kafen, Fräizäit kann alles hei zu Diddeleng maachen. An da muss een och nach soen, datt de Schäfferot och net midd gétt, d'Interesse vun Diddeleng bäi de staatlechen Instanzen ze vertrieeden. Et gétt ëmmer hei ernimmt, wéi wann dat net de Fall wär. Z.B. beim Transportministère, beim CFL, bei der Ponts et Chaussées... Wann d'Gemeng hei fräi Hand hätt, da géif munches a punkto Transport hei anescht lafen an och anescht ausgesinn. Mee vläicht kënnen och d'Vertrieder vun der grénger Partei dann och beim gréngen Transportminister parteiintern nach e gutt Wuert aleeen, a vläicht och déi Schinn nach fueren, vläicht hëllef et jo. Mee do, wou mir Kom-Netz maachen, hunn d'Leit eng grouss Offer kritt. Flexibus, Citybus a sou weider an och souguer de Parking résidentiel, dat si Schrauwen, wou mir konnten drun dréien fir datt d'Bierger hir Liewensqualität an hir Mobilitéit behalen.

Den Intérêt public ass ugeschwat ginn hei an den Intérêt public mengen ech, dee steet fir eis am Mëttelpunkt. Dofir dierf een, wéi ee scho virdru gesot huet, net alles duerch säin eegene Brëll kucken. Säin eegene Liewensmodell op all déi aner iwwerdreen an hei generaliséieren. Et geet hei dréms ze verstoen, datt d'Problemer komplex sinn an d'Äntwerten och net méi einfach. Mir kënnen, wéi vläicht anerer hei gemengt hunn, mengen ech, mir kënnen net an d'Zukunft kucken, mir kënnen just Weiche stellen an dat ass mengen ech hei mat deem PAG geschitt, deen eis hei virläit. Et ass e performant Instrument fir d'Entwécklung vun eiser Stad ze steieren an ze beaflossen. A sou e Monsterprojet entsteet och net vun haut op mar, an op allen Niveauen ass hei enorm vill geschafft ginn. Et ass dann och elo u mir fir nach e puer Mercie lassze-ginn. Dat sinn dann déi Büroen, déi schonn e puer Mol hei ernimmt gi sinn, ech wëll dat och nach eng Kéier maachen. De Büro Zeyen + Baumann, d'Komobile an den ÖKO-Büro an och net ze vergiessen och intern, eise Service Technique ënnert der Leedung vun der Gemengenarchitektin Cathy Mambourg. Et ass enorm, wat hei gelescht ginn ass a mir waren heiansdo erschloe vun deene villen Informatiounen, mee mir wëssen datt mer och ëmmer kënnen wa mer Froen hu bei si goen. An datt mir op all Fro, déi mer nach hunn, eng Äntwert kréien. Hei gétt näischt ontransparent gehandhaabt, hei kann een dohinner goen an da kritt een eng Äntwert. An dat wäert och an Zukunft da fir de Bierger gellen. An dofir freet et eis besonnesch, och déi Tatsaach datt d'Bierger selwer sech kënnen hei mat abréngen. Och déi thematesch Atelier an déi Workshopen déi gemaach gi si fir iwwert déi verschidde Voleten ze diskutéiere kënnen mer nëmme beluewiegend hei ernimmen. Eng lieweg Biergerbedeelegung dat wënsche mer eis elo. Dat heescht, mir hunn elo gesinn an der Prozedur, datt elo d'Gemeng wäert no bausse goen, datt dat elo public gemaach gétt, datt Informatiounsversammlungunge gehale ginn, datt d'Leit kënnen dohinner kommen, datt se Delaien hu fir kënnen sech mat anzebréngen wa se net ganz zefridde sinn an datt déi berécksiichtegt wäerte ginn, also nogelauschtert wäerte ginn an da gepréift wäert ginn, ob ee kann do deem Rechnung droen. De 24. März ass also déi Informatiounsversammlung am Lycée Nic Bieber. Mee dat Ganzt wäert da schonn nach public gemaach ginn an och déi néideg Visibilitéit kréien. „Zu Diddeleng ass et flott“ oder „Mir wëllen net méi fort hei“



dat huet een oft héieren op der Soirée vun den neie Bierger am leschten Dezember. Déi héich Liewensqualitéit soll och an Zukunft erhale bleiwen an dat Logo hin, Logo hier, dat wäert keen Ënnerscheid maachen. D'Faarf huet nach ni am Logo eng Roll gespillt, well och hei ass säit jeehier eng nohalteg Ëmweltpolitik an urbanistesche Politik gemaach ginn. Mam PAG hunn déi Gemengeverantwortlech also hei hir Hausaufgabe gemaach an dat wat an hirer Muecht steet, op de Wee geleet. Nämlech e Kader ze setzen, Reegelen ze definéieren, wéi a wou därerf gebaut ginn, wat erhalenswäert ass oder onbedéngt muss geschützt ginn, wou nei Aarbechtsplaze entstinn a wou Leit sech kënnen erhuelen. Eng Balance also ass ze fanne tëschent Wunnen, Schaffen, Kafen a Fräizäit, mee awer och Léisungen ze fanne fir d'Erausfuorderung Mobilitéit an Transport. Elo hunn d'Bierger d'Wuert a mir freeën eis op dësen Austausch. Merci.

#### DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER):

Merci och dem Martine Bodry-Kohn fir seng Zoustëmmung a Stellungnam. Ech kucken hei an d'Ronn. Et si keng weider Stellungname méi do, dann hätte mer dat ofgeschloss. Da wéilt ech vun dëser Plaz alleguerten deenen, déi hei intervenéiert si vun deene verschiddene Parteien Merci mol soe fir Äert Abréngen. Et gesäit een dass mer op verschidde Punkten, sou wéi de Projet vum PAG hei virläit, derselwechter Meenung sinn. Op anere Punkte verschidde Vuen hunn. Et muss een awer och soen dass verschidde Vuen, déi hei agefloss sinn, déi gewëssen Detailler betreffen, am Fong de PAG net léise ka wann et heescht, wou verschidde Bushaltestelle solle sinn. Ech mengen dass de PAG en iwwergeuerdent Instrument ass an och sou ze betruechten ass. An et ass net dem PAG seng Aufgab, dat ze definéieren, respektiv och ze léisen. Ech ginn net op all Detail an, mee et ware verschidde Saachen, déi hei ugedeit goufen an Dir hutt jo och eraushéieren am Kader vun der Presentatioun, an deene leschten 2 informelle Gemengeréit awer och an dësem Gemengerot, wat d'Aufgab ass vum PAG fir deemspriechend och hei déi éischt Saisine kënnen ze maachen. Et sinn eng ganz Rei Remarke gemeet ginn, et sinn eng Rei Froe gestallt ginn. Mir géifen eis dat opdeelen, en fonction vun de verschiddene Voleten, géif da souwuel d'Chantal Zeyen, de Romain Molitor, wou iwwer d'Mobilitéit geschwat gouf, den Här Wonn, respektiv och eis Leit aus eise Servicer drop äntweren, eier dann och herno déi politesch Äntwert wäert kommen. Voilà. D'Chantal Zeyen mengen ech géif ufänken.

#### CHANTAL ZEYEN (BUREAU D'ETUDES ZEYEN + BAUMANN):

Ech si frou fir déi vill léif Mercien an ech soen lech, ech huele se gär mat, well et huet gedämpft bei eis an deene leschten Deeg an och déi Woche virdrun. Ech huelen déi ganz gär mat. Well de Jean an ech, mir sinn et wierklech net eleng déi do schaffen. Voilà, ech kommen da gär op déi Froen zréck vum Här Gangler, déi da jo wierklech och PAG-relevant sinn. Ech fänken awer u bei deenen Dispositions abrogatoires, wat jo dann nach eng Saach ass vum Plan sectoriel. Ech hat et vläicht gewisen, vläicht ass et ze séier gaangen. Also et ass esou, dass, de Moment hu mir jo déi grouss Schraffuren, déi iwwer déi ganz Territoirë ginn am Norden haaptsächlech vun der Gemeng. Wou déi Saache jo do stoungen, PAP an deenen

Texter, a si waren awer wierklech net prezis. Do war net kloer: Déi gi mam Plan sectoriel opgehuewen. Mir hu se awer elo nach missen dralosse well d'Plans sectorielle jo vum Regierungsrot fir gutt fonnt ginn, also do si jo och Saache mat agefloss, déi hei reklaméiert goufen a sou weider. An duerno gi jo dann déi national Zonen, déi gi mat hire Bestëmmungen an deem Règlement Grand-ducal festgehalten. Z.B. ass och eng Kéier gefrot ginn, wéi wäit kënnen mir als Gemeng elo an enger nationaler Zon ee lokalen Handwierksbetrieb ënnerbréngen? Ech hunn de Wuertlaut elo net méi ganz hei. Mee ech mengen dat ass awer déi Geschicht dass dat scho méi innovativ soll sinn an deenen nationalen Dénger, sou dass dat eventuell net onbedéngt ka sinn. Mee, et ass un der Gemeng, an deem Kader vun deenen Definitiounen d'Ëmsetzung ze maachen. Sou ass z.B. dat hat ech jo gewisen uewen, Koibestrachen, ech mengen dat ass jo déi Fläch, déi jo nach muss nei kommen. Do ass ganz kloer e PAP Nouveau Quartier driwwer, et ass souguer e ZAD driwwer. Et ass eis Coulée verte drop. Et si Gréngflächen dran, déi musse gehale ginn. Dat heescht, genau do ass dat drop, grad wéi op deenen anere Flächen, déi nei bebaubar sinn, ass et un der Gemeng fir dat da mat deem wat hei wichteg ass, ëmzesetzen.

Dann hat der bedauert, dass mer an deenen Aarbechtsgruppen déi Schémas directeurs méi mat de Skizzen - wann ech dat richtig verstane hunn - gewisen hunn an et ass vläicht dunn och nach eng Kéier gesot ginn, mee vläicht ass dat dunn och ze séier gesot ginn... Et ass esou dass mir eigentlech elo bei alle PAGen ëmmer sou Skizze maachen, einfach fir lech ze weisen, wat do gemengt ass, wat ee sech kann ënnert deene Koeffiziente virstellen, wat ee sech kann ënnert deene verschidde Prozenter vun Typologië virstellen. An, dat ass eng Basis, en Aarbechtsinstrument, fir kënnen herno déi dach erëm ganz abstrakt Schémas directeurs ze fixéieren, déi jo net direkt am PAG dra sinn. Am PAG sinn d'Koeffizienten dran, dat anert ass jo de Schéma directeur, deen de Kader setzt an sou weider. Wa mir awer lo géifen déi ganz kloer Billercher maachen, dat ass am Fong net dat, wat vum Règlement Grand-ducal virgesinn ass. Mee se si suffisamment détaillé fir ze soen: do fueren ech eran, do hätt ech gären eng Foussweeverbindung, do hätt ech gär mat deem Quartier verbonnen, ech hätt gär déi Affektatioun dran an d'Koeffizienten. Dat anert, dat géing ze wäit goen. Dat sinn och wierklech nëmme Biller gewiescht, Illustratiounen. Dofir, dat gehéiert net an dësen Dossier, mee ech mengen, et war jo awer gutt, dass ee se hat, fir kënnen driwwer ze schwätzen an dat dann ze maachen.

Dann hat Dir gesot, do wäeren an der Lescht nach Ännerunge gemaach ginn. Dat war, well do nach e juristeschen Iwwerbléck, dee jo awer réischt konnt zum Schluss sinn, wou all déi aner Saache festleien, an do sinn nach e bësse juristesche Feischléff gemaach ginn, loosse mir dat mol sou soen. An ech mengen déi Juristen, déi kenne jo och hir Kolleegen, déi herno op där anerer Säit setzen an déi da ganz kreativ si mat hiren Texter, an déi awer och schon an all deene Joren en enorme Stock un Textbausteng hunn. Ech kann lech soen, dat ass impressionnant, wann ee verschidde PAGen huet, wat dann ëmmer



mol sou rëmkënnt, och wann et net ëmmer passt. Hei geet et jo awer drëm, dass mer do méiglechst Saachen ewechhuelen. An an deem Kader ass gesot ginn, mir schreiwe ganz kloer bei der Zone d'Habitation 1 Professions libérales, well mer jo do keng méi grouss Betriber wëllen hunn. An der Habitation 2 hu mer Activités Commerce, Administratif asw. do ass selbstverständlech Professions libérales mat dra verstanen. Mee „qui peut plus peut moins“, dat heescht, do wou ech HAB1 hunn, wou ech wierklech nëmmen, wéi et jo och dann nach eng Kéier am Artikel 1 op der Säit 9 am Quartier existant ass, do de Punkt H dee seet, am HAB1a, HAB1b, HAB1 Brill, do ass eng „personne exerçant sa profession est autorisée à installer un local professionnel à l'intérieur de sa résidence“ mat 45 m2. Do hu mer dat elo aneschtens genannt, vläicht an där juristescher Terminologie, wéi dat da besser ass. Just fir ze soen et ass net ënnert den Dësch gefall, et ass nach ëmmer do. An do wou ee ka jo méi maachen, brauch ech dann net Professions libérales iwwerall hinzeschreiwen. Dat ass am Fong, wann een natierlech dat kuckt, da freet ee sech. Dofir, ech mengen, kann ech lech dat do soen.

Dat waren elo am weesentlechen déi Saachen, déi Dir lo do gesat hutt. Merci fir déi Erreur matérielle, déi ännere mer natierlech, dat soll jo net sinn, dat soll jo richtig sinn. Dann ass, ech regroupéieren dat lo e bëssen, dann ass gesot ginn, mir hu souvill Baulücken... Komm mir kucke mol dass mer déi als éischt Prioritéit ëmsetzen. Dat ass dat wat ee sech schonn ëmmer gewënscht huet, dass ee géif soen: „Du an Du an Du, dat gëtt lo mol gebaut“. Ech mengen ech hunn et jo och zum Ausdrock bruecht, wou mer dat Beispill Aangeldall hunn. Mee soulaang mer hei am Land déi privat Propriétéit sou héich hänken, mengen ech, an do gouf et scho vill Regierungen, scho bal alleguer, an et gëtt schonn, mengem Gefill no säit 20 Joer gesot, lo maache mer en Text, wou mer dat an de Grëff kréie fir eng Mobiliséierung vum Terrain ze maachen. Et ass dat eng Mobiliséierung vum Terrain, eng Mobiliséierung vu privatem Terrain, dat ass net evident. Do ass probéiert ginn et mol iwwer Taxen ze maachen, dat huet awer och net sou gegruff. Et ass och am Gesetz virgesinn dass ee seet, dass een éischt Prioritéiten drop setzt... Also et feelen eis Instrumenter, fir ganz konkret eng Mobiliséierung vu Baulücken. Soulaang haut ee seet, et passt mer net, léisst en et leien. Dat heescht, et ass nëmmen déi Méiglechkeet, dass ee selwer als Gemeng, als Stad, den Terrain huet, fir kënnen dat ze maachen. Wat awer heescht: Wéi kann ech dee Phasage maache vis-à-vis vu Promoteuren, déi vill Suen hunn an och net wëssen heiansdo wouhin, an dann Terraine lénks a riets kafen... Dat ass erwisenermoosse de ZAD déi Moosnam, déi et jo och scho virdru gouf, an déi wierklech allen Affekote Rechnung droen, do sinn der scho vill gewonne ginn, an ech hunn och nach keen Affekot héieren deen déi vill Textbausteng a sengem Computer huet, iwwerhaupt dogéint ze schreiwen. Well dat bréngt näischt. Et ass un der Gemeng fir ze soen, wéini wat geschitt, aus wéi engen Ursachen och ëmmer: Fir eeben en ZAD erauszehuelen. Dann hu mer déi ZADen, déi jo relativ grouss sinn, da kënnt jo déi nächst Phas, da kënnt de PAP. Do kann ech jo och nach eng Kéier... E Gesamtkonzept.

Ech mengen et ass jo ëmmer nach wichteg, dat ass lo haut net nach eng Kéier gesot ginn, dass een ëmmer e Gesamtkonzept iwwert dat Ganzt huet an dann et a Phasen ëmsetzt. Do ass dann nach eng Kéier am PAP ganz kloer, wou jo och virgesinn ass eng Konventioun ze maachen an deem Kader, do kann een nach eng Kéier ganz kloer déi Saachen draschreiwen. Do kann een Zäitpunkten draschreiwen. Do kann ee soen, et gëtt réischt gebaut wann déi éischt Phas ass. Et kann een awer och soen, et gëtt réischt gebaut a souvill Joer wann eis zweet Schouk-lasse fäerdeg sinn. Oder, ech mengen, dat kann een do maachen, sou dass awer dee Phasage do ass, iert elo de Moment ze vill nach Flächen am PAP si weess ech net. Ech mengen et geet jo och e bëssen ëm eng Diversifikatioun. NeiSchmelz ass e Programm vun Typologie, Bireng ass vläicht een aneren. Ech mengen, et geet jo vläicht och fir e bëssen hei e bëssen do eppes ze maachen. Dat sinn awer klenger Flächen. Ech mengen et ass awer vun dohier dee Phasage, deen hei ugeduecht ass, an deen ass jo och net nei. Ech mengen Dir hat jo virdru schonn Différé, an ech ka mech gutt erënnere dass virun enger Rei Joren och Lenkeschléi an den Différé gesat gouf, well gesot gouf, lo packe mer dat net méi. Dat si lo gefillte 15, 20 Joer. Dat ass jo dunn och schonn ugewannt ginn. Dat ass also en Instrument, wat fonctionéiert a wat an alle PAGen och gemaach gëtt. Och a Stied, an der Stad, wou gesot gëtt, dat ronderëm maache méi spéider a sou weider. Sou dass ech mengen, dass dat fonctionéiert. Da war e Sujet bis ugeschwat ginn, do kann ech soen, déi Fläch ass virgesinn. Also dat wat de PAG bei sou Planunge ka maachen: de PAG ass jo, wéi och nach eng Kéier zum Schluss gesot, jo keen aktiivt Instrument. E reservéiert Flächen, e reservéiert wäiss Flächen, wou Stroosse sinn, wou kann eng Busspuer oder Parkplazen oder wat och ëmmer ass, drop sinn. Mee de PAG plangt dat net. E léisst just Raum, also de CGDIS huet déi blo Fläch, déi ass do dran. Dann ass och nach wat gesot gouf: autofräi, Wunntierm... Autofräi fir d'éischt emol.

Et ass jo sou dass am PAG muss gesot ginn, wéi vill Parkplazen a Vélosplaze pro Logement sinn, well de PAG jo iwwert den Nouveaux Quartiers steet an iwwert dem Quartier existant. Dofir steet awer och do eng Exception. Ech weess elo net méi, wéi e Punkt et ass, mee do steet op alle Fall dran: wann et Quartiere gëtt, déi gutt ugebonne sinn, da kann een dee Parkraummanagement aneschtens maachen. Dann ass een also net un déi Basistexter gebonnen. Dat ass jo scho bewise ginn och mat NeiSchmelz, wou et och schonn aneschtens ass. Sou dass do kann, an et kann een och soen, dass een do keng Autoen huet an et kann een och soen dass een d'Autoe regroupéiert. Dat heescht, dat ass ee Basistext, et huet een d'Autoen ëmmer ... an dem eenzele Lotissement oder Lous muss net sinn. Dann ass gesot gi Wunntierm. Bon, do muss ee sech d'Fro stellen... Städtebau, do sinn ech schonn e bësse méi laang dobäi... Ech mengen et ass ëmmer, Wunntierm ass ëmmer gesot ginn, OK, do kritte ee vill Leit dran. Dat ass awer och schonn a verschiddene Länner schifgaangen. Bon, dat Pejoratiivt koum, d'autant plus wann net genuch Gréngraim ronderëm waren. Et ass ëmmer gesot ginn, et soll een eng Verbindung hunn, wann uewen d'Mamm oder de Papp wénkt, soll een ënnen dee Klengen oder dat Klengt nach





gesinn... Et ass ëmmer gesot ginn, europäesche Städtebau, dorënner verstinn ech am Fong Diddeleng. Dat ass dat, wat ech dorënner verstinn. Déi Blockrand-bebauung, wou d'Leit wunnen, wou hannenaus déi Rou ass... OK, et kann net alles sou sinn, et kann och méi eng Densitéit sinn. Mee éier et Wunntierm sinn, do sollt een nach eng Kéier driwwer nodenken. Voilà. An da war nach zum Schluss vum Secteur protégé geschwat ginn a vun där Lëscht, déi dodrunner houg. Déi Lëscht, dat war am Fong een Aarbechtsinstrument wat vun Ufank un, mengen ech, vu Sites et Monuments koom. Well Sites et Monuments mécht ëmmer sou Lëschten, an da ginn déi Lëschten an de Plang iwwerdroen. An déi ass och elo nach an enger gewässer Form läit déi dobäi. Mee déi ass net Bestanddeel vum PAG, well de PAG, dee gëtt jo um Plang definéiert. An et ass do, wou ech dat rëmfannen, et ass jo och parzelleschaarf, et muss een zwar vläicht eng Kéier razoomen, da kann een zwar och seng Parzell liesen. Dat ass dat wat gëllt. Well och déi aner Saache sti jo net an engem Text. Lo ass et lo sou dass déi Ausweisung vun deenen Haiser, déi ass e Bestanddeel vum PAG sou wéi eppes aneschters a si ginn och mat där Prozedur mat virun. Dat ass elo dat, wat elo dozou ze soen ass. D'Leit gesinn de Plang, a si kënnen jo och nach um Internet razoomen, do kënnen si hir Parzell liesen. Ech mengen déi Qualitéite si sou, dass een dat ka maachen, et soll een et vläicht net op sengem Handy maachen... Mee gutt, et kann ee jo och nach op d'Gemeng, do gëtt et Pabeier. Do kann ech et nach eng Kéier vergréssere loossen. Voilà, ech mengen, do hätt ech lo näischt vergiess, wat zum PAG-Relevantem gesot gouf.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Chantal Zeyen nach fir seng Erklärungen. Weider Froen? Da ginn ech d'Wuert weider un de Romain Molitor:

#### ROMAIN MOLITOR (KOMOBILE INGÉNIEURS CONSEILS)

Jo, Merci Här Buergermeeschter. Merci och fir déi vill Réckmeldungen. Wou fänken ech elo un? Jo, Modu-Geschichten, et war sou eng Mëschung aus... wéi mir dat ugesat hunn, mir hunn eis Verkéiers-Etude préparatoire, de Verkéierdeel gemeet. Wat ass flächerelevant? Wat ass innerhalb vun der Gemeng léisbar, a wat ass Gestiou a wat mir nenne Verkéierstechnik? Ech hunn déi lescht zwou Saachen natierlech ewechgelooss, well dat net ëmmer an d'Kompetenze vun der Gemeng fällt. Vläicht hätt ech dat missten an enger Preamble virdru schreiwen. Entschëllegt mech dofir, well dat kann natierlech och sinn. D'Gestiou mengen ech och elo, d'Fro mat de Qualitéite vum Zuch, ech mengen den Här Thill hat dat gesot... Ech hunn elo grad gekuckt, mir brauchen hei vun der Gare-Zentrum bis op d'Gare an der Stad mat Ëmklamme 25 Minutten no Mobilitéit.lu. A mam 207 brauch een elo 20 Minutten an an der Spëtzestonn 50 Minutten. Dir hat e schlechten Dag erwëscht mat 2 Stonnen Här Martini. Da misst Dir mam Auto och 2 Stonne brauchen. (Tëscheruff)

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):

De Moment huet den Här Molitor d'Wuert!

#### ROMAIN MOLITOR (KOMOBILE INGÉNIEURS CONSEILS)

Dat stëmmt schonn, mee dat si Froe vu Gestiou déi ech lo am PAG schwéier ka léisen. Mir ass dat och bewosst. Dat selwecht ass natierlech och gewosst mam Zuch, déi och hei déi Fro komm ass: Firwat elo ëmklammen? Dass et net méi en direkten Zuch ass... Do ass och d'Fro komm: Jo, den Zuch huet kee Stau. Leider ass et esou, den Zuch huet e Stau, dofir huet e jo Verspéidung. Dat ass momentan eng Gestionsfro, déi mir net kënnen op Gemengniveau léisen, obwuel den Zuch immens wichteg wär hei. An där Hisiicht, ass eis dat och wuel bewosst. Mir ginn dovun aus, dass wann déi nei Quaien op der Gare a Betrib gi successiv an zwee Joer, datt et e bësse besser gëtt. An da gëtt d'Gemeng Beetebuerg ëmgebaut an dann dauert dat nach e bëssen an dann ass d'Situatioun mam Zuch sécher besser. Mee dat ass eppes wat natierlech schwierig ass, well dat ass eng Fro vu Gestiou a Betriebsféierung. Quitt datt mir och musse drop opbauen. Dat ass e bëssen eng Zwéckmillchen, déi mer hunn.

Zu de Froen nach, wou ware mer lo do stoe bliwwen? Jo autofräi Quartieren, dat ass e puer Mol komm. Mir plangen der an anere Stied, an anere Länner schonn. Mee mir mussen trotzdeem eng Strooss virun d'Haiser maachen, well d'muss een se trotzdeem erreechen. Ech muss kënnen eppes hiféieren, ech muss kënnen mat de Pompjeeën hifueren, ech muss mat der Ambulanz hifueren kënnen, ech muss mat PMR hifueren. Dat ass also net eng Wiss virun der Dier. Ech wëll dofir warnen. An trotzdeem hu mer ëmmer gréngen Autosverkéier. Dofir sinn och ëmmer déi Zones de rencontre, oder Zones Residentielles als Instrument. Si heeschen an deenen anere Länner verschidden, mee et ass ëmmer déi selwecht Approche, an ech muss dann eppes do virgesinn. Ech muss eppes virgesi fir meng Matbierger, déi PMR sinn, dat ech och do Parkplaze virgesinn op dediéierte Plazen. Also et ass net komplett autofräi, mee d'kann een natierlech ganz autofräi maachen. Datt den Auto um Rand vun enger Siidlung ass, dat ass duerchaus e Standard, deen heefeg ugewannt gëtt. Also du muss een e bëssen oppassen, datt et net ganz autofräi ass. Awer am Prinzip ass dat jo méiglech an där Form. An an der NeiSchmelz et sou ze maachen, do si jo och Sammelgaragen. Déi Froen, déi och do waren, Busspuer, jo/nee? Busspuer, wa se lo net am PAG flächerelevant ass hu mir net erageholl, well mir dat elo an d'Verkéierstechnik a spéider Gestiou eragestuufft hunn, wat ee jo net drun hënnert, datt een dat ka maachen. Ech hunn et net extra erwäant, well mir ëmmer gekuckt hunn, wou brauche mer nach Terrain? Kënnen mer nach Terrain ofzwacke vun lech dann? An dat hu mer dann och gemeet an den Achse fir d'Mobilité active an d'Trames verten. Dat selwecht ass natierlech och mat de Bussen. Déi Iddie sinn interessant. Grad de BHNS ass ugeschwat ginn mat der Neier Schmelz. Mir hunn dofir, fir net am Widdersproch ze si mat der Prozedur vum PAP, d'Mobilitéitskonzept iwwerholl vum Quartier NeiSchmelz, fir datt dat och passt, fir datt dat net am Widdersproch ass. Quitt datt dat nach lo verortet ass mat den Arrêten oder datt do dat ugewisen ass. Mee ech wollt elo näischt Extraes dorop maachen. Dofir hu mir dat sou iwwerholl, wéi et do ass. Dat selwecht ass natierlech och mat dem ëffentlechen Transport, mam Bus. Mir hunn



elo... d'Erschließung iwwert d'Arrêten ass gutt, mee et ass jo nees eng Fro vu Gestiouen. Ech ka mat engem Citybus all Stonn fueren, all hallef Stonn, all Véierelstonn, do ass jo eng Méiglechkeet trotzdeem ginn nach, do ze verbesseren an där Hisiicht. Dat ass awer lo eppes wat ech géif a spéider Phase eng Ëmsetzung an enger verkéiersplanerescher Ëmsetzung maachen déi awer elo net souzesoe flächerelevant ass am PAG. Dat war also elo vläicht do e Mëssverständnis an där Hisiicht.

Mat den Zuelen, ech mengen d'Madamm Heinen hat dat gesot, mir hunn déi Saach natierlech héichgerechent, dat kënne mer schonn. An dat ass och d'Situatioun vun haut, déi ofgebillt ass. Mir hat just vu verschidde Relatiounen net all déi aktuell Zuelen, du hu mir dat héichgerechent. Dat passt schonn an där Hisiicht a mir hunn och do déi nei Saachen héichgerechent. Dat ass zum Deel aus verschidde Datequelle zesummegefaasst ginn a roppgerechent ginn. Also dat an där Hisiicht menge mir, datt mir dat gutt hikritt hunn an dat och ganz genee passt. Wat hätte mer nach hei? Ech mengen dat waren déi weesentlech Saachen, déi ech mer opgeschriwwen hunn. Ech war dertëscht eemol op der Toilette, do weess ech lo net, wat dertëscht passéiert ass vu Wuertmeldungen. Et deet mer leed. Wat och sécher ass hei, wat och ugeschwat ginn ass. Jo de Plang fir d'Vëlosrouten, do hu mer e Phasage derhannert. Natierlech mécht een dat net vun engem Dag op deen aneren. Do muss een e Phasage maachen. Mir brauchen och do fir verschidde Infrastruktur Plaz. Natierlech ass dat och ze diskutéieren. Déi Plaz muss mer jo iergendengem ewechhuele wa mer Plaz brauchen... Dat sinn och kloer Saachen, déi elo net hei Terrain ewechhuelen, mee wou op der Reorganisatioun vun enger Strooss de Gabarit gemeet gëtt an der Reegel. Mir gi jo net dann extra Stroosse verbreederen, ausser et ass eng extra Vëlospist duerch eng Trame verte zum Beispill. An där Hisiicht hu mir dat lo net sou verdéift lo hei an dem Kader vun engem PAG, mee mir hunn eis Achsen erageluecht, déi do wichteg waren, an de Rescht hu mer extra gekuckt an engem anere Volet. Soss, zu den Diskussiounen... jo, ech mengen dat war alles.

Och déi Froen, Parke laanscht d'Stroossen, ech mengen dat war den Här Martini, do sinn ech mat lech. Dat ass eng Fro natierlech, ech brauch lo keen zousätzlechen Terrain dofir, ech kann dat och elo maachen an dofir hunn ech et net an de PAG erageholl, well ech keen zousätzlechen Terrain brauch. Ech brauch keen extra Terrain, dee PAG-relevant ass. Ech hu mäi Stroossegabarit fixéiert an dat ass eng an et ass eng Reorganisatioun vun der Strooss, an ech géif dat bei eis an de Volet Verkéierstechnik gesinn. Dofir ass et net dran an där Form, well dat da géif extrem séier an den Detail goen an dat hu mer ewechgelooss an där Hisiicht. Vlächicht ass dat och e Mangel vun eiser Approche gewiescht. D'steet jo net am Widersproch an net an der Onméiglechkeet, fir dat spéider nach eemol ze maachen. Wa mer dat gesinn, datt dat noutwenneg ass, datt mer do eng Busspuer maachen, sinn ech mat lech. Dat kann een dann trotzdeem nach ëmmer maachen. Et muss ee bedenken datt dat, wat Dir ugeschwat hutt, datt d'Lëtzebuurgerstrooss eng Staatsstrooss ass, do si mir net Chef. An da muss een do och ëmbauen dee Moment. A wann een net Chef ass a wëllt

ëmbauen, dann ass ee Bittsteller. Dat ass och do ze gesinn. Mee ech mengen dat soll eis awer net drun hënneren, fir déi Léisung ze entaméieren, wa se noutwenneg ass. Just si war lo net bei eis an deem ganzen dran. Vill Saache waren natierlech och, déi op nationalem Niveau e Problem sinn, oder Niveau Relatiounen... Wéi kommen ech op meng Aarbechtsplazen an d'Stad? Mir kënnen et net wierklech kommunal léisen. Ech hu mech wierklech op d'Gemeng, op déi Léisung beschränkt, déi an der Gemeng méiglech sinn. Quitt datt een déi hätt kënnen och erabringen, mee dat hunn ech elo ewechgelooss. Wann ech elo soen, OK, ech muss fir dee Virschlag de BHNS iwwer Nierzeng op Féiz ze féieren ass duerchaus eng interessant Iddi. Mee dat läit ausserhalb vun eisem Planungsperimeter dee Moment. Soss hätte mer missen de ganze Südraum matplangen. An dat wär zwar spannend gewiescht, mee ech mengen do hätt ech eng Korrektioun kritt vum Här Buergermeeschter wann ech dat wollt maachen. Ech mengen dat waren déi meeschte Froen. Wann ech lo eppes vergiess sollt hunn, da sot et. Ech mengen ech hunn alles duerchgekuckt.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):**  
Merci dem Här Molitor. Wann nach eng Demande ass.

**MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG):**  
Vlächicht hunn ech et och net richtig matkritt, d'Duebelgleisegkeet: Ass dat dee Korridor tëscht Bireng a Beetebuerg, wou do sou gemoolt ass?

**CHANTAL ZEYEN (BUREAU D'ETUDES ZEYEN + BAUMANN):** Dat ass dat, wat ech kuerz gewisen hat. Dat ass et jo am Fong déi flächerelevant Auswierkung vum Verkéier ass. Déi ass do dran, jo. Zu Bireng.

**ROMAIN MOLITOR (KOMOBILE INGÉNIEURS CONSEILS):**  
Däerf ech do kuerz nach drop äntweren Merci. Jo, dat hat ech elo vergiess, entschëllegt. Am Modu 2.0 ass kloer drageschriwwen, et ass och e Renvoi dorop, datt ab 2028 jo all Zich géifen duerchgebonne ginn, déi vu Diddeleng, vu Wuelmereng fortfuere bis an d'Stad an au-delà op Ettelbréck. Et ass net wéinst dem Besoin, Madamm Kayser vun Ettelbréck, mee et ass dann och eng Fro vu Gestiouen vun der Eisebunn. Well ech dann an der Gare net muss dréinen a kee Gleis occupéieren, soen ech kann direkt duerchfueren an der Stad. Et ass éischer deem geschollt, wéi datt mir lo all op Ettelbréck fuere vun Diddeleng Du kanns héi liicht kommen. Dat ass elo mol dran, dat ass 2028, an ech hu mech net getraut, méi wäit erauszekucken an d'Zukunft, well Lëtzebuerg ass immens dynamesch a mir maache relativ vill Prognosen, net nëmmen zu Lëtzebuerg. Ech weess net, wat an 20 Joer ass, well mir vu ganz staarke Migratiounsstréim ofhänken, déi ganz volatil sinn. A mir war et kloer, mäi Planungshorizont ass 25-30. Well doriwwer eraus wësse mer och net wéi et weidergeet am normalen Autosverkéier.

Do ass eng grouss Konversioun déi kënnt mat Tausch vun Antribssystemer, wou d'Industrie nach net weess, wou et higeet. Mir müssen elo Berechnunge maache vun CO<sub>2</sub> fir 2040 an 2050 fir verschidde Saachen. Ech weess nach ëmmer net wéi ech et soll rechnen,



well et net weess, wou d'Richtung geet, wat keen nach weess, an der Industrie och net. Dofir huelen ech den Horizont op 30 geluecht, ech hunn net driwwer ewechgekuckt. An an deem Fall huet d'CFL jo, an dat ass jo och kloer do agedroen, en Hallefstonnentakt virgesinn. En Hallefstonnentakt bräicht net dat zweet Gleis. Mir hunn awer intern diskutéiert: Hei komm mir huelen eis déi Méiglechkeet awer nach, fir spéider en 2. Gleis zu maachen zu Bireng, datt sech d'Zich souwuel op Usine wéi och op zu Bireng kënne kräizen. Domat hätte mer d'Méiglechkeet, spéider op e Véierelstonnentakt ze kommen a mir verbauen et net. Och wa mer lo wëssen, bis 2028 ass d'Richtung méi oder wéineger kloer. Och vu staatlecher Säit, dat ass jo dokumentéiert. A wat doriwwer eraus ass, do hunn ech mech elo net getraut, eng Ausso ze treffen, déi lo den Norden hält, soen ech sou.

#### DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER)

Merci och fir déi Nofroen an dem Molitors Rom seng Erklärungen. Ech mengen et wär op all Froe geäntwert ginn. Ech kucken och nach op den Här Wonn, zu der SUMP ware keng Froen. Eis Servicer brauchen och näischt ze annoncieren. Claudia, wëlls Du vläicht fir d'Mobilitéit e puer Saache soen? Jo, da maachen ech de Schluss.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Ech mengen de Molitors Rom ass op dat meescht agaangen, vu dass ech lo virun dem Buergermeeschter schwätze kann ech den Datum annoncieren, dee mer de Moie matgedeelt kritt hunn vun der Sekretärin. D'Sekretärin vum Minister huet eisem Agata Bescheid gesot, confirméiert, datt de Minister wierklech den 18.3. dann op Diddeleng kéim. An ech menge Madamm Kayser, da kënnt Dir him all déi Froen, déi Dir virdu gestallt hutt, och do nach eng Kéier stellen. Déi wäerte sécher sech eng Freed maachen lech op alles eng detailléiert Äntwert ze ginn.

Just eppes, mir sinn elo an Zäite vun der Panik vum Corona-Virus. Ech muss awer soen, an d'Madamm Zeyen huet ech och scho gesot, mir maachen e Phasage, mir sollen hei net maachen, wéi wa mir en Zauberstaf hätten a muar wäeren alleguer déi Projete realiséiert a vun haut op muar hätte mir op eng Kéier 5.000 Leit méi an 10.000 Autofuerer méi. Also, virdrun huet ee gesot, ech mengen, dat war d'Madamm Heinen, et géif net schnell genuch heiansdo goen. Jo, eis geet et als Schäfferot och net ëmmer schnell genuch. An Dir wësst, wéi laang mer ganz dacks hei mat Projeten eleng an deem Gemengerot befaasst si bis mer eppes kënne realisieren. Da geet dat nach bei staatlech Stellen, an Dir wësst, wéi laange Planung vun eppes Zäit anhëlt... Sou datt ech déi Panikmache hei wierklech net kann novollzéien. Et ass och gesot ginn, mir wäeren net gutt un de Belval ugebonnen. Bon, mir hunn en TICE-Bus, deen op de Belval fiert. Natierlech steet deen och am Stau. Du kanns natierlech och mam Zuch op de Belval fueren. Et ass gesot ginn, Schëffleng wär besser ugebonnen... Jo, déi leien un enger anerer Zuchlinn, a wann een dann den Zuch hält fir op de Belval, dann ass ee vläicht och méi schnell do. Just als kleng Anekdot. Well Schëffleng virdu gefall ass. Hei zu Diddeleng jäizen d'Leit ëmmer: „Äh, d'si sou grouss Busser a se sinn ëmmer eidel.“ A wann dee Bus da bis zu Schëffleng ukënnt, da jäizen déi Schëfflenger all Kéiers: „Also dee Bus, deen

ass ëmmer voll.“ Et ass gesot gi mir sinn eng Sakgaass, an Dir hutt vläicht den Interview mam TICE-President déi lescht Deeg an der Zeitung gelies, wou deen och gesot huet, datt den TICE ëmmer méi muss op Gelenkbusser setzen. An ech mengen dat seet och eppes aus. Dat seet nämlech eppes aus, datt d'Leit verstärkt op den ëffentlechen Transport ëmklammen. A firwat se ëmklammen? Ech mengen dat ass vun lech allegueren hei gesot ginn, well se eeben am Stau stinn. An ech mengen, datt lues a lues och en Enn ukomm ass an datt d'Leit mussen ëmdenken.

An dat Eenzegt, wat als Emdenken ass fir wäit Distanzen, ass nu mol eeben den ëffentlechen Transport. Virdrun ass gesot gi vum Här Glesener, et gi keng einfach Léisunge op komplizéiert Froen, dat ass nu mol leider sou. Wann et déi nämlech géife ginn, dann hätt bestëmmt deen een oder aneren heibanne se scho fonnt. Et ass och gesot ginn, mir hu keen Zauberstaf. Neen, mir hunn effektiv keen Zauberstaf, a mir kënne och keen zwéngen ëmzedenken oder op den ëffentlechen Transport ëmzeklammen. Mir kënne opklären, mir kënne et hinnen och sou schwéier wéi méiglech maache mam Auto ze fueren, mee zwéinge kënne mer nach ëmmer keen. An ech menge mir liewen och an enger Demokratie. An et ass virdu gesot gi vun dem Madamm Bodry-Kohn datt den ëffentlechen Transport nach ëmmer net a jidderengem säi Liewensëmfeld passt. Dat ass leider sou. Mee ech mengen awer och, datt dat sech ännert. Vum Här Martini ass gesot ginn: „De Verkéier an 20 Joer...“ Jo, mir hu keng Glaskugel. Mir wëssen net, wéi de Verkéier an 20 Joer ass. An Dir hutt gesot, 20 Joer ass u sech eng ganz kuerz Zäit. Jo, ass eng ganz kuerz Zäit, mee mir hunn à peu près deen nammlechten Alter mir zwee, an ech hätt mir virun 20 Joer net kënne virstellen datt mer haut géifen iwuer Carsharing schwätzen. Ech hätt mer net kënne virstellen, datt mer iwuer Elektroautoe schwätzen, iwuer Waasserstoffautoen, iwuer Autobunne fir d'Vëloen. Alles dat hätt ech mer virun 20 Joer net dreeme gelooss. An dofir hu mir keng Glaskugel, an de Romain Molitor ass eeben och schonn drop agaangen. Déi Mobilitéit, a 5 Joer souguer, an 10 Joer an nach vill méi an 20 Joer, wäert eng ganz aner si wéi dat, wat mer haut hunn. An ech ginn emol dovunner aus, datt et eng besser Mobilitéit wäert ginn. Soulaang den Auto méi schnell ass wéi den Zuch oder de Bus ass eng ganz Partie Leit, déi den Auto huelen.

Ech muss awer soen, virdu sot den Här Thill, 35 Minuten ass en Duerchschnëtt, deen hie brauch fir an d'Stad. Hei sëtzen eng Partie Leit, déi reegelméisseg an d'Stad fueren, an och mam Auto. An ech mengen déi meescht géingen dovun dreemen, 25 Minutte fir an d'Stad oder bis op de Kierchbiereg mam Auto ze brauchen. Sou datt ech all deenen, déi sech ëmmer da beschwéieren, datt se eng Stonn am Stau stinn, nëmme ka roden, trotzdeem datt d'CFL ëmmer Verspéidung huet, 46% mengen ech, hat Dir virdu gesot, trotzdeem nëmme kann da roden, deen ze huelen. De Minister hat gëschter eng Pressekonferenz, wou hien och eng Kéier op d'Chifferen agaangen ass, wat alles an d'Schinn investéiert gëtt. Wéi gesot, ech sinn hei net de Porteparole vun der CFL a scho guer net vum Minister.



Hie wäert dat dann alles selwer kënnen den 18. hei widerhuelen. Et ass eng ganz Partie investéiert ginn déi lescht Jore schon, an et wäert och nach méi investéiert ginn. An ech hätt mer eigentlech gewënscht, alles dat, wat elo geschitt, dat wär déi lescht 20 Joer an d'Schinn, an de Bus, an den ëffentlechen Transport investéiert ginn. Da séize mer nämlech hei net ze kregéilen. Mee et ass 20 Joer laang verpasst ginn, eng Schinn ze bauen. Et ass 20 Joer laang verpasst ginn, Suen an d'Hand ze huelen, well mir hu jo aus dem Volle geschöpft. Jiddereen hat jo 2, 3 Autoen. An d'Land war nach net sou iwwer-voll wéi elo. Et stoung nach kee Stonne laang am Stau a wa Schnéi fält nach vill méi. Also huet jo näischt misse gemaach ginn. Lëtzebuerg, mir wëlle bleiwe wat mir sinn. Abee, lo si mer op deem Punkt ukomm, wou souguer dee Bornéiertsten net méi wëllt bleiwe wat en ass. An e wëllt en anere Wee hunn, a Gott sei Dank sëtze lo Leit do, déi dat doten an de Grapp huelen.

Voilà. Ech mengen domat hätt ech mäint gesot. Et ass virdu just nach eppes gesot gi vum Sens unique. Ech weess net, ob de Rom nach wëllt eppes dozou soen. Sens unigen, ech warnen dovunner, well d'Erfahrung eis léiert, och aus dem Ausland, an ech weess net, ob nach ee vun lech zwee wëllt dorop agoen, datt egal wou e Sens unique gemeet ginn ass, d'Vitess extrem an d'Luucht gaangen ass. Voilà. Virdrun ass och nach gesot ginn, d'Kanner kéinten net méi op der Strooss spillen. Dat hänkt a verschiddene Quartiere vläicht och mat der Vitess zesammen, dofir maache mer net gäre Sens unigen. Ech muss awer soen, datt och dat eppes ass, genau sou wéi datt Kanner haut mat dem Auto an de Kllassesall bruecht ginn a jidderee wëllt mam Auto bis virun de Buttek, de Restaurant a seng Aarbecht fueren, dat ass och e gesellschaftleche Problem, an och do, muss mer en Èmdenke kréien, op dat ech agaange sinn.

**CLAUDE MARTINI (CSV):** Entschëllegt, de Mobilitéits-grupp, deen ass vergiess ginn.

**CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN):** Also wéi gesot, mir hunn eng Verkéierskommissioun, dat hat ech effektiv vergiess, an Dir sot, déi daagt net oft genuch. Dir hutt dat mat der Familljekommissioun verglach. D'Verkéierskommissioun ass keng Familljekommissioun. Ouni engem ze no ze trieden. Et ass e bësse méi einfach, e Familljefest ze organiséieren wéi e koherent Mobilitéitskonzept, wéi e Parking résidentiel an e Véloskonzept ze plangen. Do brauch een e bëssi méi laang, a mir kommen an eng Verkéierskommissioun wa mer och eppes um Blat hunn. An dann ass dat natierlech net helleg. Jidderee seet do seng Meenung a mir maachen dann natierlech nach Ännerungen drun ier et eng Kéier an d'Realitéit oder zur Ofstëmmung virgesat gëtt.

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUEGERMEESCHTER):** Merci Claudia nach fir Deng Stellungnam a Remarken. A fir dann ofzeschleissen, éier mer da kruzial op de Vott iwwerginn, wëllt ech och nach e puer Remarken hei maachen. Ech hunn hei eraushéieren, am Kader vun de ganzen Diskussiounen, duerch déi ganz Bänken, dass eis awer parteiwwergräifend eppes wichteg ass, och an der zukünfteger Ausriichtung vum PAG, dat ass d'Identitéit

vun der Stad Diddeleng wahren. Dat ass déi gutt Liewens-qualitéit, dat ass déi sozial Mixitéit. An et ass awer och dat méi verdicht Bauen, do wou et Sënn mécht. Dat sinn déi Points en commun, déi do sinn, an déi och ganz gutt sinn a ganz wichteg sinn. Ech hunn awer och eraushéieren, souwuel bei de Verrieder vun der LSAP, wéi och bei der CSV an och bei deene Gréngen, dass et wichteg ass, moderat ze wuessen. Dass mer dat steieren, dass mer d'Zigelen an der Hand halen an och do de Parallelismus par Rapport zum Transport, wou mer net selwer Acteur sinn als Gemeng, wo mer natierlech och déi staatlech Stelle brauche wéi eng CFL, wéi och Ponts et Chaussées. Ech hunn awer och eraushéieren beim Verrieder vun deene Lénken, dass mer net schnell genuch wuessen. Dass mer méi schnell misste wuessen als Gemeng. Dat huet natierlech da forcement och nach méi e groussen Impakt op d'Mobilitéit, wéi wa mer wéilten gezügel a moderat wuessen. Mir wëlle wuessen an och ronderëm den Transport. Mee ech mengen d'Vuën, déi mir hei rabruecht hunn, déi hunn op deem dote Punkt verschidden Elementer, déi eis awer, ouni dass mer lo diamétralement opposé sinn, an awer mengen ech, sinn do eng Rei Ènnerscheeder. An awer ass et wichteg, dass wa mer weider wuessen, dass mer dat am Kader vun engem Phasage maachen, well dat jo och ugeschwat gouf. Am Kader vun NeiSchmelz, wou mer selwer mat engem Etablissement public, mam Fonds de Logement, Acteur sinn, wäerte mer dat maachen. An och, wéi och d'Erklärung gesot goufen, iwwert d'ZADen, grad do hu mer d'Méiglechkeet et jo och kloer ze steieren. Dat e bësse méi als generell, iwwergeuerdent Remarken.

D'Chantal Zeyen ass jo och drop agaangen, par Rapport zum Här Gangler. Jo, déi Texter, déi mer virleien hunn, natierlech mussen déi och juristesche aviséiert ginn. Si hunn herno eng Base réglementaire. Mir wësse jo och dass am Kader vun där Prozedur, déi mir haut entaméieren, an och fir déi nächst 12 Méint, dass do eng ganz Rei Leit, Personnes physiques, Personnes morales, sécherlech wäerten Abléck an de PAG kréien a sech och mat deenen néidege juristesche Waffen effektiv dotéieren fir déi Texter hei wierklech akribesch ze analyséieren a fir dann och deementspriedend Reklamatiounen ze maachen, déi mer dann och mussen analyséieren. Dofir wär et och wichteg, mat eise Hausaffekt, dem Maître Helminger, nodeems mir fäerdeg waren am Aarbechtsgrupp, dat nach eng Kéier zoukommen ze loossen, fir dann och déi lescht juristesche Vue drop ze setzen. Well do eng gewësse Feinheit, déi mer do och am Aarbechtsgrupp haten, nach zousätzlech derbäi kënnt. Dat war eis einfach wichteg. Dofir waren och déi verschidden Differenzen um Niveau vun de Formulatiounen. Dann, vun der Madamm Kayser par Rapport zu de Plans sectoriels. D'Plans sectoriels, och wa se net en vigueur sinn. Mir mussen soen, dat wat den Ament jo am Gaang ass, dat ass déi zweet Mouture. Déi éischt Mouture huet missen zrëckgezu ginn. Bon, Dir sot bei der zweeter Mouture do ass d'Regierung an der Responsabilitéit. Bei där éischer Mouture, déi zrëckgezu gouf, do war och d'CSV mat an der Responsabilitéit, wéi se lancéiert goufen. Ech mengen dat muss een awer och fairerweis an transparenterweis hei soen, wann een hei eng Referenz mécht op déi aktuell Regierung. Also kann een och net d'CSV aus der Responsabilitéit





loosse par Rapport zu der éischter Mouture vun de Plans sectoriels. Dëst awer gesot, ma d'Plans sectoriels, déi schreiwen sech an an dat neit Gesetz vum Aménagement du Territoire an do ass eng gewëssen Hoheitsgewalt an eng gewëssen dirigistesche Approche, déi war nach ëmmer do beim Aménagement du Territoire, déi ass elo am neie Gesetz e bësse méi gelackert ginn, well effektiv eng Rei Acteuren e bësse méi... an och duerch d'Biergerbedeelegung, déi gemaach gouf, sech e bësse méi kënnen mat abréngen. Mee dat wat sech fir eis, och wann déi Plans sectoriels net en vigueur sinn. Wa se bis en vigueur sinn applizéiert sech op eisen PAG, applizéiert sech da jo och op déi Gemengen, déi scho virun zwee Joer hire PAG duerch d'Prozedur gaange sinn, a wou am Fong déi éischt Mouture knapps zréckgezu gouf.

Also et ass hei keen Alarmismus ze maache par Rapport zu Plans sectorielle, déi nach an der Prozedur sinn. Wa se sech applizéieren an deem Prinzip vum Aménagement du Territoire, a wéi gesot, mat enger gewëssener Hoheitsgewalt mat deene Servituten, mat deene Couloiren, déi superposéiert ginn, da gëllt dat fir Diddeleng, mee och fir all aner Gemeng, ob déi schon hire PAG gestëmmt hunn oder och net gestëmmt hunn. Ech mengen dat ass e bëssen de Prinzip vun dem iwwergeuerdente Votet vun de Plans sectoriels. Dann, par Rapport zu der Diskussioun ronderëm de Bauperimeter. Wou jo och begrësst gouf, dass mer deen net opmaachen. Ech mengen dass dat e klere politesche Choix ass, dee mer hei ganz kloer tranchéieren. Sécherlech, an ech ginn hei dovun aus dass mer an deenen nächste Méint sécherlech wäerten Demanden a Reklamatiounen kréien, dass et an déi aner Richtung soll goen. Dat muss een da kucken wat dann d'Argumentatioun ass. Mee dat wäert awer sécherlech kommen. Do ass och Diddeleng, dat hu mir jo och raushéieren iwwer aner Interventiounen, sécherlech keng Insel par Rapport zu där doter Prozedur. Wat awer och wichteg ass, dass do wou mer am Fong kënnen agéieren, dass mer och do agéieren. Am Phasage, respektiv beim Projet NeiSchmelz, oder wa mer selwer eis, an ech mengen och dat ass jo ugeschwat ginn, eis Réserves foncières wëllen uneegne fir selwer kënnen aktiv ze ginn, z.B. da méi am Locatif. De Stade Meyer ass ugeschwat ginn. Sécherlech denken mer dodrun, mat engem Etablissement public, sief et mat engem Fonds de Logement, mat enger SNHBM. Do lafe Kontakter nach. Och wa mer dee Projet maachen, wéi och vill aner Projeten.

Ech hat ugangs gesot a menger genereller Intro, an Dir hutt et jo och gesot nach eng Kéier Madamm Kayser, mir hu just 10% vun Terrain an der Agglomeratioun. Gréisstendeels, iwwer 60%, ass privat Propriétéit. An do ass et natierlech och en Challenge mat deene private Proprietären, sief et fir Logement, sief et fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, mat deenen an Dialog ze

trieden. Mat deenen ze diskutéieren a se ze iwwerzeegen, dass se mat op de Wee ginn, dass mer iwwert nei Acquisitiounen vun Terrainen, déi mer dann hei am Gemengerot stëmmen, sou eis Sait ze kréie fir par Rapport zur Wunnungsbauproblematik kënnen Wunnengen ze bauen. Wou mer da kloer an de Locatif ginn, respektiv och nei Aarbechtsplazen. Wat mer awer méi Suerg mécht, muss ech lech ganz éierlech hei soen, dat ass e bëssen en neie Moment, an ech baséiere mech do... Bon, et ass elo keen heibannen, deen et direkt gesot huet a senge Stellungnahmen... An och do musse mer kucken, wéi mer eis am Kader vun... Dat beantrachtet dës PAG, an awer och am Kader vum neie Pacte Logement 2.0, dass mer lo eng rezente Jurisprudenz hu vun der Cour Administrative, déi ganz kloer seet, dass d'Virkaufsrecht. An engem virleschte Gemengerot hu mir jo d'Virkaufsrecht spille gelooss, dass d'Virkaufsrecht, den Droit de Préemption, en Acte administratif détachable ass. Dat heescht an Zukunft, wann d'Gemeng wëll, an ech mengen et ass schon eng gréisser Gemeng, wann net déi gréisst Gemeng hei am Land, déi déi Erfahrung lo gemeet huet, respektiv och nach aner Acteuren. Wa mir den Droit de Préemption als Gemeng wëlle spille loossen, dass dann de sougenannte Propriétaire, d'Gemeng, dat wier och en Etablissement public, kann usichen, well et en Acte administratif ass, wa mer net d'Zoustëmmung ginn. An effektiv, de ganze Prinzip vum Droit de Préemption, vum Virkaufsrecht, a Fro gestallt ass. Dat mécht mer Suergen, grad an enger Diskussioun vun engem Pacte Logement 2.0, wou vermehrt d'Gemeng gefrot gëtt, an och dat ass e Bestanddeel vum PAG, dass se Responsabilitéit sollen huelen um Niveau vun der Logementspolitik.

An da musse mer natierlech och kucken dann och souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber, wéi mer deen doten Problem léise fir dass grad déi Diskussioun, déi mer hei féieren, dass mer de Wunnungsbau solle weiderféieren, vläicht méi moderat, vläicht méi schnell, mee einfach vum Prinzip hir, dass mer als Gemengen, als Acteur wierklech dat an d'Hand huelen, wéi mer deem och kënnen gerecht ginn. A mengen ech an enger Zäitspan, et ass elo geschwat gi vun 20 Joer mengen ech, wa mer hei e PAG stëmmen, da stëmme mer dat jo och fir eng gewëssen Zäit. An ech mengen dass awer 20 Joer e Kader ass, an deem ee sech sécherlech och hei ka beweegen. Voilà, dëst e bëssen generell zu de Consideratiounen zum PAG. Ech wollt awer och nach eng Kéier hei ofschléissend präziséieren, dass mer d'Saisine sécherlech lo réischt haut maachen an net den 1. November, net nëmme wéinst der SUMP - Madamm Kayser. Well awer och déi selwecht Leit, déi hei um Dësch setzen, déi intervenéiert sinn, Planungsbüro, ÖKO-Büro, Komobile, wéi och eis Services techniques ganz staark un der Implication ware vun der Modification ponctuelle vum PAG NeiSchmelz, wéi och un der Ausschaffung mat den Architek-



tebüroe vun deene véier PAPe vun NeiSchmelz. A mir hu selwer hei am Gemengerot déi Modification ponctuelle gestëmmt. Mir wäerten och déi véier PAPe kréien. Dat si Projeten, mir hu grad an dësem PAG hei haut de Muere vum Projet NeiSchmelz geschwat, dee weeweisend ass, och an dësem PAG fir d' Stad Diddeleng. Dat sinn natierlech och Projeten, déi ganz vill Zäit an Usproch huelen, an ech mengen dass dat och nieft der SUMP dat Engagement vun deene Leit och dozou gefouert huet, dass mer réischt haut, wéi gesot, an d'Prozedur ginn. Mee dofir awer in weiser Voraussicht virum 1. November alleguer déi wichteg Projeten an déi wichteg PAPen an d'Prozedur geschéckt hunn. Voilà, dat als méi déi generell Consideratiounen iwwer déi ganz Breetband vu Remarken, déi hei gemaach goufen.

Also mengen ech eng ganz Rei Elementer, wou mer déi selwecht Richtung ginn. Eng ganz Rei Nuancen awer och, wou mer net der selwechter Meenung sinn, respektiv wou d'Steuerungsinstrumenter anerer si wéi déi, wou ee kann deementspriechend hunn, well mer als Gemeng net ëmmer eleng agéieren, grad well mer als CDA-Gemeng regionalen, nationale Charakter hunn an och do natierlech mat deenen Acteuren zesummeschaffe fir deen een oder deen anere Projet deementspriechend weiderzedreiwien. An dee leschte Punkt vun der Informationsversammlung, deen huet jo d'Claudia jo hei scho präisginn. Wéi gesot, mir hunn dat confirméiert kritt. Sou mengen ech dass do d'Diskussioun och wäert weidergefouert ginn. Voilà, dëst gesot, mengen ech hätte mer d'Ronn hei de Moien ofgeschloss fir deen heiten Deel, d'Mise en Procédure vum PAG. An da géif ech elo hei d'Kolleginnen an d'Kollegen am Gemengerot froen, op de Wee ze goe fir zum Vott iwwerzegoen.

Wien ass mam Projet vum PAG, sou wéi en hei virläit, averstanen? D'Saisine fir op de Wee ze ginn, jo. Et ass kee Vott définitif. Ech hu gesot, et ass e Projet vum PAG. Et ass nach näischt Definitives. Et ass d'Saisine. Mir ginn op de Wee. **Wien ass mat der Mise en Procédure averstanen? Dat si Stëmme vun LSAP, CSV, déi Gréng. Wien ass dergéint? Wien enthält sech? Den Här Thill vun Déi Lénk.**

Wéi gesot, iwwert dat wou de Gemengerot haut net driwwer befénnt, dat ass jo iwwert de PAG Quartier existant, dee gëtt jo normal am PAP an d'Prozedur geschéckt. Dorobber si mer jo agaangen, dat war jo just pour Information.

### 3. MODIFICATION VUM PAG „RUE MARCEL SCHMITT“

**DAN BIANCALANA (LSAP - BUERGERMEESCHTER)**

An dann ass nach dee leschte Punkt an der öffentlecher Sitzung, dat ass d'Modification ponctuelle vum PAG Rue Marcel Schmitt. Bon, do wëll et hei soen, do ass jo och d'Chantal Zeyen virdrun drop agaangen. Vu dass mer d'Rue Marcel Schmitt an eng HAB1 eranhuelen iwwert d'Saisine ass am Fong déi heiten Mopo vum PAG, déi mer gemeet hu caduque, sou dass mer am Fong dat och sou musse befannen. Bon, Dir hutt natierlech och an Ärem Dossier de Courrier vu Reklamanten par Rapport zu der Modication ponctuelle vum PAG rémfonnt. Deene Reklamante soe mer natierlech Bescheid, dass mer, wann de Gemengerot op deen dote Wee geet, hei effektiv d'Prozedur vun der Modification ponctuelle vum PAG vun der Rue Marcel Schmitt caduque ass, an dass si natierlech kënnen am Kader vun der Mise en procédure vum PAG reklaméieren. An do bleiwe jo souwisou, vu dass mer dee selwechte Prinzip hei applizéiere mat der HAB1, d'Valeur vun hire Reklamatioune bleift jo dann och deementspriechend déi selwecht, well mer jo dee selwechte Prinzip halen. Just hei muss déi formell Decisioun geholl ginn, dass déi Mopo hei caduque ass, well se lo Bestanddeel ass vun der Mise en procédure. Dat awer nach zu den Erklärungen.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime**, da soen ech lech Merci. An da géif ech proposéieren, dass mer an de Huis clos géifen iwwergoen.

- Huis clos -





**#**  
**marché**  
**dujeudi**

DUDELANGE,  
ON DIRAIT  
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN

